

Dann de regionalen Deel, deem iwwert déi bestehend Syndikater ofgedeckt gëtt an dann de lokalen Deel, wéi mer e kennen an der Gemeng. Ech fannen et en fin de compte trotzdem net ganz normal, datt hei iwwert de SEBES, dee 50% vum Investissement dréit, haut 61 Gemengen direkt oder indirekt mat participéieren un engem Investissement, deem en fin de compte awer, wann ech deem a senger Gesamtheit kucken, 118 Gemengen zegutt kënn, och wann déi eng oder aner Gemeng am Land nach autonom ass, woubäi ech soen, datt d'Zuel vun deene Gemengen, déi nach an der Virstellung sinn, datt si esou terribel autonom sinn, vu Joer zu Joer ofhéit.

Et sinn ëmmer méi Gemengen, déi am Summer Schwieeregkeeten hunn, fir hir Autonomie dann och ze gewähren an déi nawell ganz frou si wann de SEBES hinnen iwwert de Summer hir Autonomie dann duerch Waasser vum Stauséi - ech hunn elo just héieren dat war net grad esou gutt wéi verschidden aneres -, mä am Summer si mer dann awer frou wa mer dat Waasser hunn, wann déi Quellen, déi mir op eisen Territorien hunn, net méi esou disponibel sinn.

M. Jos Scheuer (LSAP). - Dofir muss een eng SEBES-Leitung hunn. Wann een déi net huet, dann ass ee gezwongen autonom ze sinn.

M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur. - Dofir si mer jo amgang déi Leitung hei...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Dir Hären, lauschtert dach no. Et gëtt dach iwwer wichteg Saache geschwat, an Dir diskutéiert do, wéi ech weess net wat.

M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur. - Dofir si mer jo amgaangen ze probéieren deen nationale Réseau, Här Scheuer, ze definéieren, deem eis et soll erlaben an all Regioun vum Land an notament och am Oste vum Land hinkommen, wat eis duerch déi hei Leitung och fir den nördlechen Deel vum Oste wäert garantéieren.

Besounesch frou sinn ech, wann ech gesinn, datt déi Solitioun SEBES, déi jo eng Solution d'appoint ass, déi awer e gewëssene Käschtpunkt huet, dat musse mer wëssen, well fir datt mer während deenen zwee, dräi Méint, wou mer et brauchen, verschiddener brauchen et d'ganz Joer, anerer brauchen et relativ weineg, musse mer eng Struktur hunn, déi d'ganz Joer dréint.

Besounesch frou doriwwer sinn ech, wann ech elo gesinn, datt lues a lues d'Gemengen och bereet sinn an de SEBES eranzekommen. Mir hunn um Datum vun haut 61 Gemengen, déi am SEBES sinn an ech si ganz frou kënnen ze annouciéieren, datt mer an deenen nächste Woche wäerten net manner wéi 21 nei Gemengen direkt oder indirekt an de SEBES eraikéien, esou datt sech am Laf vun dësem Joer d'Zuel vun de Gemengen, déi dann direkt oder iwwert de Syndikat am SEBES sinn, op 82 wäert erhéien. Dat geet an déi Richtung. Ech vergläichen dat mam Syvicol, ech vergläichen dat och mat eisem Syndikat iwwert d'Informatik, iwwert de SIGI, datt een trotzdem gesäit, datt och an deem heiten Domän mer awer lues a lues an eng Richtung wäerte kommen, datt mer iergendwann eng Kéier an der Zukunft déi 118 Gemengen an dem Syndikat SEBES hoffentlech wäerten hunn, wat eis dann op där anerer Säit déi Politik, déi mir perséinlech och virschwief, fir eng kombinéiert national, lokal Politik aus der Waasserpolitik ze maachen, wäert wesentlech erliichteren.

Wa mer an eng Richtung wëlle goen, datt mer op eng richteg Part-

nerschaft wëllen hikommen tëschent Stat a Gemengen, wat d'Aart a Weis wéi mer mat der Waasserversuergung hikommen, dann ass et och wichteg, datt mer fir déi Solitiounen, déi mer alleguer fréier oder spéider an ëmmer méi brauchen, nämlech déi, datt mer de SEBES als Solution d'appoint hunn, och an eng Gemeinschaft vun 118, plus de Stat, bereet sinn opzekommen an och bereet sinn driwwer ze diskutéieren wéi déi Politik soll gestallt ginn.

An deem Sënn ass dee Projet hei, an der Hoffnung, datt en net ze vill blockéiert gëtt duerch Propriétéitsproblemer, eng ganz wichteg Etapp um Wee zu engem nationale Waasserréseau, deem eis, dat heescht de Bierger, deene 450.000 Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, d'Garantie gëtt à tout moment, ech mengen et huet ee vun de Virriedner et gesot, et ass ëmmer esou einfach, de Krunn gëtt opgemaach an da gëtt gemengt d'Waasser muss kommen, et ass eng ganz Gestiou, déi hannendru steet, fir datt dat erlaabt gëtt, mä dat hei ass e klengen Deel an engem groussen Netz vun Initiativen, déi geholl ginn, fir dass dee Mechanismus, fir de Krunn ze dréinen, och an Zukunft nach garantéiert bleift.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - D'Diskussion ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5014 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleien de Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 5014 ass eestëmmegeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (par Mme Agny Durdu), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Wohlfart), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanus;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussion vum Projet de loi 4998 iwwert d'Schafung vun enger Administration de la gestion de l'eau. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn agedroen déi Hären Halsdorf, Bodry, Graas, Henckes a Gira. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marco Schank.

2. 4998 - Projet de loi portant création d'une Administration de la gestion de l'eau

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

M. Marco Schank (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Projet de loi 4998, dee mer haut zur Ofstëmmung virleien hunn, bréng mer et, mengen ech, fäerdeg, aus engem ganz laangen Débat eng konkret Konklusioun ze zéien. Et ass een Débat, dee ronn 15 Joer gedauert huet mat der Fuerderung no enger zentraler Instanz, déi sech ausschliesselech zu Lëtzebuerg ëm d'Gestioun vun eise Waasserressourcë bekëmmert. Dat geet effektiv bis an déi 80er Joren zrëck. Et war 1990 wou déi deemoleg Ëmweltkommissioun ënnert dem Rapporteur, dem Kolleg Jeannot Krecké, eng Debatt an der Chamber preparéiert huet, déi déi éischte Kéier am Fong de Prinzip vun esou enger Administratioun an enger Motioun Enn Oktober 1990 festgehalten huet.

Erlaabt mer an dësem Kontext kuerz op de Wuertlaut vun där Motioun anzegoen, déi deemools vun deenen zwou Majoritéitsparteien CSV an LSAP ënnerschrifft gouf. Do waren dräi Phasé virgesinn: „invite le Gouvernement à instituer dans une première phase une cellule de coordination entre les diverses administrations compétentes permettant une collaboration plus efficace en matière de gestion et de protection des eaux“, an dann an enger zweeter Phas: „à regrouper certains services ou parties de services dont le regrouement s'avère simple, rapide et efficace“, an eng drëtt Phas: „à participer activement à l'établissement d'une étude d'opportunité pour définir les autres services qui devront être ajoutés à la structure des gestions des eaux existantes à ce moment-là“.

Effektiv eng éischt Phas konnt et ëmgesat ginn, an zwar d'Asetze vun engem Comité interministériel a vun engem Conseil technique fir d'Koordinéiere vun der Waassergestioun, wéi et am Gesetz dunn den 29. Juli 1993 och ëmgesat ginn ass. Et huet sech awer séier erausgestallt, datt d'Schafung vun engem Waasserwirtschaftsamt alles aneschtens wéi einfach wär, an dëst virun allem weinst Blocagen an eenzelne Servicer. Do ass einfach d'Angscht gewiescht, datt Kompetenzbeschneidunge kënn kommen. Den Text, dee mer haut de Mëtteg virleien hunn, versteet sech deemno als eng ganz wichteg Etapp fir e Mateneen tëschent de Servicer an Administratiounen, déi sech an der Vergaangenheet vläicht éischter mat Virsiicht oder esouguer vläicht mat Mësstraue begeint sinn, an engem ganz sensiblen Beräich.

Eng entscheidend Etapp ass dunn, mengen ech, viru bal fénnef Joer am Koalitionsaccord vum August 1999 tëschent den heitege Regierungsparteie geholl ginn, an ech kann dat nach eng Kéier zitéieren, déi Dispositiounen an deem Text: „Les différentes administrations et divisions de service qui à

l'heure actuelle ont des compétences en matière de protection et de gestion de l'eau seront fusionnées dans une même entité afin de créer l'instrument nécessaire à une véritable gestion intégrée de l'eau, instrument qui relèvera de la compétence du Ministre de l'Intérieur.“ Domat gouf also e weidere Grondstee geluecht an där Debatt, déi ech virdru schonn ernimmt hunn. 13 Joer méi spéit nom Oktober 1990 wäerte mer dann haut en Text adoptéieren.

De Projet definéiert dann natierlech och ganz genee den Objet vun deem neie Waasserwirtschaftsamt. Mir hu sechs Objektiv. Éischens, de Projet kreéiert dat neit Waasserwirtschaftsamt, da fixéiert en d'Attributiounen vun där neier Administratioun, hie kreéiert am Kader vum Waasserwirtschaftsamt eng Partie Divisiounen, déi all hir Kompetenze kréien andeems se hir Roll an enger integréierter Waasserwirtschaft spillen, da kreéiert en de Kader vum Personal an hie regelt d'Carrière vun de Beamten, a last but not least bestätegt den Text och d'Kompetenze vum Waasserwirtschaftsamt andeems en déi betreffend Gesetzestexter eben och de Virgabe vun deem Arrêté grand-ducal vum 11. August 1999 iwwert déi verschidde Ministären upasst.

D'Organisatioun vun där neier Administratioun versicht deemno och verschidde Funktiounen mateneen ze verbannen: Engersäits d'Gestion qualitative, dat heescht de Schutz géint d'Waasserverschmutzung, an anerersäits d'Gestion quantitative, dat heescht d'Verbannen vun ekologeschen a sozioökonomesche Funktiounen vum Waasser an d'Roll vun dëse Funktiounen, dat alles am Kontext vun enger nohalteger Entwécklung.

E wesentlecht Argument fir d'Servicer ze regrupéieren, déi am Beräich vun der Gestion de l'eau schaffen, war de Wonsch vun Ufank un, datt et e Matenee géif ginn an net en Niefteneen, e Matenee fir effektiv och méi effikass kënnen an Zukunft ze schaffen. Dat neit Waasserwirtschaftsamt ëmfaasst folgend Ennerdivisiounen, déi fir eng global Gestiou vum Waasser onerlässelech sinn:

- d'Direktioun,
- d'Divisioun vun der Hydrologie,
- d'Divisioun vum Waasserschutz,
- déi vum Grondwaasser a vum Drénkwaasser a
- de Laboratoire.

Wat elo d'Opdeelung vun deenen eenzelne Kompetenzen an der neier Administratioun ubelaangt, esou ass vläicht ze soen, datt déi sech an der Haaptsaach no de verschiddenen Etapp vum Waasserzyklus selwer ausrichten. Do hu mer éischens d'Divisioun vun der Hydrologie, déi aus der ASTA ervirgeet an déi sech ëm de Regime vum Uewerflächewaasser këmmert, ënner anerem also dem Héichwaasser, awer och ëm d'Renaturéierung vun de Waasserleef an der Fëscherei.

Zweetens, d'Divisioun vum Waasserschutz, déi aus der Ëmweltverwaltung ervirgeet an déi sech an der Haaptsaach ëm d'Qualitéit vum Uewerflächewaasser këmmert, ëm de Stausee, awer och ëm d'Sanéierungsprojeten. Drëttens, eng nei Divisioun, déi vun dem Grondwaasser an dem Drénkwaasser, déi am Fong Spezialisté regrupéiert aus der Administratioun vun de Ponts et Chaussées. A véiertens, d'Divisioun vum Laboratoire huet jo schonn ëmmer an der Ëmweltverwaltung bestanen a wäert als Kontrollorgan an Zukunft eng erweidert Autonomie kréien.

Här President, erlaabt mer vläicht am Ufank kuerz op d'Antécédenté vun dësem Projet anzegoen. De 25. Juli 2002 gouf en an der Chamber déposéiert. Den 10. Dezember huet de Minister dëse Projet der Kommissioun virgestallt. Duerno koumen d'Avise vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés

publics, vum Statsrot de 25. November 2003, a mir hunn eigentlech mat den Aarbechten an der Kommissioun de 6. Januar vun dësem Joer ugefaangen, a mir hunn zwou oder dräi Sëtzunge méi spéit, den 29. Januar 2004, dann och de Projet mat aacht géint dräi Stëmmen ugeholl.

Vläicht ee Wuert zum Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi och generell d'Iddi vum Waasserwirtschaftsamt begréisst. Si ass iwwregens der Meinung, dass d'Effikassitéit vun där neier Administratioun net a Fro gestallt wär, wann d'Kompetenzopdeelung tëschent dem Ministère eng Kéier eng aner wär. Zu gudder Lescht ass et och fir d'Statsbeamtechamber kloer, datt d'Beamten duerch en Transfert an déi nei Verwaltung hir Carrièresperspektive musse behalen.

Här President, den Avis vum Statsrot vum leschte Joer huet eng Partie Froen opgeworf, déi och an der Press diskutéiert goufen. Et sief virausgeschéckt, datt d'Schafung vum Waasserwirtschaftsamt awer net nëmmen eng Revendicatioun vun der Chamber war, wéi gesot scho viru 15 Joer, mä och vum Statsrot selwer. Erlaabt mer an deem Kontext de Statsrot aus sengem Avis vum 8. November 1990 ze zitéieren, wéi d'Gesetz votéiert gouf vum 1993: „Ceci dit, force est de constater que sur le plan de l'administration le pays manque d'un organisme central“, an dann: „Ceux qui proposent la création d'une administration des eaux ayant compétence pour mener une campagne sur tous les fronts où la qualité de l'eau est menacée n'ont certes pas tort.“ De Statsrot werft eng Partie Froen op, op déi ech elo wëll kuerz agoen.

Fir d'éischt mengt en, datt d'Usiidlung vum neie Waasserwirtschaftsamt am Ëmweltministère eng ganz Partie Virdeeler géif mat sech bréngen. E seet virun allem um Niveau vun der Forstverwaltung wier et zu Kompetenzbeschneidungen am Domän vun der Fëscherei an dem Naturschutz komm.

E Volet, vläicht dee wichtegste Volet an deem Avis, betrëfft d'Kaderdirektiv 2000/60 vum Oktober 2000 iwwer eng gemeinschaftlech Politik am Kontext Waasser, wou de Statsrot seet, datt een hätt kënnen am Kader vun deem virleien Gesetz déi Direktiv mat transposéieren. De Statsrot huet eng Opposition formelle ausgeschat a proposéiert de Projet nei op de Leescht ze huelen. De Statsrot huet deemno kee Problem mam Prinzip vum Waasserwirtschaftsamt - dat hunn ech scho gesot -, an eigentlech och kee Problem mat engem Kadergesetz, wou et ëm d'Personalstruktur geet, mä éischter e grondleeënd Problem, well e seet: Maacht e Gesetz an transposéiert gläichzäiteg déi Directive-cadre.

Just dat ass net evident an dat wollt ech hei daillech maachen. De Minister huet an der Kommissioun op d'Problematik vun der Ëmsetzung vun der Kaderdirektiv higewisen ënner anerem duerch d'Tatsaach, datt den Text eng ganz komplex Matière ass, déi an de verschiddenen EU-Memberlänner op verschidden Opfaassungen an Interpretatiounen stéisst.

An enger éischter Phas gouf e Guide ausgeschafft, deen Instruktiounen beinhalt fir eng op EU-Niveau kohärent Applicatioun vun all den Dispositiounen, déi an där Direktiv enthalen sinn. Ënnert der italienscher Présidence gouf nach un där Direktiv gefeilt, sou datt elo eréischt all Elementer vun där Direktiv komplett sinn.

D'Gestioun vum Grondwaasser ass selbstverständlech e wichtige Bestanddeel. Or, wéi d'Direktiv ausgeschafft ginn ass, konnte sech de Rot an d'Parlament net zu engem politesche Konsens duerchringen. Eng sou genannt Directive-fille ass eréischt am zweete Semester 2003 presentéiert ginn, déi all d'Facett vum enger globa-

ler Gestiouen ëmfaasst, an déi och nach sécherlech wäert fir Diskussiounen während der aktueller iredscher Présidence suergen.

D'Europäesch Kommissioun huet doriwwer eraus 2003 nach e Paabeier ausgeschafft, deen zur Problematik vum Héichwaasser Stellung hält an och zu den Iwwerschwemmungen, een Aspekt, deen net an där Directive fille enthalten ass, mä wou d'Grondprinzipien hiren Nidderschlag awer an eis national Législatioun musse fannen.

Aus all deenen Iwwerleeungen eraus war et effektiv richtig nach ofzewaarde bis all d'Elementer en rapport mat der Waasserdirektiv géife virleien, fir e kompletten a kohärenten Text ze maachen. Dobäi muss ee soen, datt déi aktuell Législatioun duerchaus schonn Elementer vun enger globaler Waassergestioun a sech dréit, déi au vu vun där Waasserdirektiv awer net komplett ass, mä de Wee dohinner scho fräi mécht.

Dobäi kënnt, datt d'Europäesch Kommissioun réischt just elo dee leschte Volet vun enger Serie vun Documents-guides fäerdeg gestallt huet, déi hëllef sollen eng méiglechst koordinéiert Transposition vun där Direktiv ze erlichteren an et ze erlaben, datt déi Direktiv gemeinsam an allen EU-Memberlänner kënnt ëmgesat ginn. Dat setzt awer viraus, datt all politesch, administrativ an operationell Démarchen an den Texter an de Beräicher vun der Gestion qualitative an och der Gestion quantitative respektéiert ginn.

Um politesche Plang ass d'Koordinatioun duerch den Innenminister séchergestallt. Um techneschen Niveau sinn elo net manner wéi 95 Beamten an enger Unité centrale, dem Service de la gestion de l'eau, mä si brauchen nach eng Base légale fir mat där néideger Serenitéit kennen ze schaffen.

Zousätzlech zum virleienden Text ass elo schonn eng integréiert Gestiouen vun eise Waasserressource séchergestallt, och wann d'Kaderdirektiv nach net direkt an eis Législatioun transposéiert konnt ginn. Ech komme ganz zum Schluss nach dorop zrëck.

De Statsrot huet op déi eng oder déi aner Imperfektion vun dem Projet higewisen. Dat hu mer och an der Kommissioun diskutéiert, zum Beispill am Kontext vu Gesetz iwwert d'Fëscherei, d'Gesetz vun 1976, an dat vun 1986 iwwert d'Afféierung vu Wäsch- a Botzmëtlen. Doriwwer eraus war de Statsrot der Meenung, datt de Projet zum Deel d'Prozeduren net méi einfach géif maachen, besonnesch um Niveau vun den Autorisatiounen, déi vun elo u souwuel den Innen- wéi och den Ëmweltminister misst ginn.

Här President, opgrond vun deene Froen, déi de Conseil d'État opgeworf huet, wollt ech nach eng Kéier ënnersträichen, datt e breede Konsens an der Kommissioun bestanen huet iwwert de Prinzip vum Waasserwirtschaftsamt. Dese Prinzip gëtt nach eng Kéier am Avis vum Statsrot an am Avis vun der Beamtechamber confirméiert.

Verschiede Memberen aus der Kommissioun hunn natierlech d'Kompetenz vun Innenminister fir d'Waasserwirtschaftsamt ugeschnidden, e Waasserwirtschaftsamt, dat hirer Meenung no am Ëmweltministère eischter soll ugesidelt ginn, well d'Waasser u sech eng natierlech Ressource géif duerstellen. Den Innenminister huet an deem Kontext d'Meenung vertratt, datt d'Gestioun vum Waasser net nëmmen ekologesch an ëmweltspezifesch Aspekter ëmfaasst, mä datt et drëm geet, fir d'Waasser als eng wichteg an indispensable Ressource unzegesinn, déi och am sozioekonomesche Beräich vun eise Land wichteg wier.

En plus, dat kënnt derbäi, wieren d'Gemengen, déi eng Haaptres-

ponsabilitéit hu bei der Waasser- versuergung a bekanntlech dem Innenministère ënnerstinn, e ganz wichtige Partner an deem Beräich. D'Kommissioun ass majoritaire zum Schluss komm, fir dësen Débat net am Kader vun deem Gesetz ze féieren.

(Interruption)

Et ass kee SEBES-Waasser, soss géif ech mech net esou verschlécken.

Als Rapporteur wëll ech nach eng Kéier dättelech maachen, datt mam Projet de loi déi nei Administratioun weder ënnert d'Autoritéit vum Innenminister nach ënnert d'Autoritéit vum Ëmweltminister gestallt gëtt, mä am Text - Dir wësst dat - vum Regierungsmember Rieds geet, deen a sengen Attributiounen d'Politique générale vum Waasser huet.

Här President, och iwwert d'Struktur vu vum Text kënnt een nach eng Rei Remarque maachen, zum Beispill wat d'Attributiounen vun där neier Verwaltung ubelaangt. De Projet inspiréiert sech un enger Partie vu Kadergesetzer, wéi dem Kadergesetz iwwert d'Ëmweltverwaltung, dem Kadergesetz iwwert d'ASTA. Och d'Dispositionen iwwert d'Fëscherei; déi sinn aus dem Kadergesetz vun der Forstverwaltung iwwerholl ginn.

Ech denken och un d'Lutte géint d'Héichwaasser, d'Ëmsetzung vun enger gemeinsamer Politik op deem Gebitt - ech hunn et virdru scho gesot - op europäeschem Niveau, Informatioun an Öffentlechekeetsaarbecht fir dem Public d'Problematik méi no ze bréngen, an dann och déi ekonomesch a juristesch Aspekter am Beräich vun der Waasserwirtschaft.

D'Kommissioun huet kloergestallt, datt d'Administratioun net d'Integralitéit vun de Missiounen iwwerdroe kritt, mä datt beispillsweis d'Gemengen hir Responsabilitéiten an deem Kontext behalen, also wat d'Drénkwaasser ugeet, d'Ofwaassersanéeierung wéi och den Héichwaasserschutz.

Ech wëll an deem Kontext un d'Konklusiounen erënneren, déi mer gezunn hunn am Kader vun dem Débat iwwert d'Kompetenze Stat-Gemengen, wou mer iwwer eng regional, eng interkommunal Approche geschwat hunn.

Des Weidere gesäit de Projet net vir, fir Matière an déi nei Verwaltung ze iwwerdroen, déi nëmme begrenzt mat der Gestiouen vum Waasser ze dinn hunn. Zum Beispill d'Exploitatioun vu Waasserkraaftwierker, Schleisen oder och Barragen.

Wat déi eigentlech Organisatioun vun der Administratioun betrëfft, esou kann ee soen, datt de Statsrot an d'Statsbeamtechamber keng gréisser Observatiounen dozou formuléiert hunn.

Wat d'Carrière betrëfft, déi elo schonn am zukünftige Waasserwirtschaftsamt bestinn, esou huet sech de Statsrot dofir ausgeschat fir kloer Regeln ze definéieren bei der Opstellung vun engem sou genannten Tableau d'avancement. Dat fannst Du am Artikel 24, Paragraph 3. D'Kommissioun huet sech un anere vergläichbaren Texter orientéiert an ass zum Schluss komm, datt esou Regeln net onbedéngt noutwendeg sinn, well de virleienden Text explizit genuch wär.

Da kritiséiert de Statsrot nach just den Artikel 7, dee virgesäit, datt de Comité interministériel fir d'Koordinéierung vun der Gestiouen vum Waasser bäibehale soll ginn. Hie mengt dat hält keng Berechtigung méi. D'Kommissioun war net där Meenung, d'Kommissioun huet dat dättelech gesot, datt eng interministeriell Koordinatioun weiderhin noutwendeg wär an zwar well verschidden Aspekter, déi ënnert d'Responsabilitéit vun aneren Departementer falen - ech denken un d'Gestioun vun Offäll, ech denken un d'Gestioun vu fiichte Wissen, un

de Kommodo-Inkommodo oder och d'Définéieren vun Iwwerschwemmungszonen -, duerchaus een Impakt op eis Waasserressourcen hunn.

Iwwregens war d'Kommissioun och net d'accord mam Statsrot, deen Angscht huet, dass d'Autorisationsprozeduren, déi am Naturschutzgesetz virgesi sinn, méi komplizéiert géife ginn, well se souwuel vum Ëmweltminister wéi och vum Innenminister ausgoe mussen. D'Majoritéit vun der Kommissioun huet sech do den Explikatioun vum Innenminister ugeschloss, dee prezisiéiert hat, datt et sech ëm eng Autorisatioun mat zwou Ënnerschrëften handelt, déi ebe verhënnere soll, datt verschidenaarteg Konditiounen um Niveau vun zwou Autorisatiounen gi ginn, wéi dat an der Vergaangenheet alt emol de Fall war.

Här President, ech hu probéiert mäi mëndleche Rapport esou explizit ewéi méiglech an där Zäit ze maachen, déi mer zur Verfügung steet. Erlaabt mer ganz zum Schluss awer nach dättelech ze maachen, datt mer endlech haut de Mëtteg zu enger Konklusioun wäerte kommen, eng Konklusioun aus engem ganz laangen Débat - 15 Joer, hunn ech virdru gesot.

An ech wëll och nach eng Kéier dättelech soen, datt dat Gesetz, dat mer haut diskutéieren, e Kadergesetz ass, net méi an net manner, dat d'Strukture vun enger neier Administratioun fixéiert a virun allem och d'Kompetenze bündelt, fir an Zukunft eng effikass an nohaltig Politik a Gestiouen vun deem liewenswichtige Liewensmëttelwaasser ze garantéieren.

Här President, no mengem Rapport wollt ech dann och als Vertrieeder vu menger Fraktioun nach eng Motioun déposéieren. An deem Kontext géif d'Chamber d'Regierung invitéieren méiglechst séier mat den Aarbechte fir d'Ëmsetzung vun der EU-Kaderdirektiv an eis Législatioun unzefänken.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant la directive européenne 2000/60/CE du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2000 établissant un cadre pour une politique communautaire dans le domaine de l'eau („Directive-cadre“);*

- *considérant que d'après l'article 1^{er} de ladite directive, il s'agit notamment de prévenir toute dégradation supplémentaire et d'améliorer l'état des écosystèmes aquatiques, de promouvoir une utilisation durable de l'eau, de renforcer et améliorer la protection de l'environnement aquatique et d'assurer la réduction progressive de la pollution des eaux souterraines;*

- *considérant que sur base de l'article 17 de la directive-cadre, la Commission européenne a élaboré un texte pour une directive-fille précisant les mesures visant à prévenir et contrôler la pollution des eaux souterraines, dont une proposition de texte a été présentée à la Commission européenne au cours du deuxième semestre de 2003;*

- *considérant que la Commission européenne a présenté, également en 2003, un papier stratégique sur la maîtrise des crues et la protection contre les inondations;*

- *estimant qu'une législation permettant une politique de l'eau intégrée devrait être construite tant sur les aspects de protection des eaux que sur ceux concernant leur régime et plus particulièrement la prévention des crues;*

- *constatant que la Commission européenne vient de terminer le dernier volet d'une série de documents-guides destinés à faciliter une transposition plus coordonnée*

de la „Directive-cadre“ et d'en permettre une mise en œuvre commune dans tous les pays membres de l'Union européenne;

invite le Gouvernement

- *à entamer dans les meilleurs délais les travaux de transposition en droit national de la „Directive-cadre“ tout en y intégrant*

- *les points forts des mesures permettant une prévention efficace de la pollution des eaux souterraines et*

- *les principes directeurs visant la maîtrise des crues,*

tels qu'ils ressortent déjà maintenant des travaux préparatoires y relatifs de la Commission européenne.

(s.) Marco Schank, Jeannot Beling, Gusty Graas, Nico Loes, Nicolas Strotz.

Ech hu virdrun erkläert, firwat datt et net éischter méiglech war. Ech hu gesot, datt d'Europäesch Kommissioun eréischt just elo dee leschte Volet vun enger Serie vun Documents-guides fäerdeggestallt huet, déi soll hëlfe eng méiglechst koordinéiert Transposition vun där Directive-cadre an all de Länner gemeinsam méiglech ze maachen. Bei der Ëmsetzung sollen déi Punkten, déi elo schonn och an de Virbereedungsarbechte vun der Kommissioun dättelech gi sinn, mat erageholl ginn. Dat sinn der zwee. Éischtens d'Moossnamen am Zesammenhang mat enger wirksamer Preventioun am Kontext mat der Pollutioun vu Grondwaasser. An zweetens d'Preventioun an d'Bekämpfung vum Héichwaasser.

Här President, nom Motto „ayant le courage de nos idées“ géif ech d'Chamber bidden dee wichtigen Text de Mëtteg ze stëmmen. Ech soen lech merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf age droen. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

Discussion générale

■ M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mengem Fraktiounskolleg Marco Schank wëll ech fir d'éischt am Nimm vu menger Fraktioun e grouse Merci fir seng kompetent Aarbecht ausschwatzen. Wéi ëmmer huet hien et verstanen, deenen eenzelne Fraktiounen d'Wichtigkeet vun deem Projet kloer ze maachen. E Projet, dee fir eist Land scho bal en historresche Moment duerstellt - op dësen Aspekt wollt ech d'ailleurs her no nach zrëckkommen.

Ech wëll a mengen Aféierunge fir d'éischt mat e puer generellen Iwwerleeungen ufänken, fir dann op den Historique vun der Iddi vun engem Waasserwirtschaftsamt iwwerzegoen a fir dann zum Schluss mat e puer Haaptkriticken zu deem Projet ofzeschleissen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen d'Element vum Waasser ass e verkannt Element, well mer eis der Tragwäit, der Dimensioun vun dëser Liewensnoutwendegkeet net an deem Mooss bewosst sinn, wéi et eigentlech sollt sinn. Et gëtt näischt méi Selbstverständlech, wéi Waasser hunn. Drénkwaasser, Drénkwaasserschutz, Ofwaasser a Kläranlage gehéieren zum Alldag. Datt an eise Gewässer Fëschaarten zrëckgaange sinn, datt Düngung a Piff, also Nitrater, Problemer a Flëss a Baache bréngen, schéngt relativ weëneg opzereegen; et ass dat wahrscheinlech eng Konsequenz vun eiser Wuelstandsgesellschaft.

Een ähnleche Reflex, dee grad esou weëneg Emotiounen fräi mécht, ass dee wa mer Biller aus der Drëtter Welt gesinn. An dofir mengen

ech och, war et sécher net vu Muttwëll, wéi d'UNO am Joer 2003 dat Joer als d'Joer vum Waasser deklaréiert huet, mä virun allem och an der industrieller Welt - also an eise Länner - hei en neit Bewosstsäin iwwert de Wäert vum Waasser geschaf huet. Ech géif soen, d'Waasser ass wierklech de Begrëff fir Nohaltegkeet an all sengen Dimensiounen.

Eis Aerd ass bekanntlech de bloe Planéit, well d'Waasser dat Element ass, wat mer am meeschten zur Verfügung hunn. D'Ärdoberfläch ass zu 70% vu Waasser couvréiert, mä nëmmen 2,5% vun deem Waasser ass Séisswaasser an 0,3% vum Séisswaasser staamt aus Flëss, Séien a Waasserreservoir. 30% sinn ënnerierdesch gelagert an de Rescht ass stockéiert a Glacieren an Aïsschichten op eisen héchste Bierger, déi schwéier zougänglech sinn. Wann ee weess, datt et kee Liewen ouni Waasser op dem Ärdbuedem gëtt, datt de Mënsch ouni Waasser am Fong geholl nëmme véier Deeg kann iwwerliewen, well eleng den Erhalungsbedarf bei engem Erwessene bei 2,5 Liter Waasser pro Dag läit, da muss ee sech och an eise Breedegraden op een anert Bewosstsäin iwwert dat wäertvollt Gutt vum Waasser astellen.

D'UNESCO huet 2002 an enger „Observation générale sur le droit à l'eau“ Folgendes festgehalten: „Le droit à l'eau garantit à chaque être humain de disposer pour son usage personnel et domestique d'une eau abordable en quantité suffisante de qualité acceptable et à laquelle il peut facilement accéder.“ Den Zougank zum Waasser ass deemno quasi e Mënschenrecht, wat all Stat derzou verflcht, fir am Fong geholl Strategien auszeschaffe fir bei sech déi Konditiounen ze erfëllen, déi onerlässlech sinn, fir den Zougank vun alle Bierger zu qualitativ héichwäertgem Waasser ze garantéieren.

Um Nohaltegkeetssommet zu Johannesburg am Joer 2002 huet d'UNO sech dozou verflcht, fir bis 2015 d'Zuel vun de Leit déi op eiser Aerd keen Zougank zu proppe rem Drénkwaasser hunn an d'Zuel vun deenen, déi iwwert keen adequate Klärsystem fir dat uséiert Waasser verfügen, ëm d'Halschent - also ëm 50% - ze reduzéieren. D'UNO geet haut dervun aus, datt 1,1 Milliarden a méi wéi 80 Länner op der Welt ënnert engem absoluten a chronesche Manktum u proppe rem Waasser leiden. 1,9 Milliarden hu keen appropriéierte Klärsystem a fënnf Milliounen Mënsche stierwen all Joer well se kee propert Waasser hunn. Lëtzebuerg ass un etleche Projekte fir propert Drénkwaasser bedeelegt an dat am Kader vu senger Entwécklungshëllef an de Pays-cibles, déi Nicaragua, El Salvador, Laos, Senegal, Mali a Cap-Vert heeschen.

Här President, firwat dësen Exkurs an déi Drëtt Welt? Ech wollt einfach domadder kloer maachen, datt mer d'Waasser als dat sollen ugesinn, wat et am Endeffekt ass, eng vital an onerlässlech Ressource vum Liewen op eiser Aerd, dat kruziaalt Element vun der Entwécklung an der Drëtter Welt; also en Element dat mer schützen a schätze léiere mussen. Zu Lëtzebuerg kenne mer gewëss net déi Problemer wéi an der Drëtter Welt. Ëmsou méi si mer dozou verflcht, fir verantwortungsvoll mat deem Element ëmzegoen, fir mam gudde Beispill virzegoen.

Dir Dammen an Dir Hären, och zu Lëtzebuerg ass d'Waasserpolitik nach ëmmer een Enjeu gewiescht. Sou ass an de 50er Joren eist Land op de Wee gaangen, fir d'Drénkwaasserversuergung iwwert de Wee vum Stauséi op der Uewersauer ofzedecken an ze garantéieren. Een anere wichtige Volet ass d'Héichwaasserproblematik, déi duerch d'Zersiedelung vun eise Land an eng intensiv Landwirtschaft an d'Ëmweltaflëss an de leschte Joren ëmmer méi akut ginn

ass. An net zulescht ass den Ëmweltschutz e feste Bestanddeel vu bal all Beräich vun der Politik ginn. Eng Matière natierlech, déi de Schutz vum Waasser als eng vun den Hauptachsen ugesäit. Et sinn dëst alles Deelberäicher, Elementer vun enger vaster, technesch héich komplexer Matière, déi mer am heitege Kontext vernetzt an enger horizontaler Dimension musse betruechten a wou eng duerchduechten an eng nohaltig Koordinéierung gemaach muss ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ee verantwortungsvollen Ëmgang mat der Ressource Waasser setzt awer och viraus, datt mer eis um administrative Plang déi noutwendeg Moyaenë ginn. D'Fuerderung vun enger Bündlung vun all dësen Aspekter, vun enger effikasser Waasserpolitik a vun den implizéierten Instanzen, Verwaltungen a Servicer ass net nei - an de Rapporteur huet dëst jo och scho virdrun a sengem Rapport ervirgestrach.

Iwwert d'Schafung vun enger Zentralverwaltung fir Waasser ass et zu Lëtzebuerg säit den 80er Joren ëmmer e politesche Konsens ginn, wann ee sech beispillsweis d'Orientéierungsdebatt vum Oktober 1990 am Detail ukuckt. Just den Här Mehlen huet deemools eng Ausnahm gemaach wéi hie fir den Aktiounskomitee 5/6 d'Wuert ergraff hat, wou hie sech méi kritesch zu dësem Thema ausgelooos huet.

Ech zitieren den Här Mehlen: „...., mä et soll een net higen a muttwëlleg Servicer ausernee-rappen. Leit, déi do implantéiert sinn, déi och nach aner Chargen hunn, elo do erausrappe goen an déi anzwousch anescht setzen. Mir geheien ee bestehenden Dispositif ëm, dee vläicht nëmmen dofir schlecht fonctionnéiert, well op där enger oder där anerer Säit et um gudden Wëlle feelt. Ech froe mech, wa mer eng nei Administratioun schafen an dat ass wuel dacks geschitt, ob mer net e Waasserkapp schafen, deem herno méi schlecht fonctionnéiert wéi déi verschidde Stellen, wou jidderee seng Responsabilitéit huet.“ Dat ass gesot ginn de 24. Oktober 1990.

Ech deelen awer dem Här Mehlen seng Analys a seng Ängschten net, zum Beispill och betreffend déi vum méi schlechte Fonctionnéiere vun deem Service, well bis dato hunn ech keng esou Niewewierkunge matkritt, wou jo awer dëse Service, an dat wëll ech ervirsträichen, scho vun Ufank u vun dëser Legislatur, also säit dem Joer 1999, zesummegeleuecht gouf.

Erlaabt mer an dësem Kontext, datt ech och nach op e puer aner Zita-ter aginn, déi an dëser Debatt expriméiert goufen. Ech wollt do den heitegen LSAP-Fraktionspresident, de Jeannot Krecko ervirsträichen...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wéi has de gesot? Méchs du de Geck mat mir?

(Interruptions diverses)

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Ech maachen ni de Geck mam Här Krecké, mä ech géif awer gär zitieren, wat en den 23. Oktober 1990 hei op dëser Tribün - si war deemools nach an deem ale Look - gesot huet zum Schluss vu senger Interventioun, wat eng laang Interventioun war. Ech hu se ganz duerchgelies an en huet do zwou wesentlech Konklusionen a sengem Rapport gezunn. Hei sot e Folgendes: „Eng aner Fuerderung ass sonder Zweifel an dat ass dann zum Schluss vu menger Intervention, déi vun der Kompetenz-zesummeleeung. Mir kënnen eis hei an op anere Plazen esou vill drécke wéi mer wëllen, laanscht eng kloer Konklusioun kommen ech perséinlech an d'Kommissioun jo och net, dass een hei huet mus-sen de Kapp rëselen, wann een héieren huet an och nach noge-

sicht huet, wéi dee Kompetenzwarr am Waasserberäich hei zu Lëtzebuerg ass. Si hunn och de Kapp gerëselt iwwert dat wat elo säit Joren an deem Beräich geschitt.

Do ass probéiert ginn Ännerungen erbäizeféieren, mä dat ass ëmmer erëm blockéiert ginn. Déi eng an déi aner Administratioun huet blockéiert à tel point, datt ech vläicht eenzelne Verwaltungen op d'Nerve gaange sinn, doduerch dass ech se all gefrot hunn, an Dir hutt ëmmer gefrot, wat haalt Dir dann dovunner, wa mer d'Kompetenzen zesummeleeën. Dofir solle mer am Prinzip a Richtung vun enger Administration, vun engem Service oder vun engem Office goen, egal wéi een dat spéiderhin och wëllt nennen, de gestion de l'eau, wou een dann all déi Servicer, déi eppes domat ze dinn hunn, géing an déi Administratioun, an deem Office oder Service leeën.

Mir stinn och net eleng do. Dat ass net nëmmen d'Fuerderung vun zeg Administratiounen gewiescht. Et ass och d'Fuerderung vum Wirtschafts-a Sozialrot gewiescht a sengem Avis vum Mäerz dëst Joer, also vum Mäerz 1990, deem nämlech gefrot huet, dass mer eppes Ähnlech wéi an Däitschland, déi dat Wasserwirtschaftsamt nennen, hei zu Lëtzebuerg sollen opbauen, quitte dass mer eppes sollen huelen, wat eise Gegebenheeten ugepasst ass.“

Dat sinn also Wieder, Här Krecké, aus dem Joer 1990, an den deemolege Rapporteur vun der Commission de l'Aménagement du territoire, deem iwwregens en excellenten Rapport zur deemoleger Orientéierungsdebatt verfaasst huet. Säin deemolegen zoustännegen Minister, den Här Alex Bodry, Ären Noper haut, mengen ech, war net esou begeeschtert mat verschiddenen Iddien, déi an deem Schrëftstück enthalen waren. Wann ee sech nämlech seng Replik op d'Zong zitt an dat dann noliest, an dat hu mer gemaach...

(Interruptions diverses)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Op der Zong zergoe léisst!

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Ech weess net, ob dat wat ech elo zitieren, lech op der Zong zergeet, mä ech wëll dat awer elo maachen, an zwar schwätzt d'Motion, déi vun der deemoleger CSV-LSAP-Regierung verfaasst gi war - de Marco Schank huet se virdrun ugeschwat - vun enger Emsetzung vun engem Waasserwirtschaftsamt an dräi Phasen, op déi den deemolege Raumplanungsminister, den Här Bodry, folgendermoosse geäntwert hunn.

Ech zitieren lech hien dann och: „Mir wëssen alleguerten an d'Konklusioun vum Rapport weisen dat ganz kloer, wéi schwierig et ass fir d'Kompetenzen zesummenzedroen. Dee Phaseprojet kann ee ganz schwéier an ee Gesetzestext erabréngen. Do si mer eis jo eens. Dat kann ee maachen an der Praxis, mä kaum mat engem Gesetzestext. Bei esou enger Zesummeleeung a Phase weess ech net wat d'Endgebilde ass, wat no deenen eenzelne Phasen do soll erauskommen. Dofir soen ech, loosse mer hei mat Etappe fueren, loosse mer gläichzäitig um praktesche Plang d'Koordinatioun maachen tëschent deene konzernéierte Stellen, loosse mer kucke vläicht verschidde Saachen zesummenzeleeën.“

Voilà, Här President, wann ech dat esou do liesen, da ginn ech den Androck net lass, dass de Kolleg Alex Bodry selwer deemools net wierklech un e Waasserwirtschaftsamt gegleeft huet. Dat ass emol dat wéi ech et gelies hunn a wéi dat sech och esou unhéiert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech hunn d'Position vun der CSV deemools kennt.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Halsdorf, ech weess net, ob ech lech eng Fro soll stellen, well et ass am Fong geholl net fair, well Dir waart zu deem Zäitpunkt nach net an der Chamber.

Wësst Der wat fir eng Partei, ausser der DP, mä déi war an der Opposition, zu där Zäit an der Majoritéit de grouse Bremser war fir d'Kompetenzen zesummenzeleeën, dat war Är Partei.

(Interruptions diverses)

M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.- Den Här Goebbels. Seet dat lech eppes? Erënnert Der lech nach un deen Här?

(Interruptions diverses)

Une voix.- Dat do ass net richtig!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Du waars och e Bremser!

M. le Président.- Den Här Halsdorf huet d'Wuert!

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Merci, Här President. Ech hunn also wierklech aus där Vue, wéi ech et verstanen hunn, well ech jo net selwer present war, geschloss aus deem Rapport, deem ech do gelies hunn, dass et net verwonnerlech ass, dass den Här Bodry während néng weidere Jore kee Projet op den Instanzeweue bruecht huet. Dat ass eng Tatsaach, déi Der net kënnt niieren. An ech stellen och fest, an dat stellt Dir och fest, datt mer haut d'Endgebilde vun engem Waasserwirtschaftsamt kréien, dat ville vun den Ängschten vum Här Bodry entgéintkënnt an déi Zesummenaarbecht, déi zënter 1999 schon tëschent deenen eenzelne Servicer a Verwaltungen am sensible Beräich vum Waasser besteet, an de Gesetzestext integréiert. Dat ass eng Tatsaach.

Ech muss och feststellen, dass d'Kommentare vun de Kollegee vun der LSAP punktuell e gewëssene Groll, e gewëssenen Neid ausdrécken iwwert dat wat se selwer an de leschte 15 Jore net realiséiert kruten. Ech denken do beispillsweis, an dat muss ech awer trotzdem an de Kontext setzen, un de Statslabo, un de Rehazenter an och un dat heite Gesetz vum Waasserwirtschaftsamt. D'LSAP huet et während zéng Jore verpasst...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Dir sidd awer echter. Fir d'éischt blockéiert Der an da sidd Der dofir. Dat do muss een awer fäerdeg bréngen. An deen heite Minister huet keng Ahnung vu Waasser a vum Environnement. Hal dach nëmmen op!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Fréier huet een dat dote pafeg genannt!

M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.- Si gi ganz nervös, Här Halsdorf. Sot hinnen et!

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Ech stellen am Numm vun der CSV-Fraktioun fest, dass d'LSAP et während zwou Legislaturperioden, also zéng Jore, verpasst huet, fir en anstännegen a couragéierte Projet auszuschaffen.

M. Alex Bodry (LSAP).- D'CSV och. Wou war dann d'CSV während zéng Jore, Här Halsdorf? Däerf ech lech eng Fro stellen? Den Här Halsdorf ass jo e Frënd vum Dialog.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Här Bodry, well dat esou ass, brauche mir...

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Här Halsdorf, wann ech gelift. Ech hätt gär, dass mer hei erëm Regeln dra kréien, dass een nom anere schwätzt, net all mateneen. Den Här Bodry huet gefrot ob en lech däerf eng Fro stellen.

(Assentiment)

Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech wollt den Här Halsdorf froe wat d'Position vun den CSV-Regierungsmemberen am Joer 1990 war a wat deemools am Koalitionsof-kommess stoung. Wann e scho seng Texter liest, da kann en dat vläicht noliessen, a wann en der Meinung ass, dass et de Sozialisten hire Feeler ass, dass dat doten net ëmgesat ginn ass, wéi erkläert e sech dann d'Tatsaach, dass ëmmer gesot ginn ass, dass fënnef Ministeren zoustänneg gewiescht wieren? Wéi ass et dann engem Minister seng Schold, dass et näischt ginn ass?

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Ech géing lech biede roueg ze sinn. Ech wollt dem Här Minister soen, hien hätt d'Wuert och net.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Här Bodry, ech menge wat relevant ass, dat ass dat wat mer haut diskutieren a wat dobäi erauskomm ass. Fir mech ass, wann ech dat an de Kontext setzen wou ech dat gelies hunn, d'Waasserwirtschaftsamt déi ganz Geschicht vun de verpasste Geleeenheeten. Dat ass nun eemol esou an dat ass net ze niieren. An ech géif soen, dat war de Fall, an ech hunn et gesot, mat der Rockhal, mam Rehazenter, mam Statslabo, dat ass esou. Ech weess, et héiert een dat net ganz gär, mä et ass nun eemol esou an ech mengen domat sollte mer e Stréch drënner zéien a mir sollten eis bewosst sinn, dass dat esou ass.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir sidd definitiv als Hypokrit klasséiert.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Ech wëll lech just soen, Här Di Bartolomeo, wann een engem d'Wourecht seet, da gi verschidde Leit queesch.

(Interruptions diverses)

Ech muss awer och feststellen, wann ech déi ganz Vergaangenheet elo kucken, déi ech lech elo gesot hunn an déi kierzlech Diskussioun, déi mer an der Kommissioun haten, Här Bodry, da verstinn ech och dat wat Dir gesot hutt. Dir hutt nämlech gesot, d'Regierung wëllt op Däiwele komm eraus dëse Projet duerchboxen, a wann den Text och net vollstänneg a gutt iwwerluecht ass, egal wéi. Dat hutt Der ëmmer nees répétéiert.

Ech kann domat net d'accord sinn, well wann Dir sot, duerchboxen, et si vill Punkten, déi sech an der Realitéit bewäert hunn. Dat kënnen mer haut feststellen. An der Praxis fonctionnéieren verschidde Servicer ganz gutt. De Modell huet sech bewährt. Da kann een net soen duerchboxen. Wann een eppes duerchboxt, dann hat ee keng Zäit ze schaffen an ech sinn der Meinung, dass verschidden Zesummenaarbechte besser fonctionnéieren wéi se bis dato fonctionnéiert hunn.

A wa mer soe mir géifen hei Saachen duerchboxen a Projeten net fäerdeg maachen, da kann ech an der parlamentarescher Geschicht zrëckkucken, an da kann ech kontextuell an och an der Form nach aner Projeten ervirhiewen. Zum Beispill och een, deen an der Hetz evaküiert ginn ass, dat héiert ee vläicht och net gären, mä dat ass dee Projet vun der Rockhal vun Esch/Belval.

Une voix.- Oh, wat huet dat da mat der Eisebunn ze dinn?

M. le Président.- Ech bieden lech, wann ech gelift!

Une autre voix.- Wou ass se dann elo drun? Hutt Dir dee gestëmmt gehat deemools, dee Projet?

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Ech schwätze vun der Rockhal vun Esch/Belval.

Une voix.- Hutt Dir dee gestëmmt?

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Jo, natierlech hunn ech dee gestëmmt! Dir maacht e Reproche, Dir sot...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Ech stelle fest an deem Kontext vun deem Projet Rockhal, do stoung an enger bekannter Wochenzeitung...

M. Alex Bodry (LSAP).- Dir äntwert schonn op eng Ried, déi ech nach net gehalten hunn!

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).- Do stoung an enger Wochenzeitung, am „Lëtzebuerger Land“, den 22. Dezember 2000 vum José Hansen, „Histoire des actes manqués du parti socialiste“: „Les socialistes ont bien encore réussi à faire voter d'urgence la salle de rock, mais on sait bien que cela n'était qu'une manœuvre électorale. Le projet a été loin d'être réalisable.“ Dat sinn also och Tatsaachen. Ech liesen ëmmer nëmme Saache vir, déi ech gelies hunn.

(Interruptions diverses)

De Rescht vun der Geschicht, dee kenne mer alleguerten, an et ass awer esou, dass d'CSV an d'DP en neie Projet gemaach hunn an och gestëmmt hunn, an dat ouni elektoralen Zugzwang. Dat ass eng Tatsaach.

Deen heitege Projet, dee mer haut hei stëmme wäerten herno, deem hält d'Strooss, a mir wäerten deen och ëmsetzen, an ech denken drun, datt d'Regierung dee Virwurf net gëlle ka loosse, datt se d'Gesetz iwwert d'Waasserwirtschaftsamt esou séier wéi méiglech duerchboxe wëllt, mat der Majoritéit an dëser Chamber. A wann dëst nu wierklech esou wär, wéi gesot, dann hätt net nëmmen dës Regierung, mä dann hätt d'LSAP spéitstens 1999 mat der Rockhal dës Method fir esou ze schaffen salonfäeg gemaach. Dat muss ee kloer hei soen.

(Hilarité)

Här President, op den Inhalt vum Gesetz wëll ech awer och nach kuerz agoen. Net am Detail, de Rapporteur huet dat jo scho gemaach, an de Minister wäert eis herno sécher nach e puer Präzisiounen mat op de Wee ginn. Ech wëll awer e puer Punkten opgräfen, déi d'Kommissioun an hirer Aarbecht detailléiert beliicht huet. Et ass kloer, datt d'Kommissioun net konnt iwwert den Avis vum Statsrot ewechgoen. D'Memberen aus der Kommissioun hunn den Avis zesumme mat de Vertrieder aus dem Innenministère an dräi Sätzungen am Detail analyséiert. Den Avis vum Statsrot ass also net esou negativ ausgefall wéi d'Opposition eis dat wëllt gleewe loosse.

Fir d'éischt wëll ech also drop hiweisen, datt de Statsrot schonn 1993 och e Waasserwirtschaftsamt gefuerdert huet, an de Marco Schank hat dat jo och virdrun a sengem Rapport scho gesot. A wann een des Weideren zweetens d'Opposition formelle vum Statsrot eraushëlt, dann ass den Avis ëmmer nach e kriteschen, mä e konstruktiv positiven, dee sech weder un der Organisatioun vun der neier Verwaltung nach um Organigramm vum Personal stéisst. Op wäite Punkte sinn d'Kommissioun an de Ministère mat op de Wee gaange vum Statsrot an hunn déi Ännerungen virgeholl, déi zur Kohärenz an

zur Kloeerheet vum Text bäigedroen hunn.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Et ass eng Ännerung...

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- En plus muss een och nach erwähnen...

(Interruption)

■ **M. le Président.**- Wann ech gelift, ech bieden lech!

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Elo sot awer keng Onwouerechten hei! Dir kennt jo den Dossier guer net!

■ **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).**- En plus muss een och erwähnen, datt d'Opposition formelle vum Statsrot sech ausschliesslech op d'Net-Transposition vum der Kaderdirektiv 2060/CE bezitt, wou all d'Elementer bis elo nach net gewosst waren, a wou déi iresch EU-Présidence amgangen ass, déi allerlescht Elementer ze finaliséieren.

Ech a meng Fraktioun sinn d'accord mat der Iddi, datt eréischt d'Ëmsetzung vum der Waasserdirektiv an eis Législatioun eng integréiert Waasserpolitik kompletéiert. De Rapporteur an de Ministère hunn de Membren aus der Commission de l'Intérieur awer och kloer gemaach, datt et sech ëm eng komplex Matière handelt, déi eréischt no räifer Viraarbecht an eis Législatioun kann ëmgesat ginn. Ech denken, datt déi virleidend Motioun, déi vun der Majoritéit ënnerschriwwen ass, een Incitant fir d'Regierung ass fir d'Aarbechten an den zoustännegen europäeschen Institutiounen virunzedriewen an zu engem Enn ze bréngen, fir duerno mat der legislativer Aarbecht fir eng schnell Ëmsetzung an eis Lëtzebuerger Législatioun unzekommen.

Schliesslech soll een och folgenden Aspekt nach net vergiessen: Fir elo mam Gesetz iwwert d'Waasserwirtschaftsamt ze waarden, bis mer eis kënnen un d'EU-Direktiv maachen, géif och dat implizéiert Personal an der Schwief halen. Ech ginn hei ze bedenken, datt trotzdem am Moment 95 Leit an deem Domän beschäftegt sinn, an et géillt mat dem virleierende Gesetz dëse Leit och eng gesetzlech Sécherheet ze ginn iwwert hir Carrière an hir Missiounen an de betreffende Services an Divisionen. Dëst ass e weidere wichtege Grond, wéi ech elo grad gesot hunn, firwat d'CSV-Fraktioun dëse Projet och wäert stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och nach d'Diskussion iwwert d'Tutelle vum Innenministère respektiv dem Ëmweltministère nach eng kéier abordéieren, fir dann de Standpunkt vun der CSV-Fraktioun och an dëser Fro duerzeleeën. Ech wëllt och nach eng kéier ervirsträichen, datt d'Kommissioun majoritairement zum Schluss komm ass, datt dës Grondsaazdiskussion iwwert d'Tutelle net am Kader vun dësem Projet gefouert soll ginn.

Da wëll ech och preziséieren, datt de virleierende Projet net expressis verbis festhält, datt d'Waasserwirtschaftsamt beim Innenministère ugesidelt muss sinn, mä datt am éischten Artikel Folgendes steet, also am Artikel 1: „Il est créé une administration de la gestion de l'eau, ci-après appelée administration placée sous l'autorité du membre du Gouvernement ayant dans ses attributions la coordination de la politique générale de l'eau.“ Ech a meng Fraktioun, mir sinn der Meinung, datt dem Minister seng Argumenter, fir déi nei Verwaltung am Innenministère unzesidelen, duerchaus stéchhalte Argumenter sinn, déi mer och kënnen nollzéien. Fir d'éischt wëll ech och nach eng kéier ënnersträichen, datt de Choix vum Innenministère 1999 e Kompromëss war, well et u sech een neutrale Ministère sollt sinn, dee sech ëm d'Waasserpolitik sollt këmmern.

Ech ginn ze bedenken, datt et haut Gemenge ginn, déi bekanntlech ënnert der Tutelle vum Innenminister stinn an déi fir d'Waasserversorgung responsabel sinn. Dëst ass, mengen ech, e ganz wichtegt Element vun enger integréierter Waassergestioun, déi een iwwerengs haut net ausschliesslech duerch den ekologesche Brëll ka kucken, mä déi e wichtege Bausteen an enger nohalteger, sozio-ekonomescher Entwécklung vun eisem Land duerstellt. Fir elo d'Waasser entweder der Ekonomie oder der Ëmwelt zouzegestoen, wier eng eesäiteg Décisioun, déi de reellen Enjeu vun enger nohalteger Waasserpolitik verkennt. Et kéint ee jo déi Iwwerleeunge maachen, datt ee kéint dat eent oder dat aner maachen.

(Interruption)

Dir kënnt dat och maachen. Wann Dir Loscht hutt, kënnt Der dat maachen, Här Krecké.

(Interruptions diverses)

Ma wann Dir dat wëllt maachen, da maacht Dir dat och. Da kréie mer eng flott Diskussion. Mir kënne allzäit, mir als CSV-Fraktioun, mat der Léisung vum Innenministère gutt liewen a mengen...

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Den Här Minister seet lech herno déi wirtschaftlech Komponenten. Da gesitt Der, datt dat net esou dernieft war fir dat ze soen. Ech mengen, datt et eng rasonnabel Entscheedung...

(Interruption)

Also nach eng kéier: Mir kënne mat der Léisung vum Innenminister gutt liewen a mengen, datt et eng rasonnabel Entscheedung duerstellt fir d'Waasserpolitik mëttelfristeg do ze koordinéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend wollt ech nach eng kéier d'Grënn kloer maache firwat d'CSV-Fraktioun dësem Projet seng Zoustëmmung gétt. Mir stëmmen dëst Gesetz wou mer deene Leit, déi an dësem Secteur beschäftegt sinn, an dat sinn der ëmmerhi 95, déi noutwendeg Berufssécherheet an hire respektive Carrière mat op de weidere Berufsswee wëlle ginn.

Zweetens, mir menge weider, datt d'Diskussionen iwwert d'Waasserwirtschaftsamt mussen en Enn huelen an datt den Débat, deen an der Mëtt vun den 80er Joren, dat sinn also scho bal 20 Joer, entaméiert ginn ass, zu engem glécklechen Ofschluss am Kader vun dësem Gesetz komme soll. D'LSAP ass an dësem Dossier net iwwert d'Absichtserklärungen erauskomm an huet sech nëmmen duerch Attentismus, also ofwaardend Haltung ervirgedoen. Mat dem Text vun der jëtzegeger CSV-DP-Regierung ginn endlech, an dat muss ee soen, Neel mat Käpp gemaach.

Drëttens, mir stëmmen dat Gesetz well mer e Waasserwirtschaftsamt brauchen. Och eist Land muss d'Waasserpolitik als en integréiert Politikfeld gesinn, déi nëmmen an den Zesammenhang mat aneren Aspekter ka betruecht ginn. Duerfir brauche mer och um administrativ Plang eng Institutioun, déi sech den Erausforderunge vun enger integréierter Waassergestioun unhëlt.

A véiertens: Mir stellen eis och hanert dëst Gesetz, well mer domadder der Kaderdirektiv virgräifen, déi sech als Objektiv eng integréiert an ëmfaassend Waasserpolitik setzt. Mir leeën domat d'Jaloné fir eng erfollegräich Ëmsetzung vun dëser Direktiv, wou mer d'Integralitéit vun den Donnéeën nach net hunn, mä déi mer awer esou schnell wéi méiglech an eis Législatioun iwwerdroe mussen.

Ech denken domat wier villes iwwert dëst Gesetz gesot. Ech bréngen och nach eng kéier den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Merci, Här Halsdorf. Den nächste Riedner ass den Här Alex Bodry. Här Bodry, elo hutt Dir d'Wuert.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- An ech ginn dat Wuert och net méi of, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt merci dem Rapporteur fir säi sachleche Bericht, och wann ech inhaltlech net alles dat deele wat drasteet.

Ech bedauern déi polemesch Ënnertéin, déi onbegrennt vum CSV-Sprieche, dem Här Halsdorf, hei erabruucht si ginn, dee manifestement déi lescht 13 Joer deen Dossier net verfolgegt huet an och esouguer déi lescht puer Wochen en net verfolgegt huet, soss hätt hien net kënne hei behaapten, d'Chamber hätt allen Awänn vum Statsrot Rechnung gedroen. Et ass net een Amendement vun der Chamber gemaach ginn. Et ass grad dat wat mir kritiséieren, déi Onzoulänglechkeeten, déi de Statsrot opgeworf huet, d'Opposition vum Statsrot um ganzen Text. Do mécht dës Koalitioun, dës Majoritéit wéi wa se net géif bestoen, wéi wann dat bal eppes Gängeges wär iwwert dat ee sech ka ganz einfach mat engem risege Schrëtt ewechsetzen. An et ass grad dat wat mir net akzeptéieren, wéi ech och net akzeptéieren, dass hei Geschichtsfälschung gemaach gëtt vun engem deen nollise léisst an net derbäi war.

Well firwat ass et effektiv net zu méi Zesummeleue vum deem Ganze komm? Well natierlech déi zoustänneg Verwaltungen net wollte mat op deen dote Wee goen. Dës Regierung huet se einfach net gefrot, si huet einfach vu vierenan décidéiert. Ma da war dat dann esou. A well effektiv an notament d'CSV-Landwirtschaftsministeren, egal wien dat war, sech an all Regierung opposéiert hunn.

■ **Une voix.**- Dat ass net wouer!

■ **M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Et ass grad esou wouer, wéi dass d'CSV-Landwirtschaftsminister dergéint gewiescht wieren. Genau esou wouer a genau esou falsch.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här Wolter, zu där Zäit wou déi doten Diskussionen am Regierungsrot gefouert si ginn, waart Dir net Member vun der Regierung. Et deet mer Leed, Dir kënnt also net vun där Zäit schwätzen.

■ **M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Den Här Krecké awer sécher och net!

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Ech weess awer méi dovu wéi Dir!

(Coups de cloche de la Présidence)

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Ech schwätzen hei vun der Zäit vun 1990 an 1994 wéi et deemools ëm de Koalitiounsaccord gaangen ass. Ech akzeptéieren net, dass an deem heiten Dossier, wéi a villen Dossieren, d'CSV mécht wéi wa se während deene leschte 15 Joer näischt mat der Regierung ze di gehat hätt. Just de Contraire ass de Fall. Si sinn elo gläich 25 Joer dran, et ass vläicht ze laang, dass se dra sinn, datt se rappeléiert kréien, dass dat keen Automatismus ass.

Mä loosse mer no där Kloeerstellung hei zum Projet de loi zrëckkommen. Mat dësem Gesetzesprojet gétt also d'Schafung vun enger neier Verwaltung proposéiert, e sou genannt Waasserwirtschaftsamt oder eng Administration de gestion de l'eau.

Et ass eng Iddi, déi hire Wee gebraucht huet, déi nach laang net

ëmmer, an ech géif lech bieden emol d'Wahlprogrammer, net nimm vum 1999, nozeliesen, mä gitt emol an Är Wahlprogrammer vun 1989 a vun 1994 kucken, wat do zu deem Thema bei deenen eenzelne Parteien drasteet, anstatt datt een hei hardi drop lass ried, dann ass et kloer, dass mer et hei mat enger Iddi ze dinn hunn, déi hire Wee huet misse maachen an dee se gemaach huet. Well an de Wahlprogrammer, awer nimm bei deenen leschte Wahlen, 1999, war praktesch bei sämtleche Parteien, ech hunn déi nogelies vun deenen dräi grouse Parteien, d'Iddi vum Waasserwirtschaftsamt dran erëmfazefannen an am Parteiprogramm vun der LSAP 1999 war ze liesen, ech zitieren: „Im Sinne einer integrierten Wasserschutz- und Wasserwirtschaftspolitik befürworten die Sozialisten die Schaffung eines nationalen Wirtschaftsamt welches dem Umweltministerium untersteht.“ Voilà, dat ass och haut nach eis Positioun. Mir änneren déi net, eng Positioun, déi sech ëm zentral Begrëffer dreint.

1. Eng integréiert Waasserschutz-a Waasserwirtschaftspolitik, déi awer emol muss definéiert ginn.

2. D'Schafe vun engem nationale Waasserwirtschaftsamt, dat dem Ëmweltminister sollt ënnerstoen. Dat si genau déi Punkten, déi ech och haut verrieden an déi mer zënter Joren an deem doten Dossier vertrat hunn, wat eise Wahlprogramm bei deene leschte Wahlen beweist.

Wat mer bemängelen, dat ass net déi Iddi, déi ëmgesat gëtt, mä wat mer bemängelen ass déi Aart a Weis wéi den Dossier ugepaakt ginn ass, d'Feele vun inhaltlechen a politeschen Zilsetzungen an deem heiten Zesammenhang an och déi ongenügend Preparatioun an elo zum Schluss déi onnéideg Hektik bei der Endphas vun der legislativer Prozedur. Doduerch gëtt eng u sech positiv Iddi, d'Zesummeleue vum de Kompetenzen am Waasserberäich an d'Schafe vun enger grousser technescher Waasserverwaltung, vermurkst, denaturéiert an esou och praktesch a politesch contestabel gemaach.

Anstatt an engem breeden Dialog am Virfeld mat virbereetenen Texter a Konzepter esou eng Verwaltungsreform unzegoen ass emol an Zäit vu kuerzen Diskussionen bei de Koalitiounsverhandlungen am Summer 1999 décidéiert ginn, mir maachen dat a mir maachen dat ënnert der Responsabilitéit vum Innenminister, dee bis elo an deem doten Dossier ni am Spill war. Zoufälligerweis gehéiert den Innenminister der CSV un, mä dat war wahrscheinlech de Präis, deen ze bezuele war, fir d'CSV dozou ze bréngen déi Iddi do ze akzeptéieren, déi se virdru refuséiert huet.

Et ass bedauerlech.

■ **M. le Président.**- Här Bodry, erlaabt Der, datt den Här Minister Grethen eng Fro stellt?

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Selbstverständlech.

■ **M. Henri Grethen, Ministre de l'Économie.**- Här President, ech wollt als ee vun deenen, déi bei deene Koalitiounsverhandlungen derbäi waren, soen, dass fir d'éischt d'Diskussionen iwwert d'Kreatioun vun engem Waasserwirtschaftsamt gefouert gi sinn, duerno ass gesot ginn, si kommen an den Intérieur an eréischt ganz zum Schluss ass diskutéiert gi wie géif den Intérieur kréien. Wier et mir nogaangen, Här President, därerf ech dat och nach soen, hätt d'Demokratesch Partei den Intérieur kritt, mä do waren aner Ursaache schold.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här Grethen, ech hätt awer schon deemools bei lech, zum Ufank vun de Koalitiounsverhandlungen, all Wetten ofgeschlossen, dass Dir den Innenministère net géift kréien,

dass dee géif bei der CSV bleiwen. Déi hei hätt ech gewonnen.

(Interruptions diverses)

■ **M. le Président.**- Här Bodry, wann ech gelift, fuert weider.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Wat bedauerlech ass bei deem helte Virgoen, ass och, dass eigentlech et hei jo net nëmmen ëm d'Schafung vun enger neier Verwaltung geet. Dat ass dat eent, mä et ass verbonne mat engem massiven Transfert vu Kompetenzen, déi bis elo haaptsächlech am Ëmweltministère ugesidelt waren, deen de gréissten Deel vun de Kompetenzen am Waasserberäich hat an de ganze Waasserschutz praktesch ënner senge Fittichen hat zënter der Kreatioun vun deem Ministère a wou elo duerch déi Diskussion iwwert d'Schafung vun enger Verwaltung am selwechten Otemzuch praktesch déi ganz Waasserkompetenze vum Ëmweltministère transferéiert gi si bei den Innenminister. Hei geet et net ëm Persounen.

■ **M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Dat ass carrément falsch.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Wat soll déi topeg Bemierkung?

■ **M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Dat ass iwwerhaapt keng topeg Bemierkung. Et ass transferéiert gi bei dee Minister, deen d'Waasser a sengen Attributiounen huet an net bei den Innenminister. Ce qui est une extrême nuance.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Zoufällig seet awer den Arrêté grand-ducal, deen d'Kompetenze festleet an der Regierung, dass den Innenminister zoustänneg ass fir d'Waasserpolitik. Elo kënne mer hei spillen, mä et ass evidenteweis, dass déi Kompetenzen ënnert dëser Regierung fortgaange si vum Ëmweltminister a si si bei den Innenminister gaangen. Dat ass richtig.

■ **M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Si si bei dee Minister gaangen, deen d'Waasser a senger Kompetenz huet.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Den Arrêté grand-ducal vun 1999 kennt nëmmen den Innenminister, e kennt kee Minister deen d'Waasser a senger Kompetenzen huet. Et deet mer Leed.

(Interruptions diverses)

■ **M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- D'Gesetz kennt awer de Minister deen d'Waasser a senger Kompetenz huet.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ech mengen, den Här Minister kann am Moment d'Waasser net halen.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- D'Gesetz gëtt et nach net, Här Minister. D'Gesetz gëtt et vläicht an dräi Méint, wann et eng kéier an der Chamber sollt gestëmmt ginn.

■ **M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.**- Da musst Dir gutt Konnexiounen am Statsrot hunn.

■ **M. le Président.**- Ech géif lech bieden erëm alleguerten e bësse roueg ze sinn, wann ech gelift. Den Här Minister kritt herno d'Wuert, wou e kann drop äntweren.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Also ech verstinn eigentlech déi Nervositéit net, déi hei herrscht. Wann dat hei esou e formidablen Text ass, da verstinn ech déi Onrou net. Da misst jo jiddere roueg an zefridde sinn an därerf sech eigentlech keng Gedanke maachen iwwer iergendwellech Kriticken, déi e klengen Deputéierten hei äussert am Parlament. Dir misst eigentlech iwwert deene Saachen do stoen. Mä dat schéngt mer also Recht ze

ginn an et schéngt och dem Statsrot Recht ze ginn, dass alles net esou gelaf ass wéi et eigentlech hätt kënne lafen an deem heiten Dossier.

Lëtzebuerg gëtt duerch déi Kompetenzopdeelung, déi dës Regierung wëssentlech virgeholl huet, dat eenzegt Land an Europa, vläicht esouguer op der Welt, wou de Waasserschutz net an der alleiniger Kompetenz vum Ëmweltminister ass.

Mir hu jo nach déi ganz geckeg Situatioun, dass déi dote Froen eigentlech dann zu Bréissel och vun den Ëmweltministern diskutéiert ginn, zu Lëtzebuerg awer den Innenminister zoustänneg ass fir d'Ëmsetzung vun deem wat zu Bréissel diskutéiert ginn ass. Beispill: d'Direktiv-Kader iwwert d'Waasser ass am Ëmweltconseil diskutéiert a verabschiedet ginn an zu Lëtzebuerg ass et den Innenminister, deen d'Ëmsetzung soll maachen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Dat ass keng gutt Léisung. Et ass net normal, dass dem Ëmweltminister eigentlech e Piliër vu sengen Zoustännegkeeten ewechgeholl gëtt. De Waasserschutz, géif ech soen, mécht ongeféier en Drëttel vu senger Kompetenzen aus. Wann een d'Fonge kuckt dann hunn esouguer d'Suen, déi an d'Waasser gestach gi sinn, ongeféier d'Halschent vun der Ausgabe vum Ëmweltfong uitgemaach. Deen Ëmweltfong ass opgespléckt ginn. E besteet elo nach mat Rescht-kompetenzen ausserhalb dem Waasser an déi ganz Waasserinvestissementer ginn elo ënnert d'Responsabilitéit vum Innenminister a lafen dann iwwer en neie Waasserfong of.

Vun deenen eelef Kompetenzfelder, déi elo an dem Arrêté grand-ducal vum August 1999 ënnert dem Innenminister stinn an am Waasserberäich sinn, sinn et der sechs, déi an der leschter Regierung nach beim Ëmweltminister louchen. Et ass also en Transfert vu sechs Kompetenzfelder vun eelef, deen elo am Ufank vun dëser Legislaturperiod stattfint huet, ouni dass dat an iergendengem Wahlprogramm och nëmmen ugekënnegt gi war. Well währenddem meng Partei gesot huet, dass mir der Meenung sinn, dass eng nei Waasserverwaltung sollt ënnert d'Kompetenz vum Ëmweltminister falen, hunn déi zwou aner grouss Parteien näischt zu där doter Fro gesot. Si hunn einfach gesot, mir si fir d'Zesummleeë vun de Kompetenzen. Ech hunn déi Texter hei, wa Leit mer dat net wëlle gleewen. Do ass an hirem Wahlprogramm keng Ausso dran, wien da soll zoustänneg gi fir dat Waasser. An dat erkläert och, firwat dass d'Koalitionsverhandlungen op deem dote Punkt esou ausgaange si wéi se nun eben ausgaange sinn.

Et ass an eisen Aen net normal, dass eigentlech e Ministère, dee bis elo keng technesch Kompetenzen am Waasserberäich hat, hien hat sécherlech administrativ Kompetenzen, mä keng technesch, elo eigentlech dee Ministère gëtt, ëm dee sech alles dréint, deen d'Konnexioun vun deem Ganze mécht an deen och déi grouss nei Waasserverwaltung ënnert seng Fitticher kritt.

Dat ass fir eis keng logesch Léisung, dat ass eng irrationell Léisung, déi sech bal nëmmen aus parteipoliteschen Iwwerleeungen erkläre léisst; ech hu soss keng logesch Erklärung fonnt. Well wann een dat eent Argument weiderspënn, wat ëmmer gebraucht gëtt a wou gesot gëtt: Oh jo d'Waasser, d'Dränkwaasser, dat sinn d'Gemengen an d'Gemengen, dat ass den Innenminister. Da kënnt mer esou weiderfueren: Of-fall dat sinn d'Gemengen, d'Gemengen ass den Innenminister, vläicht ass dann an der nächster CSV-DP-Regierung den Of-fallberäich och nach fort vum Ëmwelt-

minister a gëtt dann och dem Innenminister oder dem Minister, deen den Of-fall a senger Kompetenzen huet, zougeuerdnet - wat hei net de Fall war, mä et kënnt awer op datselwecht eraus.

(Interruption)

■ Une voix.- Dir kommt der Wourecht ëmmer méi no.

■ M. Alex Bodry (LSAP).- Et ass also esou, dass mer dat nach weiderhi kritiséieren. Mir sinn och net midd ginn, dat ze kritiséieren zënter dass dës Koalitioun hei ugetratt ass a mir stinn net eleng do mat deene Kriticken, déi mer op deem dote Punkt äusseren. Dat gëllt fir sämtlech Ëmweltorganisationen, wou keen dat doten eng gutt Saach fonnt huet, fir d'Kompetenzopdeelung sou ze maachen, wéi dës Regierung dat am Summer 1999 hannernt verschlossenen Dieren diskutéiert a festgehalten huet.

D'DP - tja dat ass e bësse verwonnerlech -, duerch de Mond vun eenzelne Spriecher, schéngt och net dermaut averstanen ze sinn. Si waren awer nach - wéi mer nach grad vum Här Grethen bestätegt kritt hunn - vun Ufank u bei den Diskussionsmat derbäi a sinn nach houerfreg op dat, wat erauskomm ass. Et kann ee sech also nëmme wonnere wat an a wéi vill Männer an deem dote Punkt hei geschwat gëtt. Op jidde Fall si se matgaangen a si wäerten och matgehaange ginn.

(Interruptions et hilarité)

■ Plusieurs voix.- Hoho!

■ M. Alex Bodry (LSAP).- D'Kritik op deem dote Punkt kënnt och vun eenzelne Berufsständchen, notament och vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi dat doten eigentlech och keng gutt Iddi fënnt, fir dat esou virzehuelen an natierlech - an dat muss ee besonnesch ervirhiewen, dass dat nëmme e feste Bestanddeel vun eise legislative Prozeduren ass - och vum Statsrot, deen eigentlech doduerjer säin éischte Kritikpunkt gemaach huet.

Wat nach méi cocasse ass, dat ass eigentlech, dass d'Regierung selwer Lige gestrooft gëtt duerch Etüden, déi se finanziert huet. Den Ëmweltministère huet an de Joren 1999/2000 eng Etüd iwwer e spezialiséierte Büro an Opdrag ginn, iwwert d'Restrukturéierung vun den Eaux et Forêts an haaptsächlech och iwwert d'Fro vum Naturschutz. An do kënnt déi Etüd op deem heite Punkt, zu der Kompetenz vum Waasser, zu enger klorer Konkusioun, si seet: Et ass falsch de Waasserberäich aus den Eaux et Forêts erauszubriechen.

A genau dat, wat d'Etüd am Opdrag vun der Regierung seet, eng Etüd déi nach bal waarm ass, obwuel se an engem Tirang verschwonne ass, dat gëtt hei elo duerch dëse Gesetzesprojet gemaach, dee mam Accord da wäert gestëmmt gi vun deenen, déi d'Etüd an Opdrag ginn hunn. Do gëtt dat doten ëmgeännert an de Waasserberäich gëtt ganz aus den Eaux et Forêts erausgeholl. Et ass just vergiess ginn den Numm vun der Verwaltung ze änneren, well mat Eaux huet se an Zukunft näischt méi ze dinn; do war d'Regierung sech inkonsequent an hirem Haltung.

Et sinn also ganz vill Kriticken, déi geäussert ginn, an d'Regierung mécht, wéi wann dat näischt wär a wéi wa si awer richteg géing leie géint all déi aner, déi enger anerer Meenung sinn. Well et wäert net einfach sinn, déi dote Kompetenzen nun eemol aneschtens ze maachen. Da gëtt elo mol llicht gesot: Et ass jo net schlëmm. No den nächste Wahlen da geet alles aneschtens. Firwat gëtt et net einfach? Ma et muss ee jo Realist sinn, et muss ee jo wëssen, wéi déi Saache lafen, well et ganz einfach politesch schwéier duerchsetzbar ass, well een ëmmer mat Koalitioun-

nen ze dinn huet wou ee vun de Partner, déi un den Décisiounen mat bedeelegt waren, nach weider dra sëtzt an dee muss sech also dann op de Kënn späitzen - dat ass jo alt emol an dëser Koalitioun virkomm -, mä dat muss net onbedéngt bei der nächster Koalitioun d'selwecht sinn. A virun allem awer och well, entgéint deem wat behaupt ginn ass, gesetzlech hei d'Jalone mat spezifesch Gesetzter schonn esou gesat ginn, dass et eigentlech keng Logik méi ass, dass deeselwechte Minister nach zoustänneg ass fir den Naturschutz a fir de Waasserschutz.

Ech explizéieren a géif do ee Beispill eraushuelen an dat ass d'Ofännerung vum Naturschutzgesetz, wat och iwwert deen heiten Text soll virgeholl ginn. Et ass den Artikel 14 vun dësem Text mat besonnesch sengen Artikelen 2 a 5 vum Naturschutzgesetz, déi ëmgeschriwwen solle ginn, fir do déi nei Zoustännegkeet vun deem neie Minister dann anzeschreiwen. Do kommen also Elementer vu Waassergestioun an Naturschutzgesetz eran, mat där duebeler Autorisatioun an Zukunft vum Ëmwelt- a vum Waasserminister, déi d'Aarbechte bei de Waasserleef betreffen.

Wat fir ee Sënn gëtt eng duebel Autorisatioun wann et deeselwechte Minister ass? Déi heiten Ofännerung vum Text vum Naturschutzgesetz - an ech géif all deene Leit, déi e bësse kritischesch zu deem Text stinn, och an der Majoritéit, dat ze bedenke ginn - ass an der alleiner Logik, dass an Zukunft den Ëmweltminister net méi wäert gläichzäitig fir Naturschutz a fir Waasserschutz zoustänneg sinn, well soss kënnt een net eng duebel Autorisatioun vun zwee Ministeren hei virgesinn.

Dofir ass besonnesch deen dote Punkt, déi Ofännerung vum Naturschutzgesetz, an eisen Ae vum Béisen. Dat dierf net stattfannen, dofir froe mer och herno e Vote séparé iwwert den Artikel 14 vum Gesetz, wou et drëm geet de Waasserminister mat an d'Naturschutzgesetz eranzekréien, mat alle Komplikationen déi drun hängen, wann een zwee Ministeren eng Kompetenz gëtt, fir opgrond vun deemselwechten Text eng Autorisatioun ze erdeelen. Déi mussen also no deeneselwechte Kritäre fueren. Wa se no deeneselwechte Kritäre fueren, da mussen se dëselwecht Décisioun huelen. A wa si dëselwecht Décisioun huelen, firwat mussen dann zwee Ministeren d'Décisioun huelen? Da ka jo ee se huelen.

Et ass einfach onlogesch, irrationell, wat op deem heite Punkt gemaach ginn ass. Et ass net vun ongeféier, firwat sech och grad besonnesch d'Veereenigung vun de Fierschteren, d'Veereenigung vun de Forstingenieuren a Brandpräiver un déi politesch Responsabel gewannt hunn a sech gewiert hunn, dass esou eng Modifikatioun am Naturschutzgesetz sollt kënnen duerchgezu ginn. Et ass op deem dote Punkt, wou och de Statsrot ganz pertinent Iwwerleeunge mécht an déi ënner anerem och sécherlech seng Opposition formelle um ganzen Text mat erklären.

Nieft där gewielter Prozedur, der Kompetenzfro, ass en drëtte grouse Kritikpunkt deen ee muss uféieren an dat ass, dass et bei dësem Gesetz eigentlech bei engem renge Kadergesetz bliwwen ass vun enger Verwaltung. Dat brauche mer, dat ass kloer, all Verwaltung brauch e Kadergesetz, dat ass net a Fro gestallt an ech verstinn och, dass Beamten, déi elo op eng bessen onkoscher Aart a Weis an e Ministère détachéiert gi sinn, fir e Service doraus ze maachen, Drock maachen a gären hir Situatioun definitiv gekläert hätten. Dat ass ganz

richteg, mä mir sollen eis awer net doduerjer ënner Drock setze loos-sen, well deen Drock do huet d'Regierung selwer doduerjer erzeugt andeem dass se, ouni dass en Text vun enger Verwaltung gestëmmt war, scho praktesch gemaach huet, wéi wann den Text do wär. Dat ass fir mech och relativ eemoleg als Virgoensweis bei enger Verwaltungsreform, wéi där heiten.

Wat mer der Regierung och virwerfen dat ass, dass se eigentlech bei der Ausaarbechtung vun deem heiten Text, wat eng reng Kaderreform ass vun enger Verwaltung, ze vill eng bürokratesch, ze vill eng verwaltungstechnesch Approche zu där doter Reform hat. D'Schaffung vun der Verwaltung hätt onbedéngt misse gekoppelt gi mat politeschen Zilsetzungen, mat Regeln, mat Prioritéiten, wéi d'Waasserpolitik konkret soll fonctionnéieren. De Regierungstext beschränkt sech hei drop bestoend Verwaltungsstrukturen aus Verwaltungen erauszerappen an dann niefteneen oder ënnerteneen an enger neier Verwaltung ze positionéieren.

Dat kann een hei um Beispill kucken: Et hält een eng bestoend Divisioun aus der Ëmweltverwaltung, déi gëtt eng nei Divisioun an der neier Verwaltung; et hält een eng Divisioun aus der Ponts et Chaussées, déi gëtt eng nei Divisioun an där neier Verwaltung; et hält een de Labo aus dem Environnement, dee gëtt dann de Labo vun där neier Verwaltung; et hält een eng Divisioun aus der ASTA, dat gëtt dann eng Divisioun an där neier Verwaltung an dann hu mer d'Verwaltung do stoen. Ech weess net ob déi Bausténg do halen, ob dat net ëmkippt?

Well mir dierfe jo hei eppes net vergiessen - an elo geet et awer wierklech ëm de Fong vun der Saach - dat ass, dass esou eng Reform jo net e Selbstzweck ass. Mir wëlle jo net eng Fusioun maache vu Verwaltungen, Verwaltungen zesummeleeën, well dat esou flott ass, fir dat ze maachen. Domadder eleng hu mer jo nach näischt ronn bruecht. Wa mer dat net mat engem Gesamtkonzept verbannen, wéi déi Verwaltung soll schaffen, wéi sech an Zukunft ofgeschwat gëtt, da riskéiere mer net mat där doter Virgoensweis déi Reiweren, déi jo awer um Terrain net ëmmer, mä awer dach an eenzelne Fäll bestanen hunn, dass mer déi mat eriwuerhuelen an déi nei Verwaltung, ouni dass gekläert gëtt no wat fir enge Richtlinnen eigentlech soll déi Aarbecht an där Verwaltung lafen.

Dozou liesen ech näischt am Text. Et ass eng Opléschung vun eenzelne Missiounen, ouni Hierarchie an der Missioun, ouni ze soe wéi dat praktesch soll lafen. An eis grouss Angscht ass, dass mer mat där neier Verwaltung hei déi al Schwieregkeeten, déi bestanen hunn, déi sécherlech méi kleng si gi mat der Zäit, mä déi awer nach ëmmer erëm oploderen, mat iwwerdroen an déi nei Verwaltung, ouni dass eng Mediation stattfonnt huet, ouni dass versicht ginn ass déi Konflikter ze berengegen.

A mir riskéieren esouguer elo neit Kompetenzgerangel, wat mat deene Verwaltungen wäert entstoën, déi bis elo net dra waren, déi ausserhalb vun där neier Waasserverwaltung stinn, déi awer mengen, dass se am Waasserberäich nach eppes ze soen an ze doen hätten, wéi d'Eaux et Forêts, déi hei erausgeholl si ginn, mä déi awer op Grund vum Naturschutzgesetz natierlech, besonnesch och nom Artikel 5 Kompetenzen an deem Beräich glécklecherweis nach mat erliwwer gerett kritt hunn.

Do sinn nei Schnëttstellen, nei Reiwungspunkten, déi entstinn, déi mer virdrun an deem Mooss net haten, esou dass ech mengen, dass e Makel, deen deen heiten Text huet, an dat soll een esou objektiv och kënne vun anere Säiten agestoen, dass et eben nëmme eng Kaderreform ass. Et kann ee

soen, et ass alt dat, mä dass et net wierklech verbonne ginn ass mat enger politescher Ausriichtung a mat dem Versuch net eng reng technokratesch Approche ze hunn, mä och eng nei Verwaltung ze schafen, mat neie Strukturen, déi méi wär wéi en Zesammenheefen, en Niewentenee vun deenen ale bestehende Strukturen aus ale Verwaltungen.

Dat ass, mengen ech, eng fundamental Fro, déi och am Statsrotavis ugeschwat gëtt an déi mir méi daitlech wollten zum Ausdrock bréngen an där heiter Diskussioun, well vun där doter Fro och schlussendlech wäert de Succès vun där ganzer Operatioun ofhänken.

Bedenklech ass deen heite Projet och, haaptsächlech elo, an dat ass net der Regierung hir Schold an éischer Linn, mä et ass awer der Chamber hir Schold oder der Chambermajoritéit hir Schold, wéinst dem Emgank, deen dës Majoritéit hat mat enger Opposition formelle vum Statsrot. Mir si jo hei an enger ganz aussergewéinlecher Situatioun. Dat ass vläicht bis elo an enger hallwer dose Projekte virkomm. Do waren der och emol vum Innenminister derbäi. Déi viereg Reform vum Gesetz vu 37 huet och missen zrëckgezu ginn, well de Statsrot gesot huet, dat dote bréngt et net, schreift en neien Text. Hei hu mer eppes Ähnlech, woubäi ech net onbedéngt an alle Punkten d'Kriticke vum Statsrot deelen.

Ech wëll dat zitieren, well et ass zwar geschwat gi vun deene punktuellen Awänn vum Statsrot, mä et ass vergiess ginn daitlech ze maachen, leider och vum Rapporteur, dass op deem ganzen Text eng Opposition formelle ass.

(Interruptions diverses)

Ech liesen dat vir, fir dass et kloer ass, firwat dass et ass. Ech liesen hei d'Konklusioun vum Statsrot vir, fir dass mer wëssen iwwer wat mer diskutéieren, fir dass dat net ënnergeet an der ganzer Debatt haut de Mëtteg.

„En guise de conclusion et par référence aux nombreuses incohérences, que présente le projet sous avis, le Conseil d'État ne peut marquer son accord avec celui-ci. Il recommande sous peine d'opposition formelle de reprendre le projet sur le métier en tenant compte de la directive-cadre dans le domaine de l'eau, qui doit de toute façon être transposée au plus tard au cours du premier semestre de l'année 2004.“ Ech mengen, dat wier nach dës Legislaturperiod. „Le projet amendé devrait permettre de définir à la fois une politique intégrée de l'eau et les structures administratives nécessaires à la mise en œuvre de cette politique. Une loi-cadre devant logiquement être la suite d'une loi sur le contenu et non l'inverse.“

Also hei ass dee relativ schwerwiegende Virgank am Zesummespill vun den Institutionen, dass de Conseil d'État seet, eng Opposition formelle um ganzen Text. Wat seet d'Regierungsmajoritéit? Keen Amendement, mir zéien et duerch. Éischte Vote, an dräi Méint drop den zweete Vote. Ech froe mech, ob dat doten deen neie politesche Stil ass, och am Emgank vun der Institution Chamber mat der Institution Conseil d'État an ëmgekiert?

Sécherlech sinn et scho Fäll ginn, wou enger Opposition formelle net Rechnung gedroe ginn ass. Mä dat war meeschtens op engem Artikel wou dat gespillt huet. Hei hu mer dee ganz raré Fall, exceptionnel, dass de Conseil d'État, wat jo net en Hort vun Oppositionellen ass, vun Extremisten, mä de Conseil d'État, deen eis hëllef hei uerdentlech Texter ze maachen, geet hin, wou ee kann daitlech soen, et ass och eng konservativ liberal Majoritéit an deem Gremium, an e mécht eng Opposition formelle op deem ganzen Text.

Et ass nach ni virkomm, dass deem net Rechnung gedroe ginn ass.

Wann dat de Fall war, dann ass entweder de Projet zrëckgezu ginn oder awer et si Verhandlungge gefouert ginn, et sinn Diskussiounen gefouert gi mam Statsrot, fir senger Bemerkungen a Kritikken kënnen entgéintzekommen. Et ass probéiert ginn den Text ze verbesseren op deene Punkte wou e wirklech schlecht war, a fir de Rescht ze kucken iwwert d'Opposition formelle ewechzekommen.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Et geet net drëm, dass de Conseil d'État eng Proposition gemaach huet fir den Text ze verbesseren. Et geet drëm, dass mer fundamental op deem Punkt, wou d'Opposition formelle komm ass, net mam Conseil d'État d'accord sinn. Dat ass e ganz anere Point de vue.

De Conseil d'État seet, mir maachen eng Opposition formelle, well Dir d'Schaffung vum Waasserwirtschaftsamt net liiert mam Gesetz iwwert d'Emsetzung vun der Direktiv. An do si mir der Meinung, dass et kee Lien fonctionnel gëtt. An ech mengen, dat Recht mussen d'Majoritéit an d'Chamber hunn, fir der Meinung ze sinn, dass de Conseil d'État enger Meinung ass an dass d'Majoritéit an d'Chamber enger anerer Meinung ass. Mir gesi kee Lien fonctionnel tëschent dem Waasserwirtschaftsamt, der Kreatioun vun deem Amt an dem Gesetz. Mir hu Gesetzter, déi haut d'Waasser regléieren. Mir wäerten an enger nächster Etapp d'Direktiv iwwert d'Waasserwirtschaft ëmsetzen.

En attendant hu mer e Waasserwirtschaftsamt, wat ka funktionnéieren op Basis vu bestehende Gesetzter. Et geet also net ëm dat wat Dir sot. Et geet net ëm eng Fro vun Text. Et geet ëm d'Fro, ob een oder ob een net e Lien fonctionnel mécht tëschent zwee Gesetzter, an do hu mer eng fundamental aner Meinung wéi de Conseil d'État.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Et geet och hei ëm Texter. Et geet net nëmmen ëm Texter, mä et geet och ëm Texter. Liest den Avis am Detail duerch. Mir hunn an der Kommissioun probéiert driwwer ze diskutéieren an et ass jo erauskomm, dass Feeler an den Texter sinn, Här Minister. Et ass an där Diskussioun erauskomm, dass op eenzelne Punkte manifestement Oublié waren, dass een hätt kënnen besser Texter maachen. Mä firwat gëtt hei wessentlech en Text, deen an eenzelne Punkten net gutt ass,...

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Firwat dauert et annerhalleft Joer bis mer en Avis vum Conseil d'État kréien? Firwat?

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Ech schwätzen hei als Chamber an ech kann als Deputéierten net akzeptéieren, dass gesot gëtt, hei an deem Artikel si Feeler dran, an deem doten Artikel hu mer eppes vergiess, mä mir änneren elo näischt, well soss kënnen mer den Text net méi stëmmen. Mir mussen duerch, och mat allen Imperfektionen.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Mir kënnen ganz gutt mat deem Text liewe wéi en do ass, mat deene soi-disant Feeler, déi dra sinn, déi ganz weéng wäerten änneren. Dat wäert Der gesinn. An et wäert keng Majoritéit, egal wéi se zesummegeat ass, ech soen lech et nach eng Kéier, dat Gesetz hei a Fro stellen nom 13. Juni. Mir sinn hei am Wahlkampf an a soss guer näischt!

(Interruptions diverses)

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Här Minister, mir schéngt et selbstverständlech ze sinn, dass deen heiten Text wäert nogebessert ginn, wéi aner Texter och vun lech notament nogebessert gi sinn, wéi d'Wahlgesetz, dat Dir era-bruecht hat, dat huet missen ee Joer drop nogebessert ginn duerch déi Feeler, déi dra waren.

An ech soen lech et hei, wa mer elo scho wëssen, dass Feeler dra sinn, an et ass fir mech héchstens onbefridgend, dass e Minister hei seet, mir wëssen, dass déi Texter net an der Rei sinn, mä mir stëmmen se awer. Dat spillt keng Roll.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Ech hunn d'Impressioun, dass Dir guer net nolauschtert wann een eppes seet.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Dofir kann ech déi dote Philosophie net akzeptéieren. Dat däerf net déi si vun engem Minister. Dat däerf scho guer net déi si vun der ganzer Chamber.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Dir sidd e bësse gefrust, Här Bodry. Ech muss wirklech soen, Dir hutt scho besser Rieden hei gehalten.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Ech loosse de Wieler jugéiere wéi gutt meng Aarbecht ass an Dir sidd net de Wieler.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- De Wieler wäert dat jugéieren op deem heite Punkt.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Mir wäerten et och jugéieren. Do ass mer net Angscht.

Mir sinn der Meinung, dass hei mat där néideger Flexibilitéit, mat deem néidege Fingerspëtzegefill a mat der Opriichtegkeet eng Rei vu Feeler, déi an deem Text dra waren, ze korrigéieren a sech op d'Kriticken zouzebewegen, een net hätt missen déi Konfrontatioun mam Statsrot siche goen. Dat hei ass a mengen Aen eng Provokatioun vun der Chambersmajoritéit par rapport zum Conseil d'État. Et ass fir d'éischt an der Geschicht, dass eng Opposition formelle op engem ganzen Text ass, d'Regierung opgefuerdert gëtt den Text ze iwwerschaffen an dass d'Majoritéit ouni ee Komma un deem Text ze änneren...

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Dat ass net wouer. Dat hu mer net gesot. D'Opposition formelle ass eenzeg an eleng e Lien fonctionnel, deen de Statsrot mécht tëschent der Direktiv, der Emsetzung vun der Direktiv an der Kreatioun vun der Waasserwirtschaft. Haalt op eppes aneschtens ze soen!

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Här President, ech wollt froen: Wien huet d'Wuert? Den Här Wolter oder ech?

M. le Président.- Dir hutt et elo. Déi aner sollen nolauschteren.

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Mir bleiwen derbäi, dass dat kee korrekte politeschen Émgang, weder mam Conseil d'État nach mat der legislativer Aarbecht ass, déi mer hei solle maachen. Et soll eis gemeinsam Ustrengung sinn Texter ouni Feeler ze maachen, déi ee gutt an der Praxis kann uwenden, an net de Contraire.

Ech verstinn d'Suerg fir d'Leit, mä ech hunn den Androck, dass déi e bësse virgeschubbt gëtt vu Leit vun der Majoritéit, well hei ass e Konsens um Prinzip, an et wëllt och keen déi Détachementer, déi elo schonn zënter dräi Joer lafen, an déi och nach fénnef Méint méi laang kéinte lafen, a Fro stellen. Firwat hu mer eis net d'Zäit geholl als zoustänneg Kommissioun a versicht den Text ze verbesseren, eis eens ze setzen op eenzelne Punkte wou Divergenze sinn, anstatt op stur ze schalten an egal wéi dat doten duerchzedrücken? Deen Text wär och no deenen nächste Wahlen am Oktober mat enger Majoritéit an der Chamber gestëmmt ginn. Do sinn ech sécher, well keen de Prinzip a Fro stellt. Nëmmen am Detail gëtt eng ganz Retsch vu Remarken ze maachen.

Ech hu mer déi Directive-cadre ugekuckt, Här Minister. Do sinn ech

mer sécher, dass de Gros vun der Directive-cadre wäert iwwer technesch Elementer ëmgemat ginn an nëmmen ee klengen Deel, deen elo scho bekannt ass - well do streide sech jo net d'Experten drëm, wat dat soll heeschen -, wäert ëmgemat ginn iwwer e Gesetz. Deen Deel ass bekannt zënter 2000. Et wär parfaitement méiglech gewiescht déi puer grouss Prinzipien, déi an der Directive-cadre dra sinn, an dese Gesetzestext ze iwwerhuelen an dann e Ganzt ze maachen, anstatt reng eng Kaderreform ze maachen, an dann an deser Legislaturperiod näischt méi wëllen ze maachen, obwuel d'Direktiv hätt scho missen deelweis Enn 2003 ëmgemat ginn.

Mir sinn der Meinung, dass dat do keng gutt Aart a Weis ass, fir Politik ze maachen.

(Interruptions)

Mir maachen no de Wahlen e Bilan vun deem, wat nach ëmzesetze bleift. Kee Problem.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- ...wann ee selwer am Boot souz a wann ee weess wéi et ass!

M. le Président.- Loosst den Här Bodry schwätzen. Dir hutt all d'Méiglechkeet herno nach d'Wuert ze froen.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- E war scho méi objektiv, den Här Bodry!

M. Alex Bodry (*LSAP*).- Er-laabt mer trotzdeem, Här President, wann den Här Minister dat zouléisst - ech weess net wéi wäit een als Deputéierten nach däerf hei an der Chamber fräi schwätzen ouni ënnerbrach ze gi vun engem opgereegte Regierungsmitglied -, op den Detail ze kommen.

Nodeem ech op d'Naturschutzgesetz higewisen hunn, wëll ech och e Wuert iwwert de Kommodo soen. Ech wär frou wann de Minister am Detail vläicht kënnt op déi Froen äntworten. Dat wär nützlich, well da wësst den d'Leit, wat se herno sollte mat deem Gesetz ufänken.

Wat opfalend ass, dat ass, dass u sech sämtlech Kompetenze vum Wasserberäich en Transfert matmaache bei den Innenminister, deen d'Waasser ënnert deser Regierung a sengen Zoustännegkeeten huet mat der Ausnahm vum Kommodoberäich. Do bleift de Wasserdeel an der Kompetenz vum Umweltminister.

Mä ech muss soen, deen aarmen Umweltminister, egal wien et ass, oder och säi Statssekretär, hu keng Verwaltung méi fir Texter ze maachen, well, Här Statssekretär, d'Waasserabteilung vun der Umweltverwaltung, déi verschwénnt mat deem heiten Text. Wann d'Deputéierten deen heiten Text stëmmen, da gëtt et keng Wasserabteilung méi an der Umweltverwaltung. Den Umweltminister an d'Umweltverwaltung bleiwen awer opgrond vum Kommodotext zoustänneg fir de Wasserberäich. Wéi soll dat goen?

(Interruption)

Op jidde Fall net no dem Gesetzestext. Do gëtt sech arrangéiert. Do gëtt niewendrun administrativ probéiert duerch de Bësch ze kommen, mä dat ass net conforme zu den Texter. D'Kommodosgesetz kennt nëmmen d'Umweltverwaltung. Et kennt keng aner Verwaltung. A mat deem heiten Text kënnt och keng aner Verwaltung an d'Gesetz iwwert d'Établissements classés an d'Prozedure mat dran. Et ass also eng Inkohärenz par rapport zu der allgemenger Linn, déi mat grousser Rigueur duerchgezu ginn ass, jusqu'à l'excès an anerem Domän, fir all klengen Dibbelche vu Waasserkompetenz ewechze-

huelen, awer am Kommodosberäich do brauch nëmmen d'Wirtschaft ze reklaméieren, da geet dat op eemol net an da loosse mer et do bestoen, obwuel d'Verwaltungsstruktur guer net méi an dee System materapassit.

Dat ass och eng vun deenen Inkohärenzen op déi de Conseil d'État hiweist, Inkohärenze vun Texter, déi ënner anerem och seng Opposition formelle um ganzen Text begrënnen an eis dozou bréngen deen heiten Text net ze stëmmen. Onzoulänglechkeeten, Oublien, och wat d'Gesetz vum 29. Juli 1993 iwwert de Waasserschutz ugeet, respektiv d'Gesetz vum 28. Juni 1976 iwwert d'Fëscherei an de Bannegewässer. Och do huet sech näischt geännert.

(Interruption)

Dat schéngt mer wichteg ze sinn, well ech jo dovun ausginn, dass des Majoritéit wäert géint all gesonde Mënscheverstand desen net amendéierten Text stëmmen.

Mer mussen eis bewusst sinn, dass et elo eréischt richtig lasset, well wéi bei alle Verwaltungsreformen, bei allen Zesummeleunge vu Kompetenzen hu mer näischt ronn bruecht, wa mer dat eleng ronn bruecht hunn a sech soss näischt ännert, alles d'selwecht bleift.

Et ass also wichteg, dass déi Verwaltung, déi do schafft, politesch Zilsetzunge kritt, Programmer kritt, Richtlinne kritt, Prioritéite festgeluecht kritt, no deenen se muss un d'Dossieren erugen, well soss hu mer näischt geschafft. Et ka souguer e Réckschritt par rapport zu der Situatioun vu virun e puer Joer antrieden. Et schéngt mer schrecklech wichteg ze sinn, dass dat do kënnt, an et ass eng Aufgab vun der Politik, fir dat do ze maachen. Bis elo huet d'Politik déi doten Aufgab net gemaach. Dat muss ee ganz kloer soen.

Et ass menger Ansicht no elo e schwierige Moment fir ze starten, well déi nei Verwaltung, wa se all déi Kompetenze wëllt wahrhuelen, brauch se méi Leit. Si kënnt elo an eng Phase eran, wou d'Regierung gesot huet, mir stelle weider keen zousätzlech Personal a mat Ausnahm vun e puer Domänen, an do ass de Waasserdöman net dran.

Dat ass net gutt. Hei gëtt eng nei Verwaltung geschaffen a si kritt eigentlech vu virun net d'Méiglechkeeten, fir kënnen e qualitative Sprong an der Aarbecht ze maachen, e Sprong, dee mer alleguer wëllen an drop waarden, dass e kéim mat esou enger neier Struktur, soudass ech mengen, dass mer et hei net mat enger Konkusioun vun enger Debatt ze dinn hunn, mä dass d'Debatt net ofgeschloss ass, souwuel iwwert d'Waasserpolitik zu Lëtzebuerg wéi besonnesch awer och iwwert d'Strukture vun der Waasserpolitik hei am Land, mä dass mer et beschtefalls mat enger Tëschentapp ze dinn hunn. D'Diskussioun geet weider a mir hoffen, dass se am Sënn vun enger nohaltiger Gestiou vum Waasser och hei zu Lëtzebuerg weidergeet.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas (*DP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Waasser ass d'Viraussetzung vun alle biologeschen Elementer an ouni Zweifel eist bedenkenst Grondnahrungsmittel, wat och duerch näischt kann ersat ginn. De Mënsch brauch all Dag bis zu 3 Liter Waasser. An der Moyenne besteet eise Kierper zu 60 bis 65% aus Waasser. ouni Waasser kee Liewen, ass also keen eidele Sproch. En entsprécht der Realitéit.

De Gewässerschutz huet hei zu Lëtzebuerg eng ganz laang Tradition, an haut sinn nach legislativ Texter a Kraaft, déi bis op d'Joer

1669 zrëckginn, also der Zäit vum Sonnekinnek. Et handelt sech hei ëm eng Ordonnance sur les Eaux et Forêts. Trotz ville Gesetzestexten huet d'Qualitéit vun eise Baachen a Flëss an deene leschte Jorzéngte sech mat Sécherheet net verbessert. Ganz au contraire. Dat ass natierlech un éischter Linn d'Resultat vun der demographescher Entwécklung an och vun der industrieller Expansioun an deene leschten 120 Joer.

An engem Reesguide vun 1893 gëtt zum Beispill de Fëschräichtum vun eise Gewässer gelueft, virun allem wat d'Frellen ubelaangt. Souguer an der Uelzecht, déi jo entremps op verschiddene Plazen zu enger, kann ee scho bal soen, nationaler Kloak mutéiert huet, goufen et nach iwwerall Fësch. Symptomatesch fir déi kontinuierlech Verschlechterung vun der Waasserqualitéit vun eise Baachen a Flëss kann een ouni Zweifel d'Verschwanne vum Salem, besser bekannt ënnert dem Numm Saumon, nennen.

Ech wëll drop hiweisen, datt zum Beispill 1885 den Dikrecher Fëscherklub an engem Moien 300 Kilo Saumon gefaangen hat. No 1945 goufen nëmmen nach eenzel Exemplare gefaangen. Dee leschte Saumon, esou gouf statistesch nogewisen, gouf 1954 bei Waasserbëlleg aus dem Waasser gezunn.

(Interruption)

Här Strotz, ech versichen elo ganz fein mat lech ze sinn, well ech kënn lech eppes aneschtens soen, ënner anerem wat kéint d'Ursach sinn, firwat de Saumon net méi duerch d'Musel kënnt.

(Interruptions)

Ech denke mer et an den Här Strotz huet mer sécher ofgesinn, wat ech denken a wat ech schonn e puermol hei gesot hunn.

Schonn 1964 huet den deemolege Waasserschutzkommissär, de spéideren éischten Umweltminister hei zu Lëtzebuerg, den Här Josy Barthel, Folgendes geschriwwen: „Die Alzette stinkt zum Himmel. Von Esch/Alzette bis nach Ettelbrück ist unser Nationalfluss zum Sammelkollektor der Abwässer von rund 200.000 Luxemburger geworden, die Industrien nicht mit eingerechnet. Die Wiltz fließt milchig mit Öl und Fett geladen.“ Leider ass d'Uelzecht, mir hunn dat virdu scho gesot, virun allem natierlech am Süden, nach ëmmer an engem katastrophalen Zoustand.

Sécher muss een hei ganz objektiv sinn. Et gouf an all deene Joren eng Rei vun Ustrengunge gemaach, virun allem fir nei Kläranlagen ze bauen, an et sinn och vill Millionen Euro dohinner investéiert ginn. Global allerdéngs muss ee soen, datt d'Politik um Niveau vum Gewässerschutz hei zu Lëtzebuerg an all deene Jorzéngte mat Sécherheet net onbedéngt glänzt huet, fir net méi ze soen. Als ee vun de Schwaachpunkte sinn natierlech ëmmer déi wäit verspreete Kompetenze wat de Gewässerschutz ubelaangt dohinnergestallt ginn. Effektiv konnt ee jo bis haut sech nach net drop eenegen fir eng eenheetlech Waasserpolitik ze maachen, well ebe bis zu sechs Ministère kompetent ware fir Waasserschutzfroen. Virun allem den Aspekt Renaturéierung, géing ech soen, huet dat am meeschten de spiere krut, a méi spezifesch d'Gewässer vun der zweeter Kategorie, dat sinn also déi net schëffbar a flossbar. Do war et un éischter Linn natierlech ëmmer de Landwirtschaftsministère, deen do éischter als Bremser opgetrueden ass an éischter no reng hydraulische Kritären operéiert huet.

Op där anerer Säit hate mer awer ëmmer d'Fuerderung vun de Leit vum Naturschutz aus der Administration des Eaux et Forêts, déi natierlech wollten, och zu Recht, den Akzent op d'Erhalte vun der Aartevielfalt an op de Schutz vum aquatesche Milieu setzen. Dat huet na-

tierlech onweigerlech och an deene leschte Jorzéngten zu enger Rei vu Konflikter gefouert. Vill Baache goufen och sénnlos an e Bêtons-corseli gezwängt oder déi natierlech Ufer sinn duerch Palplanchen oder déck Steng ersat ginn, wat natierlech dozou gefouert huet, datt virun allem d'Autoépuration vum deenen eenzelne Gewässer ofgehall huet. Nach haut mussen mer leider feststellen, datt dat op ville Plaze sichtbar ass, an déi natuerfren Reguléierungen hu ganz vill Schued um gesamte Gewässersystem hei zu Lëtzebuerg hannerlooss.

Jiddefalls kann een awer zumindest frou sinn, datt dee Geescht vu fréier elo net méi esou omnipotent ass, och wann et nach heiansdo esou eenzel Leit ginn, déi mengen e Gewässerlaf misst un eischter Linn nach ëmmer esou aménagéiert gi wéi de Mënsch sech dat virstellt.

D'Politik huet sech ouni Zweifel schwéier gedoe fir d'Kompetenzen ze bündelen, a virun ass hei behaapt ginn, datt deen Discours scho virun zwanzeg Joer gefouert gi wär. Dat ass scho vill méi laang hier. Ech wëll emol drop hiweisen, datt 1983 e Waissbuch iwwert d'Ëmwelt hei zu Lëtzebuerg erauskomm ass, an do stoung ënnert anerem dran: „En priorité il y a lieu de créer une législation globale sur le régime de la répartition et la protection des eaux coordonnant tous les textes existants dans une forme cohérente, adaptant et complétant les aspects insuffisamment développés.“ Dunn hate mer jo de 25. a 26. Abrëll 1990 deen Hearing hei, an ech hat d'Chance deemools selwer och drun deelzehuelen als President vum Fëscherverband, an heiansdo mécht et engem jo Freed sech selwer ze zitieren, dofir maachen ech dat och.

(Interruptions diverses)

Deemools hunn ech am Numm vun där Organisatioun Folgendes gesot: „All Froen, déi am direkten Zusammenhang mam Waasser stinn, sollen an engem eenzege Ministère zentraliséiert ginn, dat heescht am Ëmweltministerium. Mir fuerderen also d'Kreatioun vun engem Waasserwirtschaftsamt.“ Dat waren also kloer an daitlech Wieder. Mä si hu leider net vill genotzt, well wéi mer 1993 op där Plaz dat neit Waasserschutzgesetz gestëmmt hunn, konnt déi deemoleg politesch Majoritéit, sech net dozou duerchrénge fir e Waasserschutzamt ze schafen, an an deem Kontext där ef ech och emol vläicht eng kéier hei den Här Jeannot Krecké zitieren, dee Rapporteur war vum Gesetz 3401, dat war den 8. Juni 1993. Den Här Krecké huet deemools Folgendes hei gesot...

(Interruption)

Neen, neen, mat Sécherheet net. Ech soen dat hei och elo guer net mat iergendengem schlechten Hannergedanken. Dat ass einfach eng Tatsaach.

(Interruptions diverses)

Neen, neen! Au contraire soen ech dat ganz offen hei, datt zumindest den Här Krecké de Courage hat, deemools awer munches ze kritisieren an net onbedéngt alles esou ze schlécke wéi en et virgesat krut. Mä loosse mer dann nach eng kéier noliere wat den Här Krecké gesot huet, ech zitieren: „Mir hunn e längert Gespréich gefouert - dat wäert Dir e bëssen am Rapport gesinn - iwwert d'Kompetenzen. Dat ass vläicht dee schwaachen a schwaachste Punkt, well mir do net déi Eenegung fonnt hunn, déi mir eis erwaart hunn.“ A weider: „Ech muss soen, dat ass en Échec, deen ech perséinlech als ganz batter ëmfannen.“

Also huet déi fréier Majoritéit, Här Bodry, bei allem Respekt, déi deemools jo awer och mat um Hiewel souzen an der Regierung, vläicht awer haut net onbedéngt d'Recht, da pauschal ze behaapte wéi wann déi Efforten, déi awer ënnert där Regierung elo gemaach

goufen, trotz allem net awer e wichtige an e richtige Schrëtt an déi richtige Richtung wieren, well - an ech soen dat beileiwen elo net hei mat enger polemischer Iwwerleeung - et ass eng Tatsaach, datt déi fréier Regierungen et jo awer net emol fäerdeg bruecht haten en Embryo vun engem Waasserschutzamt ze schafen, an Are Fraktiounskolleeg huet jo awer och deemools dat regrettéiert. Dat ass eng Tatsaach, dat soll elo hei guer net den Débat an eng aner Richtung féieren, ech mengen, dat soll objektiv esou gesi ginn an dat soll een dann awer och nach eng kéier hei rappelieren.

Dir hutt och virdu verschidde Saache gesot, déi guer net falsch sinn, déi ech esouguer ka mat ënnerstëtzen. Dir hutt och op de Rôle higewisen, dee virun allem de Landwirtschaftsministère ëmmer gespillt huet. Dat ass och richtig. Mir wëssen dat alleguer heibanen, déi sech de loin oder de près mat där ganzer Problematik zënter Jorzéngten ofginn, datt virun allem den Hauptbremser ëmmer um Niveau vum Landwirtschaftsministère louch. Dat ass iwwregens och e Fakt, deen een net kann aus der Geschicht einfach esou ausradéieren, an ech zitieren hei emol nach eng kéier aus dem Rapport vun 1993 iwwert d'Waasserschutzgesetz: „Selon le Ministre“ - et geet ëm de Landwirtschaftsminister - „l'idée d'un ‚Wasserwirtschaftsamt‘ n'est pas acceptable.“ Dat war 1993, wat den deemolege Landwirtschaftsminister gesot huet. E Fakt, deen een emol erëm heiansdo muss an Erënnerung ruffen.

Gott sei Dank, muss ech alldéngs soen, huet sech awer am Laf vun de Joren do och en anert Bewosstsäin agesat, et koom en anert Denke mat dem Resultat wat mer, wéi gesot, haut kennen. Als Kompromëss ass jo deemools dunn e sou genannten Dräistufepiang zrëckbehalen ginn. Ënner anerem ass eng Cellule de coordination virgeholl ginn, an och eng stufeweis Regruppierung vu Services war ugestrielt ginn. Mä d'Resultat kenne mer alleguer: Weineg, fir net ze soe guer näischt ass ënnert deene fréiere Regierungen an deem doten Domän geschitt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat natierlech elo d'Gesetz u sech ubelaangt, wat mer haut hei virleien hunn, muss een fir d'eischt emol direkt ënnersträichen, datt d'Zesummeleeë vun de Kompetenzen an d'Schafung vu verschiddeenen Divisiounen awer ouni Zweifel ze begréisze sinn. Wichtig fir de gudden Fonctionnement vun där Regierung, an do, Här Bodry, sinn ech ganz Ärer Meenung, dat ass de Geescht, deen herno an där neier Verwaltung herrsche soll. Dir hutt zu Recht gesot, et mussen Richtlinnen ausgeschafft ginn, an dorobber baséiert effektiv de Succès vun där neier Verwaltung, déi kloer muss op en Objektiv hischafen.

■ Une voix.- Opground vu wat hu se dann elo fënneg Joer geschafft?

■ M. Gusty Graas (DP).- Jo, ech mengen, d'Situatioun ass jo awer ganz kloer. Mir hunn en Arrêté grand-ducal vun 1999, deen...

■ Une voix.- Vun der Politik!

■ M. Gusty Graas (DP).- Dir kënnt jo awer elo net soen, datt um Niveau vum Gewässerschutz guer näischt geschitt wär hei zu Lëtzebuerg. Ech mengen, esou objektiv muss een awer trotzdeem elo hei sinn.

(Interruptions diverses)

Mä wat richtig ass, dat ass effektiv, datt déi Zilsetzung ganz kloer definéiert muss ginn, an et ass op där wou u sech an Zukunft déi Verwaltung do och muss schaffen. Ech perséinlech si jiddefalls der Meenung, datt den Akzent ganz kloer muss op den ökologeschen Aspekt geluecht gi bei enger globaler Gewässerschutzpolitik, well

et kann net méi sinn, datt mer nach ëmmer weiderfueren, datt Baachen a Flëss dobause verstëmmelt ginn, dat aus renger Partikularinteressen, wat jo awer an deene verschiddeenen Zäiten alt munchmol hei zu Lëtzebuerg de Fall war.

Ech muss och soen, datt ech e bëssen awer verwonnert sinn, datt zum Beispill de Volet Renaturéierung, deen a mengen Aen ee vun deene wichtigsten Aspekter vun enger globaler Gewässerschutzpolitik ass, datt deen awer emol soll an d'Divisioun vun der Hydrologie kommen. Ech mengen, do misst een awer eischter drun denke vläicht fir déi Aarbechten an d'Divisioun vun der Protection des eaux ze transferieren, well renaturéieren heescht jo awer un eischter Linn eng zerstéiert Morphologie erëm hierzestellen fir d'Autoépuration vun engem Gewässerlaf ze verbessern.

Zënter dem Arrêté grand-ducal vum 11. August 1999 iwwert d'Zesummesetzung vun der Regierung ware mer jo bis haut - an hei referieren ech mech och op den Avis vum Conseil d'État - vläicht net ëmmer an enger honnertprozenteg klorer juristescher Situatioun. Duerch de Vote jiddefalls vun deem Gesetz, an dat muss een awer esou gesinn, kënnt vill méi eng kloer Transparenz an déi ganz Domänen eran, besonnesch wat d'Aarbechten un de Gewässerleef ubelaangt, obwuel et do natierlech nach ëmmer den Nodeel, den Handicap, de Problem gëtt vun der duebeler Autorisatioun, wa mer dat am Kontext mam Naturschutzgesetz gesinn.

Kontradiktorech diskutéiert ass jo och ginn a gëtt och nach ëmmer de Fait, datt d'Forstverwaltung elo net méi kompetent ass fir d'Fëscherei an datt d'Fëscherei an d'Juegd administrativ de Moment getrennt sinn. An engem Brëif un dräi Membere vun der Regierung de 4. Juni 2002 haten d'Association des universitaires au service de l'Administration des Eaux et Forêts an d'Association des Forestiers luxembourgeois hir Bedenken an deem Kontext geäussert, ech zitieren: „L'extraction du service de la pêche de l'Administration des Eaux et Forêts en tant que gestionnaire de l'environnement naturel risque d'annuler les avantages des acquis du passé et d'engendrer au Luxembourg les mêmes confrontations entre la pêche et la protection de la nature que connaissent beaucoup de pays étrangers.“

Ech muss éierlech soen, ech huele mer d'Recht eraus an där Saach e bëssen eppes dovun ze kennen, mä ech mengen, esou pessimistesoll een zwar schlussendlech d'Saach net gesinn. Richtig ass alldéngs, datt d'Fëscherei implizit awer och eppes mat ökologescher Gestiou vu Gewässerleef ze dinn huet, an dat virun allem wat de Repoplement ubelaangt.

Dernieft wär et awer och a mengen Ae längst iwwerfällg - a mir haten déi Diskussioun jo och kuerz ugeschnidden an der Kommissioun -, datt misst eng Adaptatioun vum Fëschereigesetz vun 1976 kommen, well dat Gesetz erlaabt virun allem och nach méi eng naturno Bewirtschaftung vun de Gewässerleef ze errechen. Ech referieren hei och kuerz op meng Proposition de loi, déi ech an deem Sënn déposéiert hunn, wou ënner anerem och proposéiert gëtt fir zum Beispill Uferschutztraifeprogrammer anzeféieren. Dat wär e gudden, e wichtige Moyen fir och en zousätzleche Schutz vun eise Gewässerleef unzestriewen, fir datt manner Pestiziden, datt manner Dünger, manner Gülle an eis Gewässer kéimen. Ech wëll dat elo net am Detail hei opléischen, mä et sinn awer déi Iddien, déi mussen an Zukunft hei nach vill méi dévolpéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Statsrot huet a sengem kriteschen Avis, selbstverständlech muss een dat esou gesinn, awer virun allem monéiert, mir hätte jo d'Directive-cadre 2000/60/CE iwwert d'Gestioun an de Schutz vum Waasser misse gläichzäiteg mat deem Gesetz ëmsetzen. Effektiv hu mer do e gewëssene Retard elo kritt, do ass eng gewëssen Urgence ugesot, an de Marco Schank huet jo eng Motioun och an deem Sënn déposéiert, an et ass och selbstverständlech, datt mir als Demokratesch Partei déi och wäerte mat ënnerstëtzen, well des Direktiv ass awer ouni Zweifel noutwendeg fir kënnen nach méi eng gezielten a virun allem méi eng integréiert Waasserpolitik maachen ze kënnen. Et ass also eng vun deene virdränglechsten Aufgaben, déi eng nächst Regierung sech muss op de Leescht huele fir deen entspreichenden Text auszuschaffen an dann och der Chamber hei ze ënnerbreeden, obwuel jo och am Gesetz vun 1993 virgesi war, e sou genannte Plan national de la gestion de l'eau auszuschaffen.

Do stellen ech mer awer och munch Froen. Här Bodry, déi Kritik, déi gëllt jo awer dann och fir Leit, déi emol fréier d'Kompetenz an deene Froen haten. Ech vermësse bis haut nach ëmmer en zesummenhängenden, effikasse Plang an deem Sënn, mat all deenen negativen Konsequenzen wat dat mat sech bruecht huet. Wa mer also wierkelech wëlle vun enger gezielten, integréierter Gewässerschutzpolitik schwätzen, da kann dat och nëmmen op Basis vun engem wierkelech ausgeräiften a breet iwwergräifende Gewässerschutzplang geschéien. Dofir och do, mengen ech, hu mer nach eng grouss Aufgabe ze maachen.

Natierlech muss ee sech haut och iwwert d'Opportunitéit vun deem Gesetz ausschwatzen. Ech muss awer hei ganz kloer ënnersträichen, datt d'Demokratesch Partei de Courage vun där Regierung wëllt ënnersträichen, datt se zumindest un déi Problematik erugaangen ass an datt se et och zu Enn bruecht huet. Zu Enn bruecht an deem Sënn, datt jo awer eng Bündelung vun de Kompetenzen komm ass. Här Bodry, Dir misst dat jo awer nach vill besser wësse wéi aner Leit heibannen, wéi schwéier datt et ass fir eenzel Verwaltungen, déi vun der Traditioun hier ganz aner Esprit hunn, herno an e Ganz zesummenzeschmelzen.

■ M. Alex Bodry (LSAP).- Esou wäit si mer nach net. Dat huet nach net stattfont.

■ M. Gusty Graas (DP).- Mä ech mengen, bei aller Imperfektion, déi an deem Text ass, wëll ech awer ganz daitlech hei ënnersträichen, datt dat awer e wierkelech grouse Mérite ass, deen hei geschitt ass. Deen doten Exercice duerchzezeien an och ze schaffen ass awer, an dat muss Der awer bei aller Objektivitéit zouginn, net esou einfach gewiescht, an trotzdeem, mengen ech, datt hei villes erreecht ginn ass. Mir hunn d'Endzil nach net definitiv erreecht - ech kommen herno nach kuerz drop zrëck -, mä et ass e wichtige Grondsteen an deem Sënn ouni Zweifel geluecht ginn. Ech wëll och dofir ausdrécklech de Verantwortlechen aus dem Innenministère félicitéieren, well déi Aufgab mécht ee jo net vun engem Dag op deen aneren.

Dann där ef een awer och net vergiessen, datt jo hei vill Froen d'Personal betreffen, wat jo awer jorelaang aus engem anere Bléckwénkel huet missen eng Aarbecht maachen an elo op eemol an eng nei Verwaltung erakënnt, wou se dann mussen aner Point-de-vue entwéckelen. Mä wichtig, an do kommen ech nach eng kéier op dat zrëck wat mer virdu schonn ugeschnidden hunn, sinn effektiv déi kloer Objektivten, déi mussen opgeluecht ginn, déi zwar zum Deel am Gesetz mat dra sinn, mä

et geet virun allem herno ëm d'Ëmsetzen. Fir eis jiddefalls ass et ganz kloer, datt dës nei Verwaltung muss zum zentrale Punkt vun alle Froen ginn, déi de loin oder de près mat Gewässerschutz eppes ze dinn hunn.

Ech wëll op ee Beispill hiweisen: Et gëtt jo gemengt, wéi wann dann awer eng Rei vun Aarbechten, vun Exploitatiounen, net méi direkt eppes mat Waasserschutz ze dinn hätten, zum Beispill d'Bedreiwe vu Kraaftwierker. Dat ass a mengen Aen eng falsch Iwwerleeung. Och do ass an Zukunft d'Kompetenz vun engem Waasserwirtschaftsamt gefuerdert. Ech wëll op ee Beispill méi konkret do hiweisen. Virun allem wat d'Fluctuatioun an och den Niveaueënnerscheed vun engem Gewässerlaf ubelaangt, duerch eben d'Gestioun vun engem Kraaftwierk. Do hânt ganz vill ekologesche Iwwerleeung mat hannendrun. An et ass fir mech evident jiddefalls, datt och herno e Waasserwirtschaftsamt muss e Bléck op d'Gestioun vun esou Installatiounen hunn. Ech wëll, wéi gesot, unhand virun allem vun deem Beispill nach eng kéier ënnersträichen, datt d'Waasserwirtschaftsamt einfach muss de Patron vun alle Gewässerleef ginn an och vun alle Froen, déi mat der Waasserwirtschaft ze dinn hunn.

Gemäss dem Artikel 2 huet déi nei Verwaltung jo och Kompetenzen am Héichwaasserschutz. Och dat ass richtig, well Héichwaasserschutz där ef een och net isoléiert gesinn, well Héichwaasserschutz huet och direkt eng Inzidenz op d'ökologesche Gestiou vun de Gewässerleef. Bei der Diskussioun iwwert d'Opdeelung vun de Kompetenzen tëschent dem Stat an de Gemengen hu mer dat och ënnerstrach.

Dat bréngt mech och nach zu engem anere Punkt, dee mer deemools hei ugeschwat hunn, dat ass de Kläranlagebau. Do gi jo d'Meenungen zum Deel ausereneen, ob d'Gemenge sollen an Zukunft kompetent bleiwen oder net.

■ Une voix.- Et gëtt Gemengen, déi ganz kompetent sinn.

■ M. Gusty Graas (DP).- Ech perséinlech tendéieren eischter an déi Richtung, datt ee soll zumindest gemëschte Syndikater, wann net esouguer déi ganz...

■ M. Camille Gira (DÉI GRENG).- Wat soll da besser ginn?

■ M. Gusty Graas (DP).- Här Gira, Dir sot: Wat soll besser ginn? Ech wëll jo elo kengem hei ze no tueden, mä et gëtt esou vill Regionen am Land, déi et net fäerdeg bréngen eppes Elementares ze maachen, nämlech d'Baue vun enger Kläranlag. Fannt Dir dat normal?

■ M. Camille Gira (DÉI GRENG).- Dat huet awer näischt domadder ze dinn.

■ M. Gusty Graas (DP).- Dach, dat huet och domat ze dinn, datt d'Gemengen oft do iwwerfuert sinn...

■ M. Camille Gira (DÉI GRENG).- Well se déi falsch Prioritéite gesat hunn.

■ M. Gusty Graas (DP).- Neen, net onbedéngt. Ech gesinn dat e bëssen aneschtens, dofir mengen ech, soll een déi Iwwerleeung weiterféieren, awéieren datt de Stat respektiv dann herno dat Waasserwirtschaftsamt hei soll vill méi Kompetenz kréie wat de Bau vu Kläranlagen ubelaangt, virun allem awer och aus enger Iwwerleeung hier: Gewässerschutz besteet net aus punktuelle Mesuren, mä Gewässerschutz ass eppes Globales. Et geet also net nëmmen, datt Der eng Gemeng hutt, wou vläicht de politesche Wëllen do ass fir esou eppes ze realisieren an d'Nopeschgemeng këmmert sech en alen Dreck drëm. Da bréngt dat jo

awer mat sech, datt mer keng Kohärenz an dat Ganzt kréien.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Kann ech dem Här Graas eng Fro stellen, wann ech gelift?

M. le Président.- Här Graas, den Här Gira wëllt Iech eng Fro stellen.

M. Gusty Graas (DP).- Jo, hie ka mir roueg eng Fro stellen.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Wann Är Logik géng stëmmen, da misste mer elo an der Tëschenzäit sämtlech Quelle mat enger Schutzzon fäerdeg bruecht hunn, well Dir wësst jo esou gutt wéi ech, dass 1993 mat Ärem Argument, dat Der elo virbruecht hutt, gesot gëtt, mir däerfen net méi de Quelleschutz bei de Gemenge loosse, mir ginn dem Stat deen, well och ze vill Partikularinteressen do sinn. Wësst Der wéi vill Quelleschutzzonen zënter 1993 ausgewise gi sinn?

M. Gusty Graas (DP).- Net genuch.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Net eng, Här Graas, net eng! Also läit d'Ursaach net do, wie grad kompetent ass, mä se läit bei de politesche Prioritéiten. A wann déi beim Stat net besser leie wéi bei de Gemengen, da komme mer guer net séier weider. A wann op der Musel keng Kläranlag ass, dann huet dat näischt domat ze dinn, dass dat de Gemengen hir Kompetenz ass oder dem Stat seng, dann huet dat mat falsche politesche Prioritéite vu Leit ze dinn, déi do responsabel sinn.

M. Gusty Graas (DP).- Fir op Ären Aworf zrëckzekomme wat d'Quelleschutzzonen ubelaangt, gesinn ech awer den Haaptproblem ebe bei der wäider Verbredung vun de Kompetenzen. Dat ass d'Ursaach gewiescht. Ech mengen trotzdem mir sollen déi Diskussioun awer hei nach eng kéier op de Leescht huelen.

Dann den Artikel 2.5 seet ënner anerem, datt d'Verwaltung chargéiert ass, ech zitieren: „d'entreprendre toute action pouvant prévenir la pollution ou la détérioration“. Dat heescht am Kloertext, datt jo awer hei schonn och eng gutt Basis geluecht ginn ass fir her no där neier Verwaltung méi Kompetenzen an dem Beräich vun dem Kläranlagebau ze ginn.

Den Artikel 4A.5 gesäit dann d'Divisioun vun dem Laboratoire vir. Do geet souguer Rieds - am Absatz d) -, datt dës Divisioun och kéint Aarbechte fir d'Ëmweltverwaltung maachen. Ech mengen awer och hei soll ee sech dann awer eescht haft Gedanke maachen, ob mir net och vläicht sollen an deem neie Laboratoire zu Diddeleng, dee mer jo elo viru kuerzem hei gestëmmt hunn, sämtlech Forme vun Analysen usidelen. Dat wier och vläicht méi rationell an och méi effikass. Mä selbstverständlech wier awer dann an deem Szenario d'Waasserwirtschaftsamt kompetent, wéi eng Analysen u sech missten a Waasserschutzfroe gemaach ginn. Ech wëll och drop hiweisen, datt jo virgesinn ass fir elo schonn de Veterinär-Laboratoire zu Diddeleng unzesidelen.

Positiv am Gesetz ass dann ouni Zweifel awer och d'Schafe vu Regionalbüroen, wat jo an der Praxis elo scho fonctionnéiert. Hei muss een och virun allem erëm eng kéier op den Ënnerhalt vun de Gewässerleef hiweisen. Dat si jo Aarbechten, déi un éischer Linn ausgefouert ginn, fir fir Propriétéit laanscht d'Uferen ze suergen; an de Moment hu mer jo do munchmol ganz gelunge Situatiounen. Ech hu mer soe gelooss, do kéimen alt Aarbechter vun Dikrech erof, fir op d'Musel botzen ze kommen. Dat ass natierlech eng Situatioun, déi awer ze denke gëtt. Dofir ass et an deem Sënn awer och wichteg, datt

méi eng rational Iwwerleeung kënnt, fir datt déi Regionalbüroen dee Moment och kloer Kompetenze kréien an datt si och sollen an hirem direkte Raum schaffen.

An där ganzer Diskussioun muss een dann awer natierlech och d'Fro stellen, wat ass d'Zukunft vum Gesetz vum 16. Mee 1929 iwwert de Curage, den Entretien an d'Verbesserung vun de Cours d'eau. Solle mer dat Gesetz nach a senger Integralitéit bestoe loosse oder soll dat Gesetz gegebenenfalls, wa mer herno d'Directive-cadre eng kéier ëmsetzen, vläicht ganz supriméiert ginn - och eng Diskussioun, déi derwäert ass gefouert ze ginn?

Am Artikel 13 Punkt A steet dann, datt d'Ponts et Chaussées zoustänneg si fir den Entretien vun der Musel an hiren Dépendancen. Mä och hei ginn ech ze bedenken, datt mer awer och erëm ganz séier am Beräich vun der Kompetenz vum Waasserwirtschaftsamt sinn; zum Beispill Aarbechten u Schleisen, och déi mussen no ökologesche Gesichtspunkte gegebenenfalls ausgefouert ginn. Ech denke virun allem un den Aménagement vu Fëschtrapeen. Ech weess, dass dat vill Leit absolut net interesséiert, mä wann een awer e bësselchen ökologesche Sënn matbréngt, dann huet een och de Reflex fir esou Aarbechten, sou datt een hei erëm eng kéier muss kloer betounen, dass d'Waasserwirtschaftsamt muss eng breet gefächert Kompetenz fir all Waasserschutzarbechte kréien.

Zefridde weise mer eis als Demokratesch Partei dann awer och iwwert d'Disposition transitoire, wat d'Personal ubetrëfft. Jiddefalls sou kann u sech kee vun de Beamten, respektiv Aarbechter, déi elo transferéiert gi sinn oder wäerten transferéiert ginn, un Acquisse verléieren; an dat ass och richteg sou.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann u sech dëst Gesetz jo „nëmmen“ e Kadergesetz ass fir eng nei administrativ Struktur ze schafen, sou kënnt een awer allerdéngs net derlaanscht, fir hei nach eng kéier d'Fro vun de Kompetenze kuerz unzeschneiden. Et kann ee sech dréinen a kéieren wéi ee wëllt, mä dat ass nun eben awer déi kruzial Fro an hei ginn d'Meenunge ganz auserneen.

(Brouhaha général)

Dat ass net ze leugnen. Hei ginn d'Meenungen an der Koalitioun auserneen, hei ginn d'Meenungen esouguer an de Parteien auserneen. Et gëtt ebe Leit, déi mengen d'Gemenge missten zoustänneg si fir sämtlech Aspekter vum Gewässerschutz. Implicite géif dat also heeschen, datt den Innenminister och misst den definitive Patron vun engem Waasserwirtschaftsamt sinn. Da gëtt et Leit, déi eng aner Approche hunn, déi éischer méi den ökologesche Volet considéieren, déi also dovunner ofleeden, dass den Ëmweltminister de Patron vun dem Waasserwirtschaftsamt soll ginn.

Jiddefalls eppes - an ech mengen dat ass awer e bëssen aus mengen Ausféierungen hei ervirgaangen - wëll ech besonnesch vläicht deene mat op de Wee ginn, déi éischer dohinner tendéieren, datt et definitiv misst am Innenministère ugesidelt ginn an datt jo awer virun allem de quantitativen Aspekt oft ënnert dem qualitativen Aspekt steet. Zum Beispill d'Gewënnung vum Drénkwaasser - mir hunn dat de Mëtte schonn hei diskutéiert - ass un éischer Linn jo awer och ganz kloer ëmweltschützeresche Kritären ënnerworf.

Zwee Drëttel vun eisem Drénkwaasser ginn iwwert de Wee vu Quelle gewonnen. An ech hat dat virdrun och scho gesot, schonns 1906 hate mer jo e Gesetz geschaffen dat virgesinn hat, datt eben esou Quelleschutzzone géingen aménagéiert ginn. Zu Recht ass hei gesot ginn, d'Gemenge konnten deen Exercice net realiséieren;

de Stat huet et entre-temps och nach net richteg fäerdeg bruecht. Mä just dat Beispill beleet jo eemol méi, datt jo awer de quantitativen Aspekt ëmmer Fonctioun och vum qualitativen Aspekt ass. Also e Grond méi, fir sech wierklech seriö Gedanken ze maachen, datt esou e Waasserwirtschaftsamt éischer am Ëmweltministère unzesidele wier, wéi dat am Innenministère de Fall wier.

Op där anerer Säit, deen aneren Drëttel vum Drénkwaasser kënnt vum Stauséi vun Esch/Sauer. Och do hu mer virdu schonn op déi Problematik higewisen, déi eben duerch déi vill Anträge vu Gölle, vu Sprëtzmëttelen a sou weider, besteet. Natierlech och vun ongeklärten Ofwässer, wat mat sech bréngt, datt nach Problemer besti bei der Opbereedung vum Drénkwaasser. Also si mer erëm direkt an der Diskussioun vun ëmwelt- an naturschützereschen Iwwerleeungen. Et beweist also ëmmer erëm, datt eng enk Relatioun tëscht Waasserschutz an Naturschutz besteet.

An dann awer och d'Tatsaach, datt am Artikel 5A Punkt 3.1 d'Carrière vum Fierschter virgesinn ass beweist - jiddefalls fir mech - wéi enk d'Relatioun tëscht dëser neier Verwaltung an dem Naturschutz ass. Et gëtt also valabel Argumenter, déi kloer beleeden, datt dës Administratioun soll dem Ëmweltministère ënnergegliddert ginn. Mä ech ginn awer ganz gären zou, datt ass eng Diskussioun, déi an enger zweeter Etapp soll gefouert ginn an déi dann och déi nächst Regierung wäert beschäftegen.

Ech wëll an deem Kontext awer och un de Positiounspabeier vu menger Partei erënneren, vum 25. November 1997, wou mer deemools...

M. Alex Bodry (LSAP).- Dat do steet do net dran!

M. Gusty Graas (DP).- Et steet awer dran: „Die DP fordert eine ökologisch orientierte Wasserwirtschaft. Um dieses Ziel zu erreichen, müssen allerdings administrative Strukturen neu geordnet werden, die eine höhere Effizienz erreichen können.“ Mir haten awer deemools och gesot, Här Bodry, dat kann ech Iech noweisen, datt mir éischer der Meinung wieren - ech hunn den Text hei -...

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech hunn den Text och hei.

M. Gusty Graas (DP).- Dir hutt vu Positiounspabeier geschwat.

M. Alex Bodry (LSAP).- Dir hutt dee selwer zitéiert!

M. Gusty Graas (DP).- Ma jo, do steet et dran, datt mir éischer der Meinung sinn, datt, wéi gesot, den Ëmweltministère soll kompetent gi fir déi nei Administratioun. Mä wéi gesot, da scheiden sich die Geister.

M. Alex Bodry (LSAP).- Dir hutt Iech net duerchgesat.

M. Gusty Graas (DP).- De 27. Mäerz 1990 hat zum Beispill de Wirtschafts- a Sozialrot och schonn a sengem Avis festgehalten „la raison majeure semble résider dans l'embrouillamini, qui existe en matière de compétence pour tout ce qui touche à l'économie de l'eau. Aussi le CES est il d'avis qu'il importe d'accorder l'entièreté des compétences dans la matière à une seule instance nationale, à l'instance du 'Wasserwirtschaftsamt' allemand.“

Dëst Gesetz - an ech widderhuele mech nach eng kéier hei - huet trotz deenen eenzelnen Onzou-längleckeeten awer de Mérite,

datt ee wichtige Grondstee geluecht gouf fir d'Zukunft a fir eng effizient Waassergestioun unzestriewen. Mir als Demokratesch Partei hu jiddefalls gehollef dës Grondsteen ze leeën. Et ass also evident, datt mer och hannert dësem Text stinn. Mir wäerten en och stëmmen an ech wëll nach ofschléissend dem Marco Schank merci soe fir seng gutt Aarbecht, déi en an deene leschte Méint geleescht huet.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll de Kolleg Jaerling entschëllegen, deen eigentlech haut hätt sollen hei schwätzen an ech probéieren hien dann erëm eng kéier sou gutt ze ersetze wéi et geet.

(Interruption)

Et ass natierlech net ganz einfach, wann ee bei deene villen a leidenschaftlechen Diskussiounen net derbäi war - ech gi mol dovunner aus, datt se an der Kommissioun gradesou leidenschaftlech gefouert gi sinn, wéi se elo hei am Plenum gefouert ginn. Mä ech hu mech e bëssen doduerch gelies an hei och gutt nogelauschert an ech sinn eigentlech och zur Konklusioun komm, datt et sech hei an éischer Linn ëm eng gréisser Réforme administrative handelt. Et liest een dann och, datt eigentlech sechs Ministären a fënnf Administratiounen vun där Problematik vum Waasser direkt oder vläicht e bësse méi indirekt beträff sinn. An et kann ee sech dach virstellen, wann ee weess, wéi schwéier datt et war, fir zwou Administratiounen, wéi déi vun der Gendarmerie an der Police, zesammenzekréien, datt dat hei natierlech och um administrativen an um politesche Plang engem grousser Kraftakt bedéngt.

Mä trotzdem a bei aller Skepsis, déi bei eis ëmmer duerchgeklungen ass - an ech soen dem Här Halsdorf merci, datt e mech zitéiert huet, dat kënnt net dacks hei vir -, muss ee soen, datt mer grondsätzlech mat der Zesummeleeung vun de Kompetenzen an enger zentraler Direktioun kënnen averstane sinn.

Ech wollt d'Problemer beim Waasserschutz ganz kuerz opzielen. Dat eent ass d'Gestaltung vun eisen Oberflächewaasserleef. Mir wësen, datt an der Vergaangenheet vill doriwwer gestridde ginn ass. Haut vläicht e bëssellech manner, obschonn déi Diskussiounen och nach net ganz ofgeflaacht sinn, besonnesch am Zesummenhank mat deenen Aarbechten, déi zurzäit plazeweis amgaange sinn.

Ech muss awer och drop hiweisen, datt déi Problematik net nei ass. Ee mir ganz bekannten Industriellen, deen an eiser Géigend gewunnt huet, an do Waasserkraaftwierker bedriwwen huet, den Här Lamort, dee sengerzäit eng grouss Pabeierfabrik hat, an och eng Holzmillen, fir Pabeier ze produzéieren, an d'Waasserkraaft do exploitéiert huet, deen huet sech batter driwwer beklot an enger ganz bemierkenswäerter Broschür, déi 1885 erauskomm ass, datt een an der Landwirtschaft amgaange wär d'Wisen ze drainéieren an d'Baache méi riicht ze maachen, fir d'Qualitéit vun de Biedem ze verbessern, an datt dat deemools - dat muss ee sech virstellen - viru praktesch 120 Joer dozou gefouert huet, datt d'Sir ëmmer méi Héichwaasser gefouert huet, oder d'Waasser méi séier komm ass, an him esouguer eng kéier seng Waasserkraaftanlagen zerstéiert huet, wat en obligéiert huet dat Ganzt nei an erëm méi grouss a méi staark opzebauen.

Ech wollt dat just rappeléieren, fir drop hinzeweisen, datt déi Problematik net vun haut a gëschter ass.

Dat Zweet betrëfft eis Grondwaasserreserven. Dat huet och mat der Sécherheet vum Approvisionnement mat Drénkwaasser ze doen, wéi dat scho beim Projet virdrun ugeklongen ass, well mir eis jo zimlech extrem an d'Ofhängegkeet vum Stauséi beginn hunn an deemno wat virkënnt, dach awer drop ugewise sinn, datt mer kënnen op déi Grondwaasserreserven zrëckgräifen, woufir et noutwendeg ass, datt dat Grondwaasser, wat do zur Verfügung steet, och vun der néideger gudder Qualitéit ass a bleift.

Dann d'Drénkwaasserqualitéit generell. Dat betrëfft esouwuel de Stauséi wéi d'Quellen, déi de Moment nach, an hoffentlech och an Zukunft nach, a relativ groussem Mooss profitéiert ginn. Do steet d'Landwirtschaft regelméisseg um Pranger. Ech wëll mech elo net hei als Lobbyist vun der Landwirtschaft dohinner stellen. Mir wësen, datt et scho laang Problemer gëtt, zënter datt de synthetesch Stickstoff erfonnt ginn ass, an erausfonnt ginn ass, datt deen eng segensräich Wierkung op d'Erträge huet, gëtt däers Geschir natierlech an der Landwirtschaft agesat. An et ass eng Zäit ginn, wou e bësselchen d'Norm gegollene huet, wat méi wat léiwer, bis dat een agesinn huet, datt dat et och net onbedéngt bruecht huet.

Haut gëtt et Techniken, mä déi sinn deier, déi bedéngen héije personellen Opwand, och en héije Materialopwand. Et gëtt Techniken, déi sinn esou héich sophistikéiert, datt iwwer Satellitesteierung ganz prezis op all Ar praktesch ka gedünkt ginn, wat de Bedarf ass, nodeem datt een natierlech virdrun huet misse feststellen, wat de reelle Bedarf ass. Da kann een dat doséieren.

Déi neist Maschinne ginn drop aus, fir de Stickstoff direkt an de Buedem ze injizéieren, wou, wat déi lescht Erkenntnisser sinn, d'Ausnutzung duerch d'Planzen och vill méi grouss ass, an d'Auswäsung vill méi kleng ass. An deem Secteur ass ganz sécher nach villes ze verbessern, mä do gesäit ee schonn, datt een dee ganze Volet och net ka bewällegen, ouni datt eng Zesummenaarbecht kënnt tëschent deene Leit, déi elo d'zentraler Kompetenz fir d'Waasserwirtschaft hunn, an deenen, déi weiderhin - ech denke jo net, datt een d'ganz Landwirtschaft och nach an d'Waasserwirtschaftsamt wäert integréieren - am Secteur vun der Landwirtschaft Kompetenzen hunn, esouwuel wat d'Ausbildung vun deene jonke Leit ubelaangt, wéi och wat d'Weiderformatioun vun deenen Erwuessenen ubelaangt, a wéi dat wat Équipement ubelaangt, déi noutwendeg sinn, oder de Subventionnement vun deenen Équipement, déi noutwendeg si fir kënnen déi Technik do anzesetzen.

Dann d'Waasserqualitéit vun de Waasserleef. Mir wëssen, datt do nach villes nozehuele bleift. Dat kënnt regelméisseg hei op d'Tapéit. Ech wëll dat net weider verdéiwen, mä et ass bedauerlech, datt mer Waasserleef hunn, déi regelméisseg mussen fir den touristesche Gebrauch verbuede ginn, zougemaach ginn, well d'Waasserqualitéit esou miserabel ass, datt ee muss fir d'Gesondheet vun de Leit fäerten, déi do Vakanz maachen oder vun deene Kanner, déi da vläicht wëllen do am Waasser puddelen. Dat ass engem Land wéi Lëtzebuerg, dat esou eng laang Period vu Prosperitéit a vun iwwerquellende Statsfinanzen huet, net würdeg, an et ass och noutwendeg, datt an deem Beräich kontinuéierlech a konsequent weidergeschafft gëtt.

D'Fro, déi sech stellt: Hätt een dee Problem och kënnen léisen duerch eng besser Koordination? Et ass probéiert ginn elo an der Iwwergankszäit, oder ass et besser eng nei Administratioun ze schafen? Ech hu jo scho gesot, mir kënnen dat absolut mat droen, datt een

eng nei Administratioun schaaft, déi zentral Kompetenzen huet. Et muss een awer wëssen, datt et keen einfachen Exercice ass, well déi Administratiounen, déi dat bis elo haten, hunn hir Traditionen. Et si Mënschen do, déi hir Virstellungen hunn, och wat hir perséinlech Carrière ubelaangt, déi Ambitiounen hunn, an ech ka mir virstellen, ouni elo am Detail doran ze kucken, datt dat net ëmmer einfach ass, well do verschidden Interête géintenee stoussen, an datt déi Leit, déi do d'Direktioun hunn an dofir ze suergen hunn, oder ze kucken hunn, wéi verschidden Avancementer viruginn an esou weider, et ganz sécher net einfach kréien.

Zentraliséierung d'accord, mä wéi ech elo grad gesot hunn, et bleiwen ëmmer nach, egal wéi ee sech do uleet an egal wéi een dat opbaut, d'Kompetenzzwieschneidung mat anere Ministère. Esou kloer kritt een dee Beräich net vun anere Ministèren ofgegrenzt.

Déi spannend Fro, déi permanent diskutéiert gëtt, ass déi, ass dann elo de Ministère de l'Intérieur oder de Ministère de l'Environnement deejéinegen, deem dat do soll ënner seng Fittichen kréien? D'Waasser, géing ech mengen, kucke mer alleguer, egal vu wat fir engem Bord, datt mer kommen, als eng Ressource naturelle, als en Element vun der Natur, an als Solcht géing ee mengen, et misst dach par définition ënnert d'Kompetenz vum Environnement gehéieren. D'Waasser ass awer och, wësse mer alleguer, en Naturelement, wat ka ganz geféierlech gi bei Iwwerschwemmungen oder ähnleche Katastrophen. Waasser, esouwäit wéi et muss gekläert ginn, ier et an d'Baache leeft, fält weiderhin ënnert d'Zoustännegkeet vun de Gemengen, an ass och dofir par définition dem Ministère de l'Intérieur ënnerstallt. Vun dohier, wann ech elo keng dogmatische Approche hunn, ob et soll den Environnement oder den Intérieur sinn, muss ech awer soen, ech hätt éischter eng Faveur fir den Environnement, an zwar aus Iwwerleeungen, déi meng Virriedner och schonn ugefouert hunn.

Och de Statsrot weist drop hin, datt zum Beispill bei Aarbechten u Waasserleef déi duebel Kompetenz sech weist. Ech дәerf, Här President, mat Ärer Erlaabnis kuerz zitieren: „Plus grave selon le projet de loi sous avis, tous travaux de dérivations directes ou indirectes, de consolidation de rives et de redressement des lits des cours d'eau exigent non seulement l'autorisation du Ministre ayant l'environnement naturel dans ses compétences, mais également une autorisation du Ministre ayant dans ses attributions la gestion de l'Eau, de sorte que l'autorisation de deux ministres est requise pour une seule loi, autorisation basée sur les mêmes objectifs de cette loi.“

Dat ass eng vun de relativ fundamentale Kriticke vum Statsrot. De Statsrot seet hannendrun, an et ass eng Haltung, déi mir och als Fraktioun adoptéieren, datt een d'Geleeënheet verpasst huet, fir am Kader vun der Reform vun der Administration des Eaux et des Forêts, e Regroupement ze maachen. Ech zitieren och do nach eng Kéier: „Cette proposition permettrait également d'éviter autant que possible l'amputation de l'Administration des Eaux et Forêts de ses attributions en matière de la pêche et d'une partie importante de ses compétences en matière de conservation de la nature. Par là, le Gouvernement se rapprocherait de la conclusion retenue par l'audit relatif à cette administration, commandé par le Gouvernement lui-même, à savoir faire de l'Administration des Eaux et Forêts l'administration centrale de la gestion de l'environnement naturel.“ Dat wär eiser Meinung no och aus der Tradition vun där Administratioun eraus eng Approche gewiescht, wou een d'Zoustännegkeeten hätt

kënne regroupéieren, ouni ënner Emstänn eng ganz nei Administratioun ze schafen.

Wann een awer, Här President, den Text vum Projet de loi kuckt, ëmmer an der Problematik Environnement oder Intérieur, a wann een den Artikel 1 liest, deem Text, deem d'Kommissioun proposéiert: „Article 1^{er}. - Il est créé une Administration de la gestion de l'eau, ci-après appelée administration, placée sous l'autorité du membre du gouvernement ayant dans ses attributions la coordination de la politique générale de l'eau et ci-après appelé ministre“, do kann ee soen, et ass jo net vill geschitt, den 13. Juni hu mer Wahlen an déi nächst Regierung décléiert da wien dee Minister ass. Ech hunn net am Text fonnt, dass direkt gesot gëtt, dat ass elo an Zukunft den Innenminister. Dofir kéint ee sech elo berouegt zrëckleeën a soen, dat ass jo da leschten Enns egal, et ass all Kéiers op en Neits an der Kompetenz vun deenen, déi d'Regierung forméieren, fir dann ze decidéiere wien déi Verantwortung iwwerhëlt.

Mä nach eng Kéier aus der Approche eraus, dass d'Waasser eng natierlech Ressource ass, dass een elo en Démontage consécutif mécht vun enger traditionsräicher Administratioun, déi d'Eaux et Forêts ass, hätt mir et scho léiwer gesinn, wann et effektiv ganz dätlech ënnert d'Kompetenz vum Umweltminister komm wär.

Här President, de Statsrot seet och eppes, an dat ass eppes, wat een nëmme kann ënnersträichen a wat mir och mat droen, e bedauert, dass bei deene villen Texter, déi sech mat Waasser an an engem méi entfernte Mooss mat Ëmwelt befaassen, hei d'Geleeënheet verpasst ginn ass, fir eng deifgräifend Reform vun all deenen Texter ze maachen, waméiglech en Texte unique, dee kohärent wär, och wat d'Règlementatioun ubelaangt vun all deem, wat an der Waasserpolitik besteet. Och dat ass net geschitt.

An den Här Bodry huet et scho gesot, an ech droen dat voll mat, déi Aart a Weis wéi sech hei iwwer all dat, wat de Statsrot seet, an en huet jo méi gesot wéi just déi eng Remarque oder déi eng Approche, wou en net dermat d'accord ass, déi Brückierung, déi hei vum Statsrot virgeholl ginn ass, déi kënnen mir och net deelen.

Wann een den Avis kuckt, an et liest een dat, wat de Statsrot zum Schluss seet: „...en guise de conclusion et par référence aux nombreuses incohérences que présente le projet sous avis...“, do, Här Minister, war Är Remarque, mengen ech, wann een dat esou kuckt, net ganz ubruecht, wann Dir sot, et wär jo just quasi op engem fundamentale Punkt, wou Dir lech net eens wäert, an dofir wär et einfach fir eng Attitüd ze adoptéieren, entweder déi eng oder déi aner, an Dir hätt eben déi eng adoptéiert.

Wann ech kucken, wat de Statsrot hei alles monéiert huet, besonnesch dat, wat en a senger Remarque finale zum Ausdrock bréngt, an da kënn nach dobäi, dass eigentlech ënnerlooss ginn ass fir déi Kaderdirektiv, wou zwar gesot gëtt, se ass jo awer nach net ganz faerdeg, fir déi mat ëmzesetzen, esou féiert alles dat derzou, dass mir dësem Projet de loi, esou wéi en elo virläit, eis Zoustëmmung net kënnen ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Damen an Dir Hären, Waasser huet näischt mat der Sécurité intérieure a mat der Police ze dinn, Waasser huet ganz wéineg mat Urbanismus an Aménagement communal ze dinn an huet nëmme minimal mat Gemeengefinanzen ze dinn. Dofir

llicht et engem mat e bësse gesondem Mënscheverstand och an, dass wann een d'Telefonbuch vun der Regierung duerchliest an et kënn een op d'Säite vum Ministère de l'Intérieur, dass eigentlech e Waasserwirtschaftsamt net bei de Ministère de l'Intérieur gehéiert, well et freet ee sech wéi niewent deene Kompetenzen, déi ech elo opgezielt hunn, dat Waasser op eemol hierkënn. A wann een op d'Säit vum Ministère de l'Environnement kënn, dann erstaunt et ee scho bëssem, wann do wierklech eng Administration des Eaux et Forêts derbäi steet, déi dach anscheinend näischt méi mat Waasser ze dinn huet. Dat fir op eng ganz plakativ Aart a Weis eis Argumenter duerzeleeën.

Et war eiser Meinung no e Feeler 1990 bei der Kompetenzopdeeling d'Waasser erliwwer an dëse Ministère ze huelen. Wat méi Zäit vergangen ass, wat de Feeler méi offensichtlech ginn ass, mä anscheinend hunn déi Responsabel an der Regierung an an der Majoritéit gemengt, et géing hinnen en Zack aus der Kroun falen, wa se eng Décisioun, déi se vläicht am Féiwer vu Juli an August 1999 an der Hëtzt geholl hunn, géingen zrëckhuelen. Wa se dat bei klore Kapp vläicht nach eng Kéier roueg iwwerduecht hätten, esou wär kengem en Zack aus der Kroun gefall, wa se da gesot hätten, elo hu mer déi Leit beieneen, kommt mir maachen direkt dat Richtegt a schreien e Gesetz wat kohärent ass.

Dat war awer net ze maache mat dëser Majoritéit mam Resultat, dass no fënnef Joer, wat awer eng laang Zäit ass, e lückenhaft Gesetz géint eng Opposition formelle vum Statsrot hei duerchgeboxt gëtt. Ech liesen dës Opposition formelle och net esou, dass se nëmmen domat ze dinn huet, dass d'Direktiv net ëmgosat ginn ass. Mä gutt, et bréngt eis elo net weider doriwwer ze diskutieren.

Ech hunn am Laf vun deene fënnef Joer, wou mir méi wéi eng Kéier an dësem Haus iwwert déi Problematik diskutéiert hunn - schonn direkt bei der Regierungserklärung, bei der Kompetenzopdeeling war dat e Sujet an en ass e puermol duerno erëmkomm -, ëmmer all eis Kriticken aus grénger Siicht duergeleucht, an dofir wäert ech dat net nach eng Kéier alles widerhuelen, wat ech an deene fënnef Joer hei gesot hunn.

Et kënn derbäi, dass mir als Gréng, an ech perséinlech och, déi Analys, déi den Alex Bodry hei gemaach huet zu deem ganze Projet voll a ganz deelen, esou dass ech mech wäert hidden dat nach eng Kéier alles ze widerhuelen, wat hie richtegerweis a mengen Ae gesot huet.

Ech hat grad wéi hien eigentlech dat spontaant Gefill, wéi mir an deene leschte Sitzungen an der Intérieurskommissioun diskutéiert hunn, wéi wann d'Schafung vun deem Waasserwirtschaftsamt wierklech just nach e Selbstzweck wär. Et ass nëmmen nach drëm gaangen: Wéi komme mer hei duerch de Bësch? Wéi packe mir dat do virum 13. Juni? An et war eigentlech, weder zum Schluss nach virdrun, eng Diskussioun iwwert dat, wat misst eist prioritäert Zil sinn, nämlech d'Ziler, déi mir mat dem Zesummeleeën vun deene Verwaltungen wëllen erreechen.

Et ass an et soll jo kee Selbstzweck sinn. Et geet jo net drëm, wann ech richtig verstanen hunn, hei Leit anzuspüren, Gelder ze spüren, mä mir wëlle méi eng effikass Gestion intégrée vun deem wichtege Gutt Waasser maachen. Mä wann ee wëllt eng Réforme administrative maachen, wär et fir mech jiddefalls logesch, dass een en Audit mécht vun deem, wat ass. Et fënn een eraus, wat net gutt funktionéiert. Da seet een, mir leeë Saachen zesammen, mä fir d'éischt muss een awer d'Ziler definéieren, wat ee mat der Reform wëllt hunn. Inhaltlech Ziler: Wat soll besser ginn, wat erwaarde mer eis, wa mer elo de gréissten Deel vun deene Kompetenzen an enger Verwaltung zesummeleeën? Wat erwaarde mir eis als Plus-value, wat de Fong vum Sujet ubelaangt?

Déi Diskussioun huet a fënnef Joer net stattfonnt, weder bei der Diskussioun zu dësem Projet nach bei anere Geleeënheeten, a fir eis als Gréng ass dat wierklech de springende Punkt. An den Här Graas huet et d'éinescht opgeworf. Wann ee Buergermeeschter ass, erlieft een et jo och an der Praxis bei Dosieren, wou all déi Kompetenzen zesummekommen. An ech muss lech soen, ech erliwwen dat actuellement um Terrain. Déi Leit, déi dohinner kommen aus deenen ënnerschiddlechste Verwaltungen, wëssen net, wat d'iewescht Zil vun dëser Majoritéit ass, wann et ëm Waasser geet. Dat ass net kloer definéiert. Wann een e konkrete Fall huet, da kommen déi Beamten a Beamtinnen dohinner a maachen hir gutt Iwwerleeungen. Am beschte Wëssen a Gewëssen soen se hiren Apport, mä et si keng kloer Richtlinnen do. Wat si wierklech d'Prioritéiten? Ass eng Prioritéit d'Qualitéit vum Uewerflächewaasser? Ass d'Prioritéit de Schutz vum Grundwaasser?

Den Innenminister huet bei deem Projet hei virdrun e bësse seng Vuë gesot, wou et soll higoen a Richtung Drénkwaasserversuergung. Ech muss lech ganz éierlech soen, ech perséinlech sinn net ganz frou mat där Vue. Ech weess net, ob dat de richtige Wee ass, sech esou an eng Ofhängegkeet vun engem zentralen Instrument ze beginn, dat net nëmme wou mer a menger Gemeng d'Chance hunn, e Mineralwaasser am Krunn ze hunn, mä ech weess net ob et richtig ass, sech op eng zentral Quell ze reduzieren, wann et ëm esou eng wichtig Distributioun geet. All Regele vun der Ekologie soen ëmmer: Wat en Organismus méi op engem Punkt konzentréiert ass, vun engem Punkt ofhängeg ass, wat e méi ufälleg ass. Wie weess ob net awer nach eng Kéier en Tankerongléck ka geschéien do uewen um Stauséi, da si mer awer, wa mer geschwënn zu 80 bis 90% vum Stauséi ofhängeg sinn, schlecht drun.

Ech hunn och dat Gefill, wann net méi am Beräich Quelleschutz an deene leschten zéng, fofzéng Joer geschitt ass, da ganz oft well eng Solution de facilité gesicht ginn ass, well souwuel d'Gemenge selwer, ech wëll dat net leegnen, wéi awer och vläicht vun uewen erof vu gewësser Säit gesot ginn ass: Major, da schléisst lech un de SEBES un, da kritt Der Waasser vun do uewen an da braucht Der lech net méi mat Äre Baueren ze ploen, wann Der 75 mg Nitraten an Äre Quellen hutt. Ech weess och, dass et ganz üstrendend ass, Quellschutz zonen auszuweisen. Et ass nach méi üstrendend, mat Baueren en Accord ze fannen, fir dass déi och Efforté maachen, fir dass mer d'Nitratwäerter erofkréien.

Ech wëll awer just och drop opmierksam maachen, dass, wa meng lescht Informatioun richteg sinn, mir awer amgaange sinn, en ähnliche Phenomeen um Stauséi ze erliwwen. Wa meng Informatioun richteg sinn, si mer an der Tëschenzäit bei iwwer 20 mg Nitraten am Waasser vum Stauséi. Et gëtt zumindest eng Richtlinn vun der

Weltgesondheetsorganisatioun, déi seet, et soll een op d'mannst de Bébéee keng Fläsche méi maache mat Waasser wat iwwer 25 mg Nitrater huet. Ass dat dann d'Zukunft, ass dat eng Visioun, dass mir deemnächst müssen dem ganze Land matdeelen: Jiddfereen, deen iergendwéi SEBES-Waasser kritt, deen дәerf keng Fläsche méi hierstelle mat deem Waasser? Ech weess net, ob dat eng gutt Linn ass. Dat sinn alles Saachen, wou et sécherlech ënnerschiedlech...

(Interruption)

M. Nico Loes (CSV). - Et ass jo och net gesot, dass een nëmme ausschléisslech elo op dat dote Waasser zrëckgeet, parallel ass et jo net verbueden déi aner Quellen ze schützen, fir dass een dat Waasser och nach oprecht erhält.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Ech hunn awer dat Gefill, dass an der leschter Zäit souwuel um lokale Plang wéi um nationale Plang d'Prioritéit op déi Zentraliséierung gesat ginn ass, dass d'Gemengen awer net esou ënnerstëtzt gi sinn, déi wëllten Efforté maachen, fir hir Quellen ze schützen. Ech liesen x Rapporte vu Gemengen, déi einfach Quellen abandonnéieren, well se relativ héich Nitratwäerter hunn, eng Solution de facilité huelen a sech un de SEBES uschlëssen. Ech kann déi Leit verstoen, ech wëll elo hei keng bonne Noten ausdeelen, ech stellen dat just fest. Ech perséinlech wëll just soen, dass een och eng aner Vue kann hunn a virdru warnen, dass mer sollen oppassen, dass mer eis net ze vill op zentral Léisunge maachen.

Mir hunn d'lescht gesinn, wann e Rouerbroch kënn zu Eschduerf, da si mer awer schlecht drun, gellt? Wa mer dezentral Léisungen hunn, da gëtt et vläicht eng Gemeng, déi schlecht drun ass, mä wa mer zentral Léisungen hunn, dann ass ëmmer de Problem, dass da vill Leit e Problem hunn. Mir hunn dat mam Stroum erlieft, vläicht erliewe mer et och eng Kéier mam Waasser.

(Interruption)

M. Nico Loes (CSV). - ...den Här Innenminister gesot huet fir ausschléisslech dat anert Waasser net méi ze huelen, mä et huet ee jo gesinn, duerch dee waarme Summer, dee mer haten, datt ëmmer méi Gemengen de Problem hate fir op Waasser zrëckzegräifen, an do duerch komme se och op de SEBES, fir do eng zousätzlech Sécherheet ze hunn.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Dat ass een Aspekt, mä nach eng Kéier, ech liesen a ville Gemengerotsberichte, dass Problemer si mat dem Nitratwäert a gewëssene Quellen, an da gëtt och do ganz séier gesot: Allez hépp, komm mir maachen déi zou an da schlësse mer eis un de SEBES un. Dat ass eng Feststellung, déi ech maachen. Ech mengen also do kéint een d'Saachen diskutieren. Wat ass d'Prioritéit op eise Terrain? Ass et de Schutz virdrun Iwwerschwemmungen? A wa mer Renaturéierung vu Baache maachen, renaturéiere mer fir de Liewensraum Baach a Floss ze verbessern, oder renaturéiere mer primär fir erëm Réckhalteflächen, natierlech Becken ze maachen am Beräich Héichwaasserschutz? Mir ass dat net kloer, wou de Moment d'Prioritéite vun dëser Regierung leien.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Ech hunn och dat Gefill, an och u konkrete Beispiller um Terrain, dass d'Leit an der neier Verwaltung, an och parallel an der Forstverwaltung, déi dann awer nach matschwätzt bei deene Projeten do, och net kloer wëssen, wat dann elo d'Richtlinn sinn. E Beispill wou ëmmer erëm Konflikter opkommen, dat ass dat, dat och de Gusty

Graas genannt huet: Laanscht Baachen, hunn do den Naturschutz an de Schutz virun der Eutrophéierung Prioritéit, oder huet d'Landwirtschaft Prioritéit? Och do stellen ech nach ëmmer erëm Konflikter fest, an et geet elo net duer, dass ee Leit, déi virdrun an enger ASTA geschafft hunn, eriwwehelt an hinnen eng aner Kap undee, fir dass déi ganz Problemer do sech vum selwe léisen. Wann déi Leit net vun uewen, vun de politesch Verantwortleche kloer an daitlech Richtlinne kréien, wat dann elo dobaussen um Terrain soll geschéien, ech mengen dann hu mer déi Konflikter just beieneebruecht, an da si se vläicht souguer nach méi intensiv wéi virdrun.

Ech fannen awer och, dass um strukturelle Plang net kloer ass, wéi et soll weidergoen. Wat ass d'Roll vun de Gemengen an Zukunft? Ech hu gespuert, bei enger Rei Leit aus der Majoritéit am Kontext vum Débat Etat/communes, dass jo anscheinend Leit mengen, wa mer muer de Stat géingen iwwerall mat eranhuelen, da kéime mer besser weider. Ech sinn do zumindest skeptesch.

Ech hunn lech elo éinescht d'Beispill vun de Quelleschutzzonë gesot: Do ass an eelef Joer net eng ausgewise ginn. Ech mengen, ech kann dat nach eng kéier betounen, et kann een net soen, dass de Problem bei de Kläranlage bei de Gemenge läit. Wann awer an engem groussen Deel vum Land viles geschitt ass, an nach viles amgaangen ass ze geschéien, vläicht an engem Deel net, da muss ee kucke wat do déi Ursaache sinn, mä et huet näischt domat ze dinn, dass d'Gemengen net wëllen.

Ech faerten zum Beispill eng aner Analys, ech hunn zum Beispill dat Gefill, dass déi Ofdeelung vun der Umweltverwaltung nach ni Leit genuch hat, fir déi vill Projeten, déi dobaussen am Land um Niveau vun de Kläranlage lafen, ze begleeten. Mir sinn eis eens, dass et eng gemeinsame Aufgab vun de Gemengen an dem Stat ass, fir dass mer e flächendeckend Netz vu Kläranlage kréien. Wann an där Verwaltung nëmmen zwee, dräi Leit schaffen, da kënnen déi net déi dosende Projeten iwwer Land, déi komplex sinn, déi komplizéiert sinn, begleeten. Dat wär éischter meng Analys, dass mer do hanendra sinn, wéi dass et elo de Problem ass, dass dat eng Gemengekompetenz ass.

Ech fannen et schued, an do sinn ech awer vill méi optimistesches wéi Dir, Här Graas, dass mer net iwwert d'Roll vun den Ofwaassersyndikater schwätzen. Déi hu mer geschwë flächendeckend; ech weess déi lescht Zuelen net, mä ech mengen, dass geschwënn och déi meescht Gemengen an engem vun deenen Ofwaassersyndikater dra sinn, an ech hunn awer aus eegener Erfahrung festgestallt, dass do awer eng vill méi kompetent, eng vill méi systematesch Aarbecht ka gemaach ginn, wéi wann all Gemeng selwer hir Kläranlage gëriert.

Ech mengen, wa mer eng kéier flächendeckend déi Ofwaassersyndikater hunn, gesinn ech zum Beispill keng Ursaach, dass mer do de Stat nach sollen an déi Syndikater mat eranhuelen. Dat géif just d'Décisionsfannung erschwéieren, menger Meenung no, dat bréngt fir mech guer keng Plusvaluen. Op där aner Säit hätt ech mer kënnen virstellen, dass een deenen Ofwaassersyndikater, vläicht kombinéiert mat gewëssenen Dréngwaassersyndikater, eng ganz aner Roll hätt kënnen an där ganzer Diskussioun ginn. Dat si Leit, déi um Terrain implantéiert sinn, déi sinn am direkte Kontakt mat de Gemengen, déi kënnen ganz schnell reagéieren, och wa Problemer sinn, vläicht éischter wéi eng staatlech Verwaltung.

Dann ass och hei schonn d'Fro opgeworf ginn, Här President, vun der Roll vun der Forstverwaltung,

den Numm ass schonn erwähnt ginn. Mir hunn zwee Audite gemaach iwwer Naturschutz an iwwert d'Forstverwaltung, do ass op jidde Fall ni dat erauskomm, wat elo hei praktizéiert gëtt. Ech mengen och, dass mer net ganz richtig leien, wa mer an Zukunft net no Bassins versants fueren. Ech mengen déi regional Stellen, wann ech gutt am Bild sinn, sinn net no Bassins versants opgedeelt ginn, mä no iergendwelchen aneren traditionellen Regionen, wéi d'Verwaltungen opgedeelt gi sinn. Wann ech gutt am Bild sinn, ass dat schonn net konform zur europäescher Waasserschutzdirektiv. Iwwerall setzt sech d'Erkenntnis duerch, dass ee Waasser a Flëss nëmme ka schützen, wann een an hiert ganz Anzugsgebiit mat era gesäit. Dofir also och als Beweis, Här President, dass um Niveau vun de Strukturen eigentlech nach vill Diskussionsbedarf gewiescht wär, deen eiser Meenung no och hätt misse virdrun oder zumindest parallel gefouert ginn zu der Auserbechtung vun dësem Gesetz.

Ech huelen déi Excuse, dass nach net dee leschten Detail vun der EU-Direktiv faerdeg ass, net u fir ze soen, et hätt ee keng inhaltlech Diskussioun kënnen féieren. Mir hate fënnef Joer Zäit fir inhaltlech Diskussiounen ze féieren, parallel zum Ausschaffe vun dësem Gesetz, an dann hätt een zum Schluss kënnen déi zwou Diskussiounen anenee féieren. Ech weess, dass dat eng ganz Rei Leit net schrecklech interesséiert, weder an deene leschte fënnef Joer nach haut, mä ech soe meng Argumenter a meng Vuen zu där Saach awer riicht weider, an och wa monter do weider diskutéiert gëtt, dat ass net dramatesch, Här President.

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).** - Mir hunn lech am Ouer.

■ **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Et ass gutt, Här Asselborn, et war net fir lech.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech bleiwen der Iwwerzeugung, dass esou laang wéi déi politesch Prioritéiten net festgesat sinn an esou laang d'Kompetenze vun deenen eenzelnen Acteuren net kloer festgeluecht sinn, dass esou laang d'Schafung vun engem Waasserwirtschaftsamt net ausreichend ass, fir déi bestoend Problemer a Konflikter ze léisen; scho guer net kann ee se léisen, wann dann awer nach eng Rei Kompetenzen auserneen an opgespléckt bleiwen.

Ech menge schonn, dass ganz oft Konflikter waren téschent der Ekonomie an der Form vun der Landwirtschaft, an der Ekologie an der Form vum Naturschutz, an esou vill wéi ech dat elo gesinn, sinn déi Konflikter net geléist, well mir elo eng duebel Kompetenz an deem Beräich hunn an awer nach déiselwecht Leit aus deenen zwou verschiddene Verwaltungen zu deene jeeweilegen Aspekter hir Meenung soen, och hir Texter schreiwen an hir Iddie wëlle bäidroen. Ech mengen net, dass mer dee gréisste Konfliktpotenzial, deen dobaussen um Terrain besteet, geléist hunn, well mer deen een Aspekt nach op där enger Säit gelooss hunn. Dofir mengen ech, ass et dann awer schued, dass mir no fënnef Joer net einfachen Tractatiounen - wat ech gären unerkennen, well ech mir och ka virstellen, wéi schwéier esou eng Verwaltungsreform ass - dat Haaptkonfliktfeld, dat Minnefeld wat deelweis nach dobaussen existéiert huet, nach ëmmer net geléist hunn an dat wäert och net besser gi bis d'Politik e kloert Konzept virgeluecht huet, wat si ënnert enger Gestion intégrée de l'eau versteet a bis och all Kompetenzen, wierklech all Kompetenzen am Beräich Waasser an deem Ministère regruppéiert si wou se higeiéieren, nämlech am Umweltministère.

Här President, ech mengen Dir hutt et erahnt, déi Gréng wäerten dëse

Projet net stëmmen, well hei ass d'Päerd net nëmme vun hannen opgesuedelt ginn, mä hei ass de Suedel och nach hannevir montéiert ginn. A mir sinn iwwerzeegt, dass esou eng Montur net effikass ka fonctionnéieren, also steet enger nächster Regierung am Beräich Waasser nach ganz vill Aarbecht bevir. Si muss d'EU-Direktiv nach ëmsetzen, si muss Kompetenze festleeën, si muss weider regruppéieren a si muss kloer Strukturen schafen. Dëst Gesetz huet vläicht e klenge Mérite, dass déi nächst Regierung net grad bei null brauch unzefänken.

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Gira. D'Regierung huet elo d'Wuert. Här Minister Wolter, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass en extrem wichtegt Gesetz, wat mer de Mëtteg hei an der Chamber verabschieden, et ass eng regelrecht Verwaltungsreform, déi duerchgefouert gëtt, et ass eng Reform, déi während iwwer 20 Joer an der politescher Diskussioun hei zu Lëtzebuerg bestanen huet, ouni dass se zu engem Succès gefouert ginn ass an et ass, no der Ëmsetzung vun der Reform iwwert d'Polizei, déi zweet wesentlech Verwaltungsreform, déi an dëser Legislatur um Niveau vum Ministère de l'Intérieur ëmgemat gëtt.

Et ass eng ganz schwierig Reform gewiescht fir et ze maachen - dat huet een och gesinn unhand vun den Diskussiounen, déi de Mëtteg gefouert gi sinn -, well et sech ëm e Sujet handelt, dee ganz kontrovers diskutéiert gëtt a wou contrairement zu deem wat verschidde Riedner hei wollte gleewen dinn, sech net op der Technicitéit vum Projet, mä op der philosophescher Ausriichtung vun der Aart a Weis, wéi een d'Politik an deem Domän gesäit, d'Geeschter scheeden. Wat et och ganz schwierig gemaach huet, fir nach eng weider Ronn an der Diskussioun ze dréinen, eng Ronn fir déi den Inneminister säit fënnef Joer der Chamber zur Verfügung gestanen huet fir et ze maachen, och nom Dépôt vun dësem Projet, deen ëmmerhin de 25. Juli am Joer 2002, dat heescht wäit iwwer annerhaleft Joer hier, gestallt ginn ass, hätt näischt dru gehënnert un enger Rei vu wesentleche weidere Punkten ze diskutéieren; an dat ass net geschitt.

Elo awer ze behaupten, dass kuerz virun de Wahlen an der Hektik vum Wahlstress dee Projet hei nach misst duerchgeboxt ginn, dat ass eng total Verkennung vun der Realitéit, mir sinn eben an deene Prozeduren - an dat hunn och fréier Membere vun der Regierung zu där Zäit, wou si an der Regierung waren, mussen matkréien - net ganz libre driwwer ze decidéieren, wéini wat fir ee Projet op den Instanze- wee, op den Instanzeweie schonn, mä an d'Chamber, kënn. Mä am Kader vun der Prozedur ass een un eng ganz Rei vun Aweise gebonnen, déi een zu engem Projet ka kréien. A wann een e Projet, deen een am Juli vum Joer 2002 déposéiert huet, eréischt am November vum Joer 2003, also mat engem Délai vu 16 Méint, aviséiert kritt, dann ass et engem beim beschte Wëssen a Gewëssen net méiglech, fir dat schonn am Oktober 2003 zur Ofstëmmung an der Chamber ze bréngen. De Februar vum Joer 2004 ass einfach nom November vum Joer 2003 an dorausser erkläert sech, firwat dass dee Projet elo an net een anere Moment zum Vote an der Chamber komm ass.

Et ass, wéi ech gesot hunn, e ganz wichtege Projet, well en eng legal Basis schafft fir dat nei Waasserwirtschaftsamt, e setzt domat e wesentleche Punkt vum Koalitiouns-kontrakt a vum Regierungsprogramm ëm, deen d'Schafung vun engem Waasserwirtschaftsamt virgesäit an deen och d'Kompetenz vum Minister vum Intérieur fir déi integréiert Waasserwirtschaft virgesäit. Dee Regierungsprogramm gesäit net vir, dass am selwechte Moment oder an deemselwechte Gesetz, wou d'Waasserwirtschaftsamt geschaf gëtt, och d'Ëmsetzung vun der Kaderdirektiv ëmgemat gëtt. Et besteet och d'ailleurs iwwerhaapt keng Relatioun, och keng funktionell Relatioun téschent deenen zwee Gesetzter.

Mir hunn haut eng Gesetzgebung, déi am wäiteste Sënn haut schonn den Direktive vun der europäesche Waasserpolitik entsprécht. Déi musse selbstverständlech op Grond vun den Direktiven a vun enger ganzer Rei vu Prezisiounen vun europäescher Säit, déi eréischt an deene leschte Méint op eisen Dësch geflattert sinn, prezisiéiert ginn. Dofir ass et net ganz komplett, wat mir haut maachen, mä mir maachen dat Kadergesetz, wat mer hei schafen, net nëmmen en vue vun der bestoender Gesetzgebung, mä et ass schonn op dat ausgerichtet, wat da méiglecherweis vu Kompetenz bei d'Waasserwirtschaft bäikënn.

Et ass schonn e puermol gesot ginn an eng laangjäreg Fuerderung vun alle politesche Parteien hei gewiescht, fir dat Waasserwirtschaftsamt ze schafen. Säit 1990 si sech allerdéngs d'Zänn dorunner ausgegabb ginn, aus enger ganzer Rei vun Ursaachen, déi ech perséinlech net an de parteipolitesche Beräich erasetzen, well do quéesch duerch d'Parteien argumentéiert ginn ass, fir net zur Schafung vun deem Waasserwirtschaftsamt ze kommen. An esou laang mir an der Situatioun bliwwe wären, dass mer gesot hunn, fir d'éischt mussen mer alles regele wat um Niveau vum Inhalt ass, eier mer d'Waasserwirtschaftsamt änneren, da wäre mer haut am Joer 2004 an der Situatioun, wou mer am Joer 1999 waren, wou mer an der Situatioun ware vum Joer 1994, wou mer an der Situatioun ware vum Joer 1990, jee, dann hätte mer haut och nach kee Waasserwirtschaftsamt geschaf.

Dofir huet dës Regierung gesot, nodeem et - wéi den Här Bodry et richtig gesot huet - an alle Parteiprogrammer drastoung, dass d'Waasserwirtschaftsamt soll geschafe ginn. Dat kann een da mat deem Ausdrock resüméieren andeem ee seet, d'Päerd wär dee falsche Wee opgezaimt ginn, mä dat Päerd ass dee Wee opgezaimt ginn, well déi 15 Joer virdu gewisen hunn, dass et iwwerhaapt net machbar war fir et deen anere Wee opzezaimen. Dunn hu mer an de Koalitiounsverhandlungen decidéiert, dass mer d'Waasserwirtschaftsamt schafen, dass mer déi koordinéiert Kompetenz schafen an dass mer, soubal mer déi europäesch Direktiv, net nëmmen als Direktiv, mä och mat sengen Ausféierungsbestëmmungen, do leien hunn, dann och zur inhaltlecher Neidefinitioun vun eiser Waasserpolitik géife kommen.

Wat - dat wëll ech dem Här Gira soen - net heescht, dass mer haut keng Waasserpolitik hätten an dass keng Vuen do wäre wéi se géif bestoen, déi besti ganz kloer an déi ginn definéiert duerch déi Gesetzter, déi haut applicabel sinn.

De Prinzip vum Schafe vun där neier Verwaltung gëtt d'ailleurs weder vum Conseil d'État - dee jo esou vill haut zitéiert ginn ass - nach vun der Chambre des Fonctionnaires an hiren Aweise kritiséiert. D'Schafung vun dëser Verwaltung ass, an dat ass fir mech e wesentlechen Aspekt, och als Minister, dee responsabel ass fir seng Fonctionnaires, dass mer d'Situatioun

vum Personal - dat sinn ongeféier 100 Leit - régulariséieren.

Déi Fonctionnaires, déi bis elo vun hirer Verwaltung an de Service de la gestion de l'eau détachéiert gi sinn, kommen elo definitiv an déi nei Verwaltung, wou sech dann hir Carrière wäert normal entwéckelen. Dës Régularisatioun betrëfft souwuel d'Stagiaires, déi elo haut nach anere Verwaltungen affectéiert ginn, mat alle Problemer, déi dat mat sech bréngt, wéi och eng Rei vun Aarbechter - dat ass de Mëtteg net hei gesot ginn -, déi elo an de Regime vum Statsaarbechter kommen an doduerch aus hirer prekärer an onsécherer Aarbechtssituatioun eraus an eng kloer Situatioun erakommen.

An deem Zesummenhang wëll ech och deen ongewéinlech positiven Avis vun der Chambre des Fonctionnaires ervirhiewen, déi absolut keng Kritik un den Dispositiounen vum Projet iwwert d'Personal unzemen huet. Ech wëll och drop hiweisen, dass de Conseil d'État, dee sech wuel am Recht ganz kritesch mat enger Rei vun Dispositiounen ausenanersetzt - ech kommen an enger Minutt domadder hin - séier weineg eppes um Volet Fonction publique vum Projet auszesetzen huet.

Zweetens, de Projet zielt d'Attributiounen an d'Missiounen vun där neier Verwaltung op. Niewent deene Kompetenzen, déi déi nei Verwaltung vun deene Servicer iwwerhëlt, déi sech bis elo ëm d'Waasser bekëmmert hunn - an dat ass fir mech och ganz wichtig - kommen eng Rei nei Missiounen dobäi: den Héichwaasserschutz, déi europäesch Waasserpolitik an d'Informatioun an d'Sensibilisatioun vun der Populatioun a Saachen nohaltig Gestiou vum eisem Waasser.

De Projet huet och net d'Ambitioun, all d'Kompetenzen, déi de près oder de loin mam Waasser ze dinn hunn, där neier Verwaltung ze iwwerdroen. Ech mengen och net, dass dat méiglech wär. De Betrib zum Beispill vun der Staumauer vun Esch-Sauer oder vun de Schleisen un der Musel bleift och an Zukunft deene Servicer, déi dofir zoustänneg sinn, iwwerlooss, wéi zum Beispill der Division des ouvrages vu Ponts et Chaussées. Dëst huet näischt direkt mat der Gestiou vun eisem Waasser ze dinn, mä d'Waasserverwaltung bekëmmert sech ëm d'Waassermengewirtschaft vun deenen Installatiounen a mécht an deem Sënn Virschreft fir d'Exploitatioun.

Des Weidere wäerten och an Zukunft verschidden Attributiounen nach vun zwou oder méi Verwaltungen ausgeübt ginn, egal an onofhängeg dovunner, wou d'Waasserwirtschaft elo um Niveau fonctionnel ugehaangen ass. Ech denken hei zum Beispill un d'Renaturéierung vun eise Waasserleef, wou nach wie vor d'Forstverwaltung an hire Service vum Naturschutz eng wichteg Roll ze spillen hunn, haaptsächlech wat d'Fiichtzone laanscht d'Baachen ugeet. Ech weisen an deem Zesummenhang gären drop hin, dass och wann zwee Ministären an engem Dossier zoustänneg sinn an engem Bierger oder enger Entreprise eng Autorisatioun mussen ausstellen, de Projet de loi keng zwou verschidden Autorisatiounen virgesäit, mä eng eenzeg Autorisatioun, déi vun deenen zwee verschiddene Ministären ausgestallt gëtt. Et kënn also net hei, wéi heiansdo behaupt gëtt, zu enger Komplikatioun vun der Prozedur fir de Bierger.

Drëtzens, d'Organisatioun vun der Verwaltung - och e wesentleche Bestanddeel vun dësem Kadergesetz - gëtt net kritiséiert, weder vun der Chambre professionnelle, nach vum Conseil d'État. Datselwecht kann ee soen iwwer en anere Punkt vum Projet, nämlech d'Fixatioun vum Kader vum Personal. Ausser enger eenzeger Remarque vum Conseil d'État, déi d'Attributioun vu verschidde Carrière vun enger Pri-

me betrëfft, wou et eis just drëm gaangen ass deene Leit, déi elo dës Prime an hirer aktueller Verwaltung hunn, ze garantéieren, gëtt dësen Aspekt absolut net kritisiert.

Och zu den Iwwergangsbestëmmungen, déi och hei, wéi an anere Gesetzer vu Kadergesetzer, traditionell zum Contenu gehéieren, huet d'Chamber des fonctionnaires, déi jo duerch hir Missionen e besonnenes kritescht A op den Aspekt vun der Rechter vun hire Membere werft, absolut näischt Negatives ze soen. Et kann een also dovunner ausgoen, dass och op dësem Punkt de Projet de loi an der Rei ass.

Eng ganz Rei vun Artikelen vum Projet hunn als Zil déi nei Attributiounen, déi d'Administration de la gestion de l'eau elo kritt, an deene verschidde Gesetzentexte ze verankeren. An deem Zesammenhang behauptet de Conseil d'État, d'Ännerungen, déi de Projet de loi virgesäit, wäeren net komplett, an zielt da véier Beispiller op, déi senger Meenung no beweisen, dass den Text inkohärent ass. Mir hunn an der Chamberskommission dës Remarque genee analyséiert fir festzustellen, dass heiansdo de Conseil d'État sech an der Aart a Weis, wéi hie gemengt huet den Text missen ze interpretéieren, géiert huet.

Ech kommen dann zu enger zweeter Fro, déi en fin de compte hei déi wesentlech Fro ass, well ech d'Impressioun hat, bei deem engen oder deem aneren, dass et guer net ëm d'Waasserwirtschaft gaangen ass en tant que tel, mä dass et éischter drëm gaangen ass, bei wat fir engem Ministère et soll ugesidelt sinn; woubäi ech der Meenung sinn, dass e Kadergesetz an d'Aart a Weis wou et ugesidelt ass net onbedéngt datselwecht ass.

Éischtens ass et den Artikel 76 vun der Verfassung, dee seet, dass et de Grand-Duc ass, deen d'Organisation vu senger Regierung organiséiert. Dës Prerogativ vum Grand-Duc, dat heescht vun der Aart a Weis wéi d'Regierungskoalitionsparteie mateneen eens gi fir d'Kompetenzopdeeling ze maachen, ass also a mengem Ae keng Kompetenz vum Conseil d'État. Ech hunn op jidde Fall néierens e Gesetz gelies wou de Conseil d'État sech an d'Organisation vun der Regierung anzemeschen huet. Dofir muss ech mech liicht verwonnert driwwer weisen, dass de Conseil d'État op dësem Punkt an en dehors du sujet mengt, e misst sech an déi Diskussioun amëssen.

Ech kann domadder d'accord sinn, den Här Bodry huet eng aner Meenung, den Här Gira huet eng aner Meenung, aner Leit hunn et gesot, dass een der Meenung ass, dass dat Waasserwirtschaftsamt op enger anerer Plaz kann ugesidelt sinn, mä fir dann aus deem dote Punkt an nach zwee, dräi anere Punkten, déi grad esou konstruéiert an opgebaut sinn, en Text ze refuséieren, dat ass a mengem Aen net déi Aart a Weis wou mir mengen, dass ee soll verfuehren.

Dat explizéiert och, firwat dass der Opposition formelle an der Remarque vum Conseil d'État en fin de compte et en dernier instant net Rechnung gedroe ginn ass, well contrairement zu deem wat hei mat ganz vill Akribie probéiert ginn ass de ganze Mëtteg ze soen, ass et net drëm gaange fir den Text ze änneren, mä et ass drëm gaangen den Text, dans son ensemble an haaptsächlech d'Fro vun der Attributioun vun deem Waasserwirtschaftsamt un de Ministère de l'Intérieur, ze kritiséieren. Ech mengen net, dass et dem Conseil d'État seng Missioun wär, d'Attributioun vun enger Verwaltung un e gewëssene Ministère, iwwerhaapt ze kommentéieren. A wann e mengt, et wär seng Roll et ze kommentéieren, menge mir, dass mir am Recht si fir de Conseil d'État drop hinze-

weisen, dass op Grond vum Artikel 76 vun der Verfassung et net seng Kompetenz ass, fir sech doriwwer auszeloossen.

■ **Une voix.** - De Conseil d'État huet e Saz aus dem Exposé des motifs erausgeholl an deen als Ulass geholl, fir sech dann doriwwer seng Meenung ze maachen.

■ **M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.** - Et ass d'ailleurs och fir mech eng falsch Kritik an deem Sënn, dass mer hei an deem ganze Kadergesetz, an dat expressis verbis, net gesot hunn, dass dee Minister dee responsabel wär iwwert d'Waasserwirtschaftsamt, den Innenminister wär. Den Innenminister ass responsabel, well op Grond vun der Andeelung vum Ministère gesot ginn ass, d'intégréiert Waassergestioun ass an der Kompetenz vum Innenminister. Mä mir hu ganz kloer an deem Projet de loi hei gesot, dass et dee Minister - Membre du Gouvernement ayant dans ses attributions la coordination et la politique générale de l'eau - ass, deen zoustänneg ass fir d'Waasserwirtschaftsamt. Dat heescht, dass et absolut méiglech ass, dass dann an enger nächster Legislatur de Ministère de l'Environnement oder de Ministère de l'Agriculture oder iergendeen anere Minister aus Grënn, déi dann am Kader vun der Regierungsverhandlungen erauskommen an op Grond vun inhaltlecher Meenung, firwat dass ee mengt, dass eng Administratioun éischter bei een oder een anere Ressort kann oder soll kommen, décidéiert, ob déi Verwaltung hei beim Innenminister bleift oder net.

Mir hunn dat expressis verbis gemaach, fir einfach de prime abord aus der Diskussioun erauszekommen, déi eng allengeg Fokalisierung war op d'Fro - wat zwar de Mëtteg largement geschitt ass -, ob dann elo oder net den Innenminister déi richteg Plaz wär, fir dat Waasserwirtschaftsamt unzesetzen.

Doriwwer eraus an onofhängeg dovunner, a fir all deenen emol eng Käier ze widderstrieden - well et an der Politik jo awer och nach méiglech ass, dass een eng aner Meenung huet -, déi der Meenung sinn, dass d'Waasserwirtschaftsamt onbedéngt misst bei de Ministère de l'Environnement kommen, well ech soen, dass ech ni där Meenung war, net där Meenung sinn an och héchstwahrscheinlech net där Meenung wäert ginn, well fir mech d'Waasserkompetenz net eng reng sektoriell Kompetenz ass. Wuel ass den Naturschutz an den Émweltschutz e wesentlechen Aspekt vun der Fro vum Waasser a vun der Fro vun der Waasserpolitik, mä et gëtt nach ganz vill aner Aspekter, déi och hir Wichtigkeet hunn: déi sanitär Aspekter wat d'Waasserqualitéit ubelaangt, déi ökologesch an déi ökonomesch Aspekter.

Et ass de Mëtteg hei e bëssen esou gelaacht ginn, wat den ökonomeschen Deel ubelaangt, mä de Waasserpräis, de Prinzip vum Pollueur-payeur, wat wesentlech ökonomesch Facteur sinn, d'Fro ënner wat fir enge Konditiounen d'Betriber notament och den Zougang zum Waasser kréien, d'Fro no wat fir enge Kritären d'Bauere kënnen den Zougang zum Waasser kréien, si wesentlech och wirtschaftlech Considératiounen, déi do eraspillen, jo ech soen esouguer, dass et sozial Aspekter ginn, déi am Kader vun der Waasserpolitik hir Noutwendegkeet hunn. Dofir war ech der Meenung a bleiwen der Meenung, dass et besser ass, et hält een e sou genannten neutrale Minister, deen eben net domadder befaasst ass, dass en eng Politik an engem Ressort exklusiv aus enge vun deene véier oder fënnf verschiddeenen Aspekter kuckt, mä dass et een ass, deen d'Méiglechkeet huet d'Synthèse ze maache vun all deenen Aspekter, déi sech dorëms dréinen.

Ech wëll awer net vergiessen ze soen, dass bal 3/4 vun deem wat mam Waasser de près et de loin ze dinn huet, iwwert d'Gemengen awer souwisou eppes mam Intérieur ze dinn huet; ob et d'Waasser-versuergung ass, ob et d'Ofwaasserversuergung ass, alles dat gëtt de près et de loin an de Gemengen, also mat der direkter Mathéle vum Innenminister, hei zu Lëtzebuerg regléiert.

Dofir war et guer net esou abwegig, wéi verschidde Leit dat hei wollte maachen, notament den Här Gira, deen esouguer d'Téléfonbuch vum Ministère de l'Intérieur huet missen zu Rot huelen, fir sech d'Fro ze stellen, wat dat Waasserwirtschaftsamt dann do am Intérieur verluer hätt. Wäit iwwert d'Téléfonbuch vum Intérieur eraus ginn et ganz kloer Regeln a ganz kloer Argumenter, firwat dass een dat Waasserwirtschaftsamt och mat ganz guddem Grond an den Intérieur setzt an net an de Ministère de l'Environnement, woubäi, wann eng nächst Regierung kënnt a si ass der Meenung, dass eng aner Attributioun déi besser ass, ech dann absolut domadder lieue kann. Dat ass fir mech vill manner en dogmatische Punkt wéi ech d'Impressioun hat, dass et ee fir deen een oder deen aneren heibanne war.

E leschte Punkt, deen ech nach wollt uschwätzen, ass dee vun der Émsetzung vun der Kaderdirektiv, well et dee Punkt och ass, niewent deem vun der Amëschung vum Statsrot um Niveau vum Artikel 76 vun eiser Verfassung, dee mech am Avis vum Statsrot am meeschten am Fong géiergert huet, an dat ass deen, dass de funktionelle Lien gemaach gëtt am Avis vum Statsrot, tëschent der Schafung vun enger Verwaltung an der Émsetzung vun enger Direktiv, gradesou wéi wa mir déi Verwaltung do géife schafen, wéi wann déi mat kenger Gesetzgebung eppes ze dinn hätt, wéi wann déi am absolut loftleere Raum do géif funktionéieren, wéi wa während deene leschten 10, 20, 30, 40 a 50 Joer keng Waasserpolitik gemaach gi wär.

Et ass ëmmer Waasserpolitik hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn. Si ass vläicht net esou koordinéiert gemaach gi wéi se hätt kënnen gemaach ginn. Et gi sécher och nach Punkten, déi een an Zukunft ka verbesseren, Ech war frou, dass notament den Här Mehlen awer och een Aspekt hei zitéiert huet, deen ech bei villen anere Leit net héieren hunn, nämlech dass mer et hei och mat Mënschen ze dinn hunn, déi aus enger verschiddeenaarteger Vergaangenheet kommen, an de Fait fir eng Verwaltung ze schafen, wou Leit mat engem Background kommen, dee während 20, 30 a 40 Joer en anere war, an déi beienee ze kréien, déi dozou ze bréngen, dass se eng eenheetlech Positioun ergräifen, dass se zesummekommen an dass se kucken eng gemeinsam Optik ze kréien, dat eleng ass schonn e Kraaftakt, wou ech déi Leit am Waasserwirtschaftsamt, déi déi lescht fënnf Joer dat Waasserwirtschaftsamt op d'Beegesat hunn, muss félicitéieren, dass se et fäerdeg bruecht hunn, an dat wäert sech dann am Laf vun der Zäit nach verbessern, wann et och nach Schwierigkeete punktueller Natur op där enger oder anerer Plaz gëtt, och emol eng Käier an deene leschte fënnf Joer eng Unité de vue an déi haaptsächlechste Aspekter eranzekréien, wat d'Waasserwirtschaftsamt ubelaangt.

D'Émsetze vun der Direktiv, wéi se am Joer 2000 adoptéiert ginn ass, wier onméiglech gewiescht. Dat huet d'europäesch Communautéit selwer gesinn, andeem se direkt nodeem se déi Direktiv op den Instanzewee ginn hat, d'Memberstaaten driwwer informéiert huet, dass

nach eng ganz Rei vu Guidelines missten ausgeschafft ginn, fir dass déi Direktiv iwwerhaapt émsetzbar wär.

Et ass eréischt ënner italienescher Présidence, dat heescht am November/Dezember vum leschte Joer, wou déi lescht vun deene Guidelines iwwerhaapt ausgeschafft gi sinn, déi eis elo emol lues a lues iwwerhaapt zougestallt ginn. D'Velaangen, dass een also an engem Moment, wou een nach net ganz genau weess a wat fir eng Richtung, dass et geet, schonn e Projet de loi géif op den Instanze-wee ginn, deen definitiv d'Fro léist, hätt eis dem berechtigten Re-proche hei an der Chamber ausgesat, dass mer virun de Won gelaf wäeren, dass mer emol net ofge-waart hätten, wat dann definitiv vun europäescher Säit an där Direktiv an an hire Guidelines géif stoen, ier me da géifen an d'Richtung goen, dass mer déi Waasserdirektiv géif émsetzen.

D'Gestioun vum Grondwaasser ass e wichtige Piller an der Kaderdirektiv, mä et ass awer am Europäesche Conseil kee Kompromiss fonnt ginn, speziell wat d'Mesures de dépollution vum Grondwaasser ubelaangt. Et ass eréischt Enn vum Joer 2002 wou eng Zousatzdirektiv iwwert dës Aspekter soll presentéiert ginn, déi en fin de compte awer net am Hierscht 2002 presentéiert ginn ass, mä déi eréischt am Wanter vum Joer 2003 presentéiert ginn ass. Dat heescht mir sinn elo eréischt säit engem Mount iwwerhaapt hei zu Lëtzebuerg definitiv um Niveau vum Grondwaasser a Possessioun vun de Vuen, no deene mer am Fong déi Direktiv sollen émsetzen.

De Volet Héichwaasser gehéiert eiser Meenung no och an d'Gesetz iwwer eng integrativ Waasserbewirtschaftung. Or ass dës Thema net an der Waasserrahmrichtlinn abordéiert ginn. D'Kommission hat dofir virun anerhallwem Joer e sou genannte Strategiepabeier zum Héichwaasser an Aussicht gestallt, an och dësen ass eréischt an dësem spéiden Hierscht eis zougestallt ginn.

Wann ech also dat alles zesumme kucken, an et wäert jo kee mengen, dass eis Verwaltung net scho säit iwwer zwee Joer un där Direktiv do schafft, fir ze kucken dee Projet de loi do émsetzen, mä wann ech awer d'Zomm maache vun deem wat mer nach am Summer vum leschte Joer net woussten, an eis dann an eng Situatioun ze bréngen wéi de Statsrot et wëllt maachen, a wéi och mengen ech den Här Bodry et wëllt maachen, fir ze soen, elo musst Der waarde mat der Émsetzung vum Kadergesetz, bis dass Der déi Direktiv definitiv a Lëtzebuerg Gesetz ëmgesat hutt, muss ech lech bei aller Frëndlechkeet soen, dass ech domadder net d'accord konnt sinn.

Dat géif nämlech mat sech bréngen, dass mer Beamten - dofir kënnen déi net -, déi säit 4½ Joer op eng definitiv Nominatioun an hirem Ministère an an enger Administratioun waarden, déi nach elo während zwee Joer oder zwee an engem hallwe Joer, well ech soen lech virun, egal wien hei Innenminister oder Waasserminister an der nächster Regierung ass, et dauert nach zwee bis zwee an en halleft Joer bis mer d'un point de vue procédural déi Waasserrahmrichtlinien an d'national Gesetzgebung ëmgesat hunn, mä d'Beamte während siwien, siwien an engem hallwe Joer waarden ze loossen, bis mer hinnen e Kader ginn hunn, dat ass eppes mat deem ech perséinlech net ka liewen.

A wann ech dat alles zesumme kucken, déi Fro vum Artikel 76, déi funktionell Ubannung vun deem heite Projet un déi inhaltlech Politik, wou et nach zwee bis dräi Joer dauert ier mer déi ëmgesat hunn, si mer zur Konkusioun komm, dass mer der Chamber dës Projet zum Vote wëlle virleeden.

Domadder hunn ech eng Rei Saa-schen erreecht, fir déi d'Regierung sech viru fënnf Joer engagéiert huet, nämlech d'Waasserwirtschaftsamt schafen, de Leit e kloer Kader ze ginn, wat hir Carriären ubelaangt. Et ass un enger nächster Regierung fir driwwer ze diskutéieren, ob dësen oder dee Ministère responsabel dofir ass, mä egal wat fir ee Ministère et ass, dee kënnt dann an de Genoss vun engem geschafene Waasserwirtschaftsamt, an net an de Genoss vun eppes wat nach net fäerdeg ass.

Et huet dem Här Bodry d'Méiglechkeet ginn ze soen, d'Politik vun der Regierung wär net kohärent, si wär net duerchduecht, si wär net ausgeräift. Esou huet jiddereen d'Méiglechkeet gehat Saint ze soen, inklusiv ze soen, et wär an engem leschte Sursaut vun dëser Legislatur, dass et géif kommen.

Ech muss lech soen, fënnf Joer, fir e Projet de loi auszuschaffen, ass e laangen Dag. Ech si frou, dass mer dee Vote haut kënnen huelen, an och wa mer nach eng zweet Etapp missten huelen, ech hoffen, dass de Statsrot au vu vun deenen dach pertinenten Argumenter, déi mer ginn hunn, vu senger Opposition formelle zrëckkënn. Wann en net dorobber zrëckkënn, dann hoffen ech, dass d'Chamber och an engem zweete Vote hir Zoustëmmung zum Projet gëtt, fir dass mer virum Enn vun dëser Legislatur eis Engagementer agehalen hunn an engem zukünftege Minister d'Méiglechkeet ginn, en Outil ginn, e Moyen ginn, fir déi inhaltlech Waasserpolitik - do huet den Här Gira Recht -, déi an där nächster Legislatur wäert haaptsächlech um Instanzewee an um Gedankewee vun der Politik bestoen, dass e propper kann domat schaffen.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4998 a stëmmen driwwer of. Den Text steet am Document parlementaire 4998³.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 13 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 14 ass gelies.

Fir den Artikel 14 ass e Vote séparé gefrot. Mir stëmmen also elo of iwwert den Artikel 14.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi aner stëmme mat Neen oder si ent-hale sech.

Den Artikel 14 ass mat 33 Jo- a 24 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes (par M. Marco Schank), Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Théo Stendebach), Marco Schank, Jean Spautz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par Mme Ferny Nicklaus-Faber) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jean-not Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu (par M. John Schummer), MM. Gusty Graas, Paul Helming (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos

Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. François Bausch).

D'Artikele 15 bis 24 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de gesamten Text vum Projet de loi 4998.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder ent-hale sech.

De Projet de loi 4998 ass ugeholl mat 33 Jo-Stëmme géint 24 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco

Schank, Jean Spautz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Théo Stendebach) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jean-not Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell et John Schummer.

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Op kee Fall.

Une voix.- Mir kënnen jo net!

M. le Président.- D'Majoritéit gëtt d'Dispens, deemno ass et esou decidéiert. Et ass elo um Conseil d'État fir ze soen, ob mer nach eng Kéier mussen erëmkommen.

Motion 1

Mir hunn nach eng Motioun virleien, déi vum Här Schank abruecht ginn ass. Wëllt nach een eppes zur Motioun soen? Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, zwou Remarken.

Et ass schoonn awer e bëssen erstaunlech, de Mëtteg ass vun der Majoritéit x-mol betount ginn, et géng kee Lien ginn tëschent dem Kadergesetz vun haut an der europäescher Waasserdirektiv, an da bréngt d'Majoritéit an dësem Kontext dës Motioun! Dat déi éischt Remarque.

Déi zweet Remarque: Wa mir elo all Kéiers, wann d'Majoritéit eng Direktiv net ëmgesat huet, hei Motiounen mussen stëmme, da fäerten ech, maache mer bis d'Wahle soss näischt méi. Et gëtt nach esou vill europäesch Direktiven, déi net ëm-

gesat sinn. Do verstinn ech net esou richteg wat dat soll, an dofir enthalen mir eis beim Vote vun dëser Motioun.

M. le Président.- Den Här Bodry huet d'Wuert gefrot.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, eng zousätzlech Remarque zu deem Ganzen hei. Den Här Weiler, wann en hei wär, géif soen, dat hei wär eng Motioun, déi superfétatoire wär. D'Regierung opzufuerderen, eng Direktiv ëmzesetzen, déi eigentlech schon hätt missen am Dezember 2003 ëmgesat sinn, ass eigentlech liicht gewot, géif ech soen.

Une voix.- Ass superfétatoire!

M. Alex Bodry (LSAP).- Der-niewent wëll ech rappelléieren, dass wann ech de Minister richteg verstanen hunn, hie souwiso der Meenung ass, wann een dat wëllt propper maachen an alles berücksichtigen, da géif et nach zwee bis dräi Joer daueren. E widder-spricht eigentlech dem Text vun der Motioun, wou „dans les meilleurs délais“ d'Regierung opgefuerdert gëtt, dat ze maachen. Dat bestärkt eis an der Meenung, dass mir dat do net acceptéieren. Mir wäerten eis beim Vote enthalen.

M. le Président.- Här Minister.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Här President, zum leschte Punkt vum Här Bodry wëll ech soen, dass wann hei steet „à entamer dans les meilleurs délais les travaux de transposition“, mer dat selbstverständlech maachen, mä dass ech jo gesinn hu bei dësem Projet, dass wann een annerhaleft Joer op den Avis vum Statsrot waart, souguer wann een „dans les meilleurs délais“ dat déposiert, also nach vläicht virun de Wahle géif déposéieren, een duerno annerhaleft Joer oder méi muss waarde bis een en Avis huet. Da si mir op deenen zwee Joer, wéi ech virdru gesot hunn, déi et sécher wäert daueren, bis dee Projet de loi den Instandzeweie gepackt hätt.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Minister, maacht et wéi d'Bau-teministes, do huet de Conseil d'État schoonn déi Woch duerno direkt ofgelievert.

M. le Président.- Mir maachen de Vote iwwert d'Motioun 1, déi vum Här Schank abruecht ginn ass.

Vote

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV
weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral

•

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)

•

Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29

•

An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32

•

An der Gemeng Péiteng
um Kanal S33 / 399.25 Mhz

•

An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29

•

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

•

Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Bërmereng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ

•

Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem a Nospelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

D'Motioun 1 ass ugehall mat 33 Jo-Stëmmen a 24 Enthaltungen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Théo Stendebach) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell et John Schummer.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).

3. Demandes en naturalisation

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung, dat sinn d'Naturalisatiounen. An dofir muss ech de Huis clos ausschwätzen.

De Huis clos ass ausgesprach.

* * *

De Huis clos ass opgehuewen an déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 51 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugehall. Esou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat véier Ännerunge vun Numm a Virnumm averstanen erkläert.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 11 février 2004

1. BALKAN Fatima, née le 18 septembre 1968 à Novi Pazar (Yougoslavie), demeurant à Bastendorf

2. CABRERA MONTES Devora, née le 27 avril 1967 à Tapirillo/Loreto (Pérou), demeurant à Luxembourg

3. D'EUFEMIA Giuseppe, né le 16 novembre 1953 à Matera (Italie), demeurant à Luxembourg

4. HEYNEN Guy Yves Louis, né le 17 mars 1944 à Tshikapa (République démocratique du Congo), demeurant à Capellen

5. GHILNEUX Yvonne Marie José, née le 9 janvier 1948 à Ixelles (Belgique), demeurant à Capellen

6. HIÉRONIMUS Eric Bernard, né le 12 décembre 1959 à Arlon (Belgique), demeurant à Hagen

7. PIERRARD Diane Marie Marceline, née le 23 avril 1960 à Saint-Mard (Belgique), demeurant à Hagen

8. HORSKA Markéta, née le 12 septembre 1973 à Boskovice (République tchèque), demeurant à Itzig

9. JAHANGARD PATAVANI Behnaz, née le 24 mars 1966 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg

10. JOLIET Patrick René Mathieu, né le 7 mars 1964 à Mechelen (Belgique), demeurant à Sandweiler

11. KIANPOUR Gholamreza, né le 22 novembre 1983 à Téhéran (Iran), demeurant à Luxembourg

12. KRASTEV Boris, né le 26 septembre 1945 à Stambolovo (Bulgarie), demeurant à Frisange

13. NEUMANN Wolfgang, né le 30 juin 1955 à Dortmund (Allemagne), demeurant à Fischbach/Mersch

14. KOPPERSCHLÄGER Monika Emilie, née le 4 mai 1957 à Dortmund (Allemagne), demeurant à Fischbach/Mersch

15. PANETTA Vincenzo, né le 11 octobre 1957 à Mammola (Italie), demeurant à Differdange

16. MAFRICA Pietronilla, née le 14 février 1962 à Melto di Porto Salvo (Italie), demeurant à Differdange

17. PECOV Slobodan, né le 14 décembre 1954 à Zvegor (République de Macédoine), demeurant à Luxembourg

18. PENA NUNEZ Joel Isaias, né le 20 juin 1952 à Lanco (Chili), demeurant à Luxembourg

19. REBOLLEDO MORA Sonia Angelica, née le 13 juillet 1955 à Carahue (Chili), demeurant à Luxembourg

20. QOUDAD Marhnia, née le 13 janvier à Touissit (Maroc), demeurant à Leudelange

21. REYES Cathy, née le 16 novembre 1967 à Taytay (Philippines), demeurant à Luxembourg

22. RISTOVSKI Velinçe, né le 25 mars 1974 à Junglinster, demeurant à Luxembourg

23. ZLATANOVSKA Danielka, née le 9 avril 1979 à Kamenica (Macédoine), demeurant à Luxembourg

24. RODRIGUES DE CARVALHO Antonio, né le 26 février 1947 à Vila de Punhe/Viana do Castelo (Portugal), demeurant à Bascharage

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de DE CARVALHO Antonio.

25. SALGUEIRO DE MATOS Paulo Jorge, né le 16 septembre 1967 à

Pardilho/Estarreja (Portugal), demeurant à Consdorf

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de DE MATOS Paul.

26. FERNANDES LOPES Susana Margarida, née le 3 décembre 1963 à Mortagua (Portugal), demeurant à Consdorf

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de LOPES Susy.

27. SHEN Mo, née le 10 décembre 1983 à Shanghai (Chine), demeurant à Luxembourg

28. SILVA DUARTE José Eduardo, né le 18 août 1966 à Ovar (Portugal), demeurant à Bascharage

29. SILVESTRUCCI Ersilio, né le 28 février 1956 à Foligno (Italie), demeurant à Fennange

30. ALBANESE Maria Isolina, née le 9 novembre 1958 à Mammola (Italie), demeurant à Fennange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénoms de ALBANESE Isolina Maria.

31. SLUJITORU Cristian, né le 10 août 1961 à Filiasi (Roumanie), demeurant à Luxembourg

32. SOUILMI Hayet, née le 16 décembre 1972 à Kasserine (Tunisie), demeurant à Luxembourg

33. STANCIU Paul, né le 28 septembre 1957 à Barcanesti (Roumanie), demeurant à Differdange

34. GHEORGHE Vasilica, née le 18 mars 1967 à Crasani (Roumanie), demeurant à Differdange

35. STANCIU Vali Cristian, né le 8 janvier 1980 à Bucarest (Roumanie), demeurant à Differdange

36. SZOMBATHY Gyözö Gabor, né le 5 août 1955 à Budapest (Hongrie), demeurant à Luxembourg

37. SARKÖZI Györgyi, née le 13 juin 1955 à Ajka (Hongrie), demeurant à Luxembourg

38. SZOMBATHY Viktoria, née le 5 avril 1982 à Budapest (Hongrie), demeurant à Luxembourg

39. TUBIC Nedzad, né le 12 janvier 1970 à Prnjavor/Kalesija (Bosnie-Herzégovine) demeurant à Luxembourg

40. VALENZUELA ROSAS Lidia Esperanza, née le 3 août 1962 à Arequipa (Pérou), demeurant à Luxembourg

41. VARELA FURTADO Julio, né le 3 juin 1968 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg

42. PAGNON Patricia Corinne Valérie, née le 4 janvier 1974 à Reims (France), demeurant à Luxembourg

43. WAGNON Charles Henry Joseph Marie Ghislain, né le 17 mars 1945 à Mouscron (Belgique), demeurant à Ettelbruck

44. VAN MELCKEBEKE VAN DEN NIEUWENHUYSEN Marie Christine Ghislaine Reine Casimir, née le 13 avril 1947 à Beloeil (Belgique), demeurant à Ettelbruck

45. WILMES Roger Walter, né le 24 janvier 1959 à St. Vith (Belgique), demeurant à Huldange

46. HERBRAND Renate Elisabeth, née le 9 mars 1965 à St. Vith (Belgique), demeurant à Huldange

47. WOLNICKI Zygmunt Jan, né le 21 juillet 1946 à Zloczew (Pologne), demeurant à Mertzig

48. CESARZ Teresa Wanda, née le 26 janvier 1950 à Sosnowiec (Pologne), demeurant à Mertzig

49. ZHANG Xiao Ming, né le 1^{er} décembre 1959 à Hai Nan (Chine), demeurant à Luxembourg

50. LIU Jing, née le 8 novembre 1959 à Shanghai (Chine), demeurant à Luxembourg

* * *

Domadder si mer um Enn vun eise-m Débat vun haut. Et geet muer weider um hallwer dräi mam Débat iwwert d'Immigratioun.

(Fin de la séance publique à 18.23 heures)

Sommaire des séances publiques

Débat d'orientation sur la 5ème Conférence ministérielle de l'OMC - Cancún, du 10 au 14 septembre 2003 pages 349-355

5131 - Débat d'orientation concernant la réglementation de certaines formes de médecines complémentaires ou non conventionnelles pages 355-367

5276 - Projet de loi concernant la participation aux élections européennes du 13 juin 2004 des ressortissants des États qui deviendront membres de l'Union européenne le 1er mai 2004 pages 367-369

5214 - Projet de loi ayant pour objet de modifier et de compléter la loi électorale du 18 février 2003 pages 369-370

Communications page 371

Déclaration de recevabilité page 371

Ordre du jour page 371

Dépôt d'une motion par M. Robert Mehlen pages 371-372

Heure de questions au Gouvernement:

- Question N° 359 du 9 février 2004 de Monsieur le Député Marc Zanussi au sujet du non-accord sur la mise en vigueur des nouvelles conditions de travail aux CFL, adressée à Monsieur le Ministre du Travail et de l'Emploi page 372

- Question N° 360 du 10 février 2004 de Monsieur le Député Gusty Graas au sujet d'un exercice de crise transfrontalier simulant un incident à la Centrale électronucléaire de Cattenom, adressée à Monsieur le Ministre de l'Intérieur page 372

- Question N° 361 du 9 février 2004 de Monsieur le Député Jean Huss au sujet de la contamination de légumes dans les jardins de certains quartiers ou rues des localités du sud de notre pays, adressée à Monsieur le Ministre de l'Environnement pages 372-373

- Question N° 362 du 10 février 2004 de Monsieur le Député Marco Schank concernant le renouvellement des autorisations de rejets et de prélèvements d'eau pour le CNPE de Cattenom introduite par l'exploitant du CNPE de Cattenom auprès des autorités françaises, et aux procédures y relatives, adressée à Monsieur le Ministre de l'Environnement page 373

- Question N° 363 du 10 février 2004 de Monsieur le Député Lucien Lux au sujet des aides étatiques prévues à l'article 43 de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en œuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998, adressée à Monsieur le Ministre du Travail et de l'Emploi pages 373-374

- Question N° 364 du 10 février 2004 de Monsieur le Député François Bausch au sujet de l'état des travaux du groupe de travail individualisation, adressée à Monsieur le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 374

- Question N° 365 du 10 février 2004 de Monsieur le Député Ben Fayot sur la position du Gouvernement luxembourgeois concernant la réglementation du tabagisme dans les lieux publics, adressée à Monsieur le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 374

- Question N° 358 du 10 février 2004 de Madame la Députée Marie-Josée Frank concernant la reconnaissance de la profession de santé "psychothérapeute agréé" et les effets de cette reconnaissance, adressée à Monsieur le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale page 374

5047/5039 - Proposition de révision des articles 63 et 65 de la Constitution pages 374-376

Ordre du jour page 376

5190 - Projet de loi portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume de Danemark, la République Fédérale d'Allemagne, la République Hellénique, le Royaume d'Espagne, la République Française, l'Irlande, la République Italienne, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas, la République d'Autriche, la République portugaise, la République de Finlande, le Royaume de Suède, le Royaume-Uni de Grande-Bretagne et d'Irlande du Nord (États membres de l'Union européenne) et la République Tchèque, le Royaume d'Estonie, la République de Chypre, la République de Lettonie, la République de Lituanie, la République de Hongrie, la République de Malte, la République de Pologne, la République de Slovaquie et la République Slovaque relatif à l'adhésion de la République Tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Lettonie, de la République de Lituanie, de la République de Hongrie, de la République de Malte, de la République de Pologne, de la République de Slovaquie et de la République Slovaque à l'Union européenne, signé à Athènes, le 16 avril 2003 pages 376-384

Motion de M. Robert Mehlen demandant à Madame la Ministre des Travaux publics de présenter dans les plus brefs délais sa démission au Grand-Duc pages 384-386

5014 - Projet de loi portant modification de la loi du 24 février 1999 autorisant l'Etat à participer au financement de la mise en place par le syndicat SEBES d'une conduite d'eau potable allant de Grosbous via Mersch à Junglinster pages 387-389

4998 - Projet de loi portant création d'une Administration de la gestion de l'eau pages 389-401

Demandes en naturalisation page 401

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzeburger Journal, Zeitung vum Lëtzeburger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Luxembourg

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg